



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 09.02.2018



Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos / Illustrations: Ville de Dudelange, David Laurent/Wili, Roberto Santoprete
N°1 /2018 - Parution: avril 2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 09 FÉVRIER 2018

Séance publique:

1. CORRESPONDANCE	09
2. CIRCULATION:	13
2.1. approbation des compléments à apporter au règlement général de la circulation - stationnement pour véhicules électriques	
2.2. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la rue um Kräizbierg	
2.3. confirmation d'un règlement temporaire du collège des bourgmestre et échevins à l'occasion de l'organisation des grands marchés mensuels pour l'année 2018	
2.4. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses pour l'année 2018	
3. FINANCES COMMUNALES	16
3.1. plan pluriannuel de financement des exercices 2019 à 2021 - présentation et discussion	
3.2. modification du chapitre VII - city-bus - du règlement-taxes général	
3.3. modifications du chapitre XIV - gaz - du règlement-taxes général	
3.4. modification du chapitre XXX - stationnement résidentiel - du règlement-taxes général	
3.5. approbation des relevé et rôle supplémentaire de la taxe sur les chiens de l'exercice 2017	
3.6. approbation de devis estimatifs:	
3.6.1. réaménagement du croisement route de Zoufftgen/rue du Commerce et rue du Commerce/rue de la Libération et pose de conduites de gaz et d'eau, du réseau de canalisation, de l'antenne, des télécommunications et de l'éclairage et de la sonorisation	
3.6.2. renouvellement de la façade de l'école Baltzing	
3.6.3. aménagement d'une salle polyvalente à l'école Brill	
3.6.4. réfection de la cour de récréation et réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt	
3.6.5. aménagement transitoire d'un terrain de basketball type «Streetball» au site NeiSchmelz (Skatepark)	
3.6.6. réfection de la terrasse logement social Tattebiërg	
3.6.7. installation d'une ventilation dans la maison relais Schwemm	
3.6.8. mise en conformité du sous-sol de l'Hôtel de Ville	
3.6.9. installation d'une serre communale	
3.6.10. mise en état de la voirie rurale au lieu-dit «Roudebiërg»	
3.7. approbation de décomptes	
3.8. approbation du 1 ^{er} avenant à la convention avec le Ministère de la Culture concernant la participation financière étatique aux frais de fonctionnement du centre culturel régional opderschmelz	
3.9. subsides extraordinaires à accorder	
4. COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES ET DE GROUPES DE TRAVAIL	43
4.1. composition de la commission de surveillance de l'école régionale de musique	
4.2. composition de la commission des loyers	
4.3. nomination des membres aux groupes de travail et des membres-experts dans les différentes commissions	
5. NOMINATION D'UN DÉLÉGUÉ EFFECTIF ET D'UN DÉLÉGUÉ SUPPLÉANT AUPRÈS DE «KLIMABÜNDNIS LËTZEBUERG - KLIMABÜNDNIS LUXEMBURG - ALLIANCE POUR LE CLIMAT, LUXEMBOURG»	46
6. NOMINATION DE TROIS DÉLÉGUÉS POUR LE SYNDICAT DES TRAMWAYS INTERCOMMUNAUX DU CANTON D'ESCH (TICE)	47



7. DÉVELOPPEMENT URBAIN - APPROBATION DE LA PROPOSITION D'INSCRIRE LES MAISONS SISES 37, ET 39, RUE DU COMMERCE, À L'INVENTAIRE SUPPLÉMENTAIRE DES MONUMENTS NATIONAUX	47
8. OFFICE SOCIAL - APPROBATION DES BILAN ET COMPTE DE PROFITS ET PERTES DE L'EXERCICE 2015	48
9. PERSONNEL	49
9.1. fixation du nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2018	
9.2. création de deux postes d'employés communaux pour l'école régionale de musique et suppression de deux postes d'employés communaux existants	
10. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	53
SÉANCE À HUIS CLOS:	
11. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - APPROBATION DE CHANGEMENTS DANS L'ORGANISATION SCOLAIRE 2017/2018	
12. COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES	
12.1. composition de la commission consultative communale d'intégration	
12.2. désignation des membres citoyens dans les diverses commissions	
13. PERSONNEL	
13.1. départ à retraite d'une employée communale	
13.2. engagement d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1 sous-groupe scientifique et technique	
13.3. démission d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1 sous-groupe scientifique et technique	
13.4. augmentation de la tâche hebdomadaire à tâche variable d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (ancienne carrière de l'aide éducateur)	
13.5. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (ancienne carrière de l'agent municipal)	
13.6. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif (ancienne carrière de l'expéditionnaire administratif)	
13.7. nomination définitive d'un fonctionnaire communal de la carrière de l'expéditionnaire administratif	
13.8. promotion à accorder à un fonctionnaire communal de la carrière de l'agent municipal	
13.9. promotion à accorder à un fonctionnaire communal de la carrière de l'agent municipal	
13.10. promotion à accorder à un fonctionnaire communal de la carrière de l'agent municipal	
13.11. promotion à accorder à un fonctionnaire communal de la carrière de l'expéditionnaire administratif	
13.12. promotion à accorder à un fonctionnaire communal de la carrière du rédacteur	
13.13. suppression du paiement de l'indemnité pour charges accessoires rendues dans le cadre de la formation des adultes - cours informatiques, accordée à un fonctionnaire communal	
13.14. nominations définitives avec décision de classement de deux employés communaux	



RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 9 FÉVRIER 2018

Présents¹: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, JeanPaul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.
Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absents: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Le bourgmestre porte ensuite les informations suivantes à la connaissance des conseillers communaux:

1. suite à un incendie, les anciens immeubles du site Affilux ont dû être démolis en raison de leur état de délabrement avancé et de leur degré de contamination. A cet effet, une autorisation à solliciter au vœu du règlement sur les bâtisses n'a pas été demandée. Le bourgmestre a, par la suite, adressé une lettre à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, à Madame le Ministre de l'Environnement et à Monsieur le Secrétaire d'Etat à l'Environnement pour leur faire part de son mécontentement vis-à-vis de la procédure adoptée dans le dossier tout en demandant des renseignements au sujet du projet de l'implantation d'un centre pédagogique dans l'intérêt de la réserve naturelle «Haardt». Le dossier de demande d'autorisation fut régularisé par la suite.
2. dans le cadre de la procédure judiciaire à l'encontre de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures en relation avec des demandes de permission de voirie pour l'installation de miroirs routiers dans la route de Zoufftgen, la cour administrative, par son arrêt du 9 janvier 2018, a régularisé la situation en accordant l'autorisation sollicitée pour les miroirs situés à la jonction de la route de Zoufftgen avec la rue Antoine Zinnen, la rue de l'Indépendance, la rue Mathias Cungs et la rue Alphone Benoît. Le miroir à la jonction avec la rue Belair avait auparavant été régularisé.
3. le bourgmestre attire une attention particulière sur les dispositions de la circulaire ministérielle nu-

méro 3555 du 23 janvier 2018 au sujet du processus participatif en relation avec la refonte du programme directeur d'aménagement du territoire.

4. une entrevue a eu lieu en date du 5 février 2018 avec Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures en présence des responsables de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois de l'Administration des Ponts et Chaussées au sujet de l'évolution des liaisons directes en train entre Dudelange et Luxembourg et subsidiairement de l'impact potentiel sur le paysage urbain de la Ville de Dudelange dans le cadre du projet de la suppression des passages à niveau. Concernant les réclamations portant sur la ponctualité des trains et la surcharge fréquente des wagons, les responsables CFL ont assuré vouloir apporter les améliorations qui s'imposent au service. Au sujet du projet de liaisons directes entre Dudelange et Luxembourg par l'élimination des passages à niveau, et comme suite à la réticence des CFL (due à des problèmes techniques) en vue d'analyser une solution alternative faisant abstraction de lourdes interventions dans le tissu urbain, il a été convenu d'instituer un groupe de travail pour analyser les solutions possibles. Une consultation citoyenne sera prévue par la suite.
5. le groupement d'intérêt économique Luxembourg for Shopping, dont la Ville de Dudelange est membre, a été constitué en bonne et due forme. Ce groupement a pour objet l'élaboration, la mise en place et la gestion d'une plateforme électronique nationale pour le commerce de détail. Le GIE contribue à promouvoir la plateforme au Luxembourg et en dehors du Luxembourg et concourt à la mise en œuvre des politiques générales de promotion des petites et moyennes entreprises (PME).

^{*1} ne participent pas au vote pour les points suivants:

Monsieur Loris Spina, point n° 14; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries, point n° 4.01; Monsieur Bob Claude, points n° 8 et 9.01, Monsieur Jean-Paul Gangler, point n° 12, Monsieur Henri Glesener, points n° 3.06.02 à 3.06.10; Monsieur Yves Jadin, points n° 14.01 à 14.04; Monsieur Claude Martini, point n° 14; Madame Emilia Oliveira, points n° 3.08 et 3.09 et Monsieur Romain Zuang, points n° 8 et 9.01.



6. Dans le cadre de la journée mondiale de l'eau en date du 22 mars 2018, le syndicat STEP invite à une visite guidée de sa station d'épuration à Pep-pange/Bettembourg.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 – circulation – le conseil communal approuve à l'unanimité

- la modification du règlement général de la circulation au sujet du stationnement pour véhicules électriques et hybrides;
- un règlement à caractère temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la rue um Kräizbiereg;
- le règlement d'urgence à caractère temporaire édicté par le collège des bourgmestre et échevins pour l'organisation des grands marchés mensuels pendant l'année 2018
- la réglementation temporaire de la circulation pour l'organisation des kermesses pour l'année 2018.

Point numéro 3 – finances communales

3.01. Le conseil communal prend connaissance du plan pluriannuel de financement pour les exercices 2019 à 2021. Alors que ce plan est présenté par le collège des bourgmestre et échevins et discuté séance tenante, un vote à son sujet n'est pas prévu.

3.02. Avec 12 voix et 7 abstentions, est avalisé la modification du règlement-taxes général par une adjonction d'une rubrique Flexi-Bus. Ainsi, le service Flexi-Bus est introduit pour le territoire de la Ville de Dudelange.

Coût des abonnements:

- abonnement annuel 60,- €
- abonnement mensuel: 15,- €
- carnet de 10 tickets journaliers..... 10,- €

L'utilisation du service Flexi-Bus est soumise aux conditions suivantes:

Il s'agit d'un service de transport en mini-bus sur demande de tout citoyen âgé de 60 ans accomplis. Le rayon en est limité au territoire de la Ville.

Le Flexi-Bus fonctionne de lundi à vendredi de 07.00 à 20.00 heures et samedi de 08.00 à 20.00 heures. Pas de service les dimanches.

Par des votes unanimes sont approuvés:

- 3.03. les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel pour l'année 2018;
- 3.04. les modifications du chapitre – stationnement résidentiel – du règlement-taxes général pour permettre la délivrance d'une vignette de stationnement aux riverains de la rue des Minières et de la rue Gare-Usines;
- 3.05. le relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2017.

Le point 3.06. concerne des devis estimatifs à approuver pour travaux extraordinaires.

3.06.01. Après la présentation du projet de réaménagement du croisement route de Zoufftgen/rue du Commerce et rue du Commerce/rue de la Libération par le bureau d'études Schroeder et Associés, le conseil communal approuve avec 18 voix et une abstention le projet qui est estimé à un montant de 1'295'000,- € et qui concerne, outre les travaux à apporter à la chaussée dont les coûts sont supportés par l'Administration des Ponts et Chaussées, des travaux relatifs à la pose des conduites de gaz et d'eau, à la canalisation, à l'antenne et les télécommunications, à l'éclairage et à la sonorisation.

Par des votes unanimes sont ensuite acceptés les devis estimatifs suivants (3.06.02 – 3.06.10):

- renouvellement de la façade de l'école Baltzing 40'000,- €
- aménagement d'une salle polyvalente dans l'école Brill 12'000,- €
- réfection de la cour de récréation et réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt 250'000,- €
- aménagement transitoire d'un terrain de basketball type «Streetball» au site NeiSchmelz (Skatepark) ... 35'000,- €
- réfection de la terrasse du logement social Tattenberg 15'000,- €
- installation d'une ventilation à la maison relais Schwemm 15'000,- €
- travaux de mise en conformité du sous-sol de l'Hôtel de Ville 94'000,- €
- installation d'une serre communale ... 190'000,- €
- mise en état de la voirie rurale au lieu-dit «Roudebierg» (devis présenté par l'Administration des services techniques de l'agriculture) 140'000,- €



3.07. Approbation de décomptes.

Le conseil communal arrête avec toutes les voix les décomptes suivants:

- participation de la commune aux frais d'aménagement pour l'ouverture du site NeiSchmelz..... 174.599,91- €
- rue R. P. J. Thiel - renouvellement conduites gaz naturel..... 113'490,06- €
- rue R. P. J. Thiel - renouvellement canalisation eaux usées..... 459'152,66- €
- rue R. P. J. Thiel - renouvellement conduites eau potable 164'449,47- €
- rue des Champs (partie) - mise sous terre et renouvellement des raccords de l'antenne collective 106'004,45- €
- parking quartier Tattenberg - mise en place de la canalisation 25'715,84- €
- quartier Brill - modernisation de l'éclairage public 149'992,85- €
- acquisition de nouveaux horodateurs 125'350,00- €
- bâtiments communaux (Strutzbierg) – raccord au réseau fibres optiques..... 143'235,68- €
- création de logements pour étudiants..... 1'554'625,86- €

Est approuvé avec 18 voix et une abstention, le décompte des travaux de rénovation de la façade de l'église Saint Martin au montant de 986'409,12- €.

3.08. le 1^{er} avenant à la convention conclue avec le Ministère de la Culture concernant la participation financière étatique aux frais de fonctionnement du centre culturel régional opderschmelz est adopté unanimement. Aux termes de cet avenant, une aide supplémentaire de 24.500,- € par année est allouée à la Ville pour tenir compte de la progression des frais de fonctionnement du CCRD.

3.09. Avec la voix de tous les conseillers communaux, sont approuvés les subsides extraordinaires suivants aux associations:

- 825,- € à l'Œuvre Saint Nicolas Dudelange à l'occasion du cortège de la Saint Nicolas le 3 décembre 2017;
- 2'500,- € à l'Œuvre Saint Nicolas Dudelange pour la participation aux frais de confection des sachets à offrir aux enfants;
- 100,- € au SCAP (Service de consultation et d'aide pour troubles de l'attention, de la perception et du développement psychomoteur);
- 60,- € au Mouvement Européen Luxembourg en tant que cotisation pour l'année 2017.

Point numéro 4 – commissions consultatives communales et groupes de travail

La composition des commissions communales, la désignation de leurs présidents, la nomination des membres, la nomination des experts et la nomination de membres au pool des remplaçants sont avalisées à l'unanimité. Les commissions suivantes sont composées: la commission de surveillance de l'école régionale de musique de Dudelange, la commission des loyers, le groupe de travail «Gesond Diddeleng», le groupe de travail «Promotion du centre commercial».

Point numéro 5 – Monsieur René Manderscheid est nommé délégué et Monsieur Claude Martiny délégué suppléant auprès de «Klimabündnis Lëtzebuerg - Klimabündnis Luxemburg - Alliance pour le Climat, Luxembourg.

Point numéro 6 – nomination des délégués de la Ville au sein du comité du TICE. Le conseil communal décide unanimement de déléguer Mesdames Josiane Di-Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol et Monsieur Claude Martini pour représenter la Ville de Dudelange au sein du comité du TICE.

Point numéro 7 – développement urbain. Avec la voix de tous les conseillers communaux, le conseil municipal marque son accord à la proposition d'inscrire les maisons sises 37, et 39, rue du Commerce, à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux.

Point numéro 8 – office social. Les bilan et comptes des profits et pertes de l'exercice 2015 de l'office social sont arrêtés à l'unanimité.

Point numéro 9 – décisions de personnel. Le conseil communal, par des votes unanimes,

- fixe le nombre des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières pour la période du 1^{er} septembre 2017 jusqu'au 13 août 2022;
- crée deux postes d'employés communaux à tâche complète dans la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif à durée indéterminée pour les besoins du département administratif - service école régionale de musique de la Ville de Dudelange à partir du 1^{er} septembre 2017 et supprime les postes d'employés communaux existants de la carrière du directeur respectivement de la carrière du directeur-adjoint de l'école régionale de musique avec effet au 1^{er} mars 2018.

Le point numéro 10 a été mis à l'ordre du jour par le conseiller Monsieur Yves Jadin en application des



dispositions de l'article 13 de la loi communale du 13 décembre 1988. Par cette motion, Monsieur Jadin sollicite la création d'un conseil de recrutement en matière de personnel communal. Ladite motion est rejetée avec 10 voix contre 3 et 6 abstentions.

Point numéro 11 – questions au collège des bourgmestre et échevins:

- Madame Sylvie Andrich-Duval a soumis une question en relation avec l'accès pour personnes à mobilité réduite aux installations du Centre culturel régional de Dudelange, respectivement au Centre National de l'Audiovisuel;
- la fraction «Dé Gréng» a soumis une question au sujet du projet de suppression des passages à niveau CFL au bénéfice d'une augmentation des liaisons en train depuis et en destination de Dudelange et subséquemment de la procédure de participation citoyenne aux discussions autour du projet.

Les deux questions sont traitées séance tenante.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

12. Deux changements sont apportés à l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental.

13. La commission consultative communale d'intégration est composée et les membres citoyens sont nommés dans les commissions consultatives communales.

14. Décisions de personnel:

- démission pour départ à la retraite de son poste d'employée communale de Madame Patricia Barthels;
- engagement comme employé communal, technicien en informatique, de Monsieur Carlos Crisostomo et démission de l'intéressé du poste qu'il occupait auparavant;
- augmentation de la tâche variable de Monsieur Max Hoffmann, employé communal, aide éducateur;
- nomination provisoire de Monsieur André Gonçalves Rodrigues au poste de fonctionnaire communal, agent municipal;
- nomination provisoire de Monsieur Yann Baesch au poste de fonctionnaire communal, expéditionnaire administratif au bureau des citoyens;
- nomination définitive de Monsieur Alex Lourenço comme fonctionnaire communal, expéditionnaire technique au service de la circulation;
- promotion des fonctionnaires communaux, agents municipaux, suivants: Monsieur Marco Caika, Madame Marie-Paule Lux et Monsieur Christian Flammang;

- promotion des fonctionnaires communaux suivants: Monsieur Alexis Cardoso, expéditionnaire administratif et Madame Eliette Wolff, rédacteur;
- suppression de l'indemnité pour charges accessoires de Madame Marie France De Marchi;
- nomination définitive avec décisions de classement de Messieurs Bob Morhard et Laurent Felten aux postes employés communaux, catégorie de traitement A1 pour l'école régionale de musique Dudelange.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées comme suit:

- jeudi, 8 mars 2018, 17.00 heures: séance informelle du conseil communal à l'exclusion du public (modification ponctuelle PAG NeiSchmelz);
- vendredi, 16 mars 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal;
- jeudi, 29 mars 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal;
- vendredi, 15 juin 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal.

Fin de la séance vers 12.40 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 09. FEBRUAR 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moien. De Gemengerot ass komplett, dofir géing ech proposéieren, datt mir ufänke mat eiser Gemengerotssitzung. Wat den Ordre du jour vun haut ugeet: Ufanks der Woch sinn nach e puer Adaptatioune gemaacht ginn, et ass nach eng Motioun derbäikomm vum Yves Jadin vum Déi Lénk. Och ënnert Korrespondenz hu mir nach e puer Punkte bäigesat, wourop ech wäert agoen. A Punkto Kommissiounen hu mir e puer Adaptatioune gemaacht, d'Klimabündnis Lëtzebuerg an och nach zwou Froen, eng vun der Madame Andrich an eng vum Här Garcia, déi och nach den Ordre du jour kompletéieren. Dat fir an deem Sënn komplett ze sinn.

An ech soll lech och nach mat op de Wee gi fir dës Gemengerot mee awer och déi nächst, dat vun der responsabler Persoun, déi d'Retranskriptioun mécht vun dësem Gemengerot, datt ee soll lues an däitlech schwätzen, wat natierlech d'Retranskriptioun, notament de Verbatim vereinfacht. Dëst gesot, kommt mir setzen dat zesummen ëm am Intérêt vum Gemengerot an am Intérêt och vun de Retranskriptiounen. Do mat géing ech iwwergoen op d'Korrespondenz.

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Do hu mir lech e puer Saache bäigeluegt an e puer Informatiounen, déi mir iwwert d'Korrespondenz hei eise Kolleegen aus dem Gemengerot wollt matdeelen. Engersäits, an et huet och schon e bësselche Dageschronik an d'Landeskronik sai Wee gemaacht, an dat ass den Dossier Affilux.

Do hu mir lech e Courier drageluegt wou mir den 19. Januar, nodeems mir gesot kruten, datt dat aalt Gebai vun der Affilux ofgerappt gouf, hu mir direkt déi zoustänneg Ministèren, respektiv de Staatssekretär saiséiert fir si dorop opmierksam ze maachen, datt si am Fong déi Gebailechkeet ofgerappt hunn ouni Autorisatioun fir ze demoléieren. Doropshin hunn si eis och elo en Dossier eragereecht fir d'Situatioun ze regulariséieren. Mir hunn am selwechte Courier och gefrot, ob dee Projet, dee mir zesummen haten, engersäits e staatleche Centre écologique, awer och Naturklassen, wou d'Gemeng mat deem Projet u se erugetruede war, nach ëmmer Aktualitéit ass. Mir hunn d'Konfirmatioun kritt, datt de Projet tel quel nach ëmmer bestoe bleift, sou datt mir och festgehalten hunn, datt mir am Laf vum Mount Mäerz eis wäerten zesummesetze fir deen dote Projet weiderzedreiwen a fir dann och natierlech eng Baugenehmung ze kréie fir dann och deen dote Projet ëmzesetzen. Dëst als Informatioun wat de Volet Affilux ugeet.

Ech kann awer soen, datt ech net amused war wéi dat gemaacht gouf, well mir vun all Bierger jo hei ëmmer verlaangen, datt en eng Genehmigung soll ufroen an ech mengen dat gëllt och fir de Staat a seng Servicer, och wann den Terrain dem Staat gehéiert, sou wéi dat bei der Affilux de Fall ass.

Dat ënnert dem éischte Punkt vun der Korrespondenz.



Zweete Punkt: An Äre Mappen hat Dir d'Jugement leie ronderëm d'Spigelen an der Zoufftgerstrooss. Dir kënnt lech erënneren, datt den Tribunal administratif den 12. Juli eng Decisioun geholl hat, datt just ee Spiegel zeréck kënnt, dat war deen an der Belair-Strooss. Do hate mir jo och de Gemengerot nach eng Kéier hei saisiert fir an Appel ze goen. Do huet och eng breet Majoritéit hei aus dem Gemengerot dem Schäfferot de Réck gestäerkt fir d'Action en justice weiderzeféieren. Doropshi si mir an Appel gaangen. De 4. Januar dëst Joer war eng Visite des lieux vun der Cour administrative, déi d'Situatioun analysiert huet, wat eng ganz gutt Saach ass. Dat ass och eng Demarche, déi d'Cour mécht fir eng Situatioun op der Plaz ze analyséieren a mir mierken hei am Jugement, dat mir zougestallt kruten, dat vum 9. Januar 2018 ass, also kuerz no der Visite, datt am Fong fënnef Spigelen zeréckgestallt goufe vun deene siwen, ausser op der Rue Kräizbiert an op der Rue Eugène Conrad, wou d'Situatioun sech geännert huet. Och wéinst Aarbechte komme kéng Spigele méi dohin.

Mee dat weist awer, datt déi Demarche déi mir hei gemaacht hunn, wierklech wichteg war an duerfir nach eng Kéier Merci hei de Kollegen a Kolleginnen déi dem Schäfferot de Réck gestäipt hu fir déi dote Demarche ze maachen. Well mir op deem heite Wee Jurisprudenz wierklech gemaacht hunn, wat och ganz kloer d'Cour administrative zeréckgehalen huet, datt au cas par cas sollt analysiert ginn. Ech mengen datt dat, wat och den Argumentaire war vun der Gemeng Diddeleng, datt wierklech all Situatioun au cas par cas soll analysiert ginn an deementspreechend ass deem och hei Rechnung gedroe ginn. Mee wéi gesot, dat heiten ass e positivist Jugement am Intérêt vun der Gemeng Diddeleng an och am Intérêt vun alleguerten deene Leit, déi eis och virun enger ganzer Rei Méint mat enger Petitioun befaasst hunn.

Dann den drëtten Punkt ënnert der Korrespondenz, mir hunn lech och nach eng Kéier d'Dokumenten zoukomme gelooss, déi Circulaire, mat där mir befaasst goufen iwwert d'Aarbechte ronderëm de Plan directeur d'aménagement du territoire, wou och déi Gemengereponsabel an d'Gemengeréit sech kënnen do aloggen, respektiv matmaachen, an da läit alles an der Hand vun engem Tirage au sort ob een beim Südlaboratoire ka matmaachen, ronderëm d'Ausschaffe vum Plan directeur d'aménagement du territoire, dee jo breet op Biergerbedeelegung generell gefouss ass, wou eenzel Bierger sech kënnen aschreiwen, awer och den Appel

un d'Gemengeréit gemaacht gouf. Dir hutt dat och geschéckt kritt, dofir, zéckt net. Ob d'Chance op Ärer Säit ass, dat ass dann net méi an Ären Hänn. Op jiddefall, notzt déi Geleeënheet, déi do gebuede gëtt.

Dann en anere Punkt, méi rezent: De Méinden, de 5. Februar hat de Schäfferot eng Entrevue beim Transportminister François Bausch, wou mir zwee Voleten am Fong hei wollten uschwätzen.

Engersäits, generell, d'Direktzich fir an d'Stad vun deenen déi nach iwwereg bleiwen an den 2. Volet ronderëm de ganzen eventuellen urbanisteschen Agrëff an d'Stadbild vun Diddeleng fir d'Direktzich mëttel- a längerfristeg hei kënnen ze assuréieren.

Den éischten Volet par rapport zu den Direktzich, déi am Moment stoe bleiwen, do hu mir natierlech ganz kloer gesot, datt mir Réckmeldunge vu ganz villen Diddelenger Bierger kritt hunn, datt Verspéidunge stattfonnt hu bei deene weiderhi bestoenden Direktzich an och virun Allem, geméiss de Retouren déi mir kritt hunn, datt net genuch Wagonen zur Verfügung sti mueres, respektiv owes, wat déi direkt Zich ugeet, datt et am Moment just dräi respektiv heiansdo véier Wagone sinn, datt dat de Leit largement net duergeet. D'CFL war iwwerzeegt, datt fënnef Wagonen am Asaz waren.

Mir hunn hinne ganz kloer gesot, datt dat net de Fall ass, a mir hu mat Nodrock gesot, datt Minimum véier Maximum fënnef noutwenneg si fir grad dee Verlagerungseffekt kënnen opzefänken, a fir datt d'Leit, wann si en Direktzuch huele vun Diddeleng fir an d'Stad mueres, datt si och eng gewësse Qualitéit hunn. Mir hunn hinnen dat ganz kloer mat op de Wee ginn. An si hunn eis och verséichert, datt si dat dann deementspreechend sou ëmsetzen an och do wäerte mir weiderhin um Ball bleiwen.

Dann, wat mir och an der Reunioun vum 5. Februar thematiséiert hunn, dat war am Fong dee ganze Volet ronderëm déi weider Direktzich vun Diddeleng an d'Stad Lëtzebuerg, mat deem ganze Volet ronderëm d'Biergerbedeelegung. Do hate mir jo och hei den eestëmmege Beschluss geholl hei am Gemengerot.

Ech muss lech soen, datt déi Diskussioun e bësselche méi hefteg war souwuel mam Minister wéi och mat der CFL, well mir net appreciéiert hunn datt deelweis d'CFL och eng ganz autoritär, iwwerhiefléich Approche hat vis-à-vis vun der Gemeng Diddeleng, déi mir eis net



gefale gelooss hunn, well mir och der Meenung sinn, datt wann een, dat hu mir och gesot - an dat geet och e bësselche an dee Sënn, ech wëll hei net virgräife mee den Här Garcia hat eng Fro gestallt, déi am Fong och déi doten Elementer opgräift, dat heescht ech gi schonn Deeläntwerten, quitte datt ech herno nach op Är Fro wäert agoen – dat hu mir op alle Fall ganz kloer souwuel dem Minister wéi och der CFL gesot, wa mir eng Diskussioun hei zu Diddeleng wëlle féieren, datt een déi zwou Alternative soll préiwen, an och d'Virdeeler an d'Nodeeler vun deenen zwou Alternative soll mat den Diddelenger Bierger beschwätzen an net nëmme soll eng Léisung um Dësch hunn an an déi Richtung goen.

Wann et der CFL no géing goen, wär et just déi Léisung déi ee géif préiwen. Déi Léisung vun den Direktzich mat engem groussen urbanisteschen Agrëff, ech menge mir sinn absolut net géint Direktzich, mee mir hunn awer e Problem mat engem groussen urbanisteschen Agrëff an sou wéi de Moment d'Situatioun ass, ass deen zimlech markant an en urbanisteschen Agrëff an d'Stadbild, dee kann een net esou séier réckgäengeg maachen.

Dofir si mir esou verbliwwen, datt mir lo an deene nächste Wochen a Méint en Aarbechtsgrupp hu mat Ponts et Chaussées, mat der CFL, wou mir dat doten nach eng Kéier iwwerpréiwen an datt mir virun der Sommervakanz op alle Fall och eng Biergerversammlung maache wou mir dat dote beschwätzen, awer och natierlech um Ball wäerte bleiwen, datt och déi zweet Alternativ wäert gepréift ginn, wou d'CFL natierlech ëmmer mat hire Sécherheetsdispositiver komm ass fir ze soen datt et net méiglech ass an dann ass natierlech fir si d'Diskussioun eriwwe.

Mir hätte gären eng sachlech, propper Diskussioun, dat ass op alle Fall dat wat mir hinnen als Schäfferot mat op de Wee ginn hunn, onofhängeg vun hirer iwwerhiefler Haltung.

Da wëll ech hei soen, datt verschidde Direktiounsmembere vun der CFL eng iwwerhiefler Haltung haten an net alleguerten, an domat schléissen ech de Generaldirekter vun der CFL aus. Dat wéi gesot zu där doten Diskussioun.

Ech kommen herno nach eng Kéier méi am Detail, vläit an der Froestonn, dorop zrëck.

Dann nach en anere Punkt, de fënnefte Punkt ën-

nert Korrespondenz, och an der Exekutioun vum Budget 2018 hutt Dir Statute virleie vum Groupement d'intérêt économique "Luxembourg for Shopping" wou engersäits de Wirtschaftsministère dru Member ass, mee wéi gesot och eng 14 respektiv 16 Gemengen, d'Chambre de Commerce an och d'CAC wou et dorëms geet, eng national Plattform an d'Liewen ze ruffe fir déi lokal Commercen an deelweis an deene Gemengen, déi Member sinn an deem Groupement d'intérêt économique, dat war am Kader vum Pacte PRO Commerce a wou et och dorëms geet, datt déi am Fong Commerce-de-proximitéen iwwert déi national Plattform Online Shopping kënnen maachen. Dat ass d'Missioun vun deem Groupement d'intérêt économique.

Sou hutt Dir dann awer och d'Statuten an der Hand wat déi doten nei Plattform ugeet.

Dat waren ënnert Korrespondenz déi verschidde Punkten, déi ech hei dem Gemengerot wollt matdeelen. Ech wollt d'Kollegen hei vum Schäfferot nach froen - normalerweis ginn et keng Froen - ob si nach eppes ënnert Korrespondenz hätten?

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Ech wollt iech just matdeelen, datt Dir eng Invitatioun vum STEP um Pult leien hutt am Kader vum Weltwaasserdag den 22. Mäerz. Do hu mir eis geduecht gehat am Büro vum STEP, vu datt d'Gemengerot jo nei gewielt gi sinn am Oktober, a mir der Meenung waren, datt nach net all Conseiller eng Ahnung huet, wat de STEP ass?

Vu datt mir hei am Prinzip just am Kader vum Budget iwer de STEP diskuteieren, hate mir d'Iddi, datt mir géifen de Conseillere d'Méiglechkeet ginn, deen Dag eng vun deenen dräi Visite-guidéeën kënnen matzemaachen. Da wëssen se och am Dezember, wa mir nach eng Kéier iwwert de Budget vum STEP schwätzen, an der Praxis, wéi dat do vir sech geet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci René Manderscheid. Madame Kayser, also, mir maachen elo keng Froestonn, well et ass ënnert Korrespondenz, well soss ka jidderee Froe stellen ënnert Korrespondenz. Wat ass d'Aart vun Ärer Interventioun? Dat wollt ech just froen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Ma ech fannen, datt wa mir fënnef esou Dokumenter an Informatiounen



kréien an et liest een déi am Fong duerch, dann erginn sech och verschidde Froen doraus. An dofir wollt ech awer elo Detailfroen dozou stellen. Ech géif et och flott fannen, wa mir dann déi Korrespondenzthematiken och vläit einfach ëmmer awer och kéinten e bësselchen diskutéieren. Dat ass meng Fro.

Mee et si konkret Froen och, déi ech dozou hunn, well mir ginn dat sou informéiert an dann ass et ëmmer e bësselche schuet, wann een do awer net kann, éischens mol, eng Positioun huelen. Wann Dir sot, dat ass net gewënscht, da maache mir dat net. Mee et sinn awer och ganz konkret Froen, déi sech heirauser erginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Eise Prinzip ënnert Korrespondenz ass, datt net dono eng Diskussioun entsteet, dat ass firlech z'informéieren. Dat sinn Dokumenter, déi a priori net onbedéngt an den Ënnerlage si vum Gemengerot fir eng Diskussioun. Da misst ee klären, wéi eng Punkten... wéi gesot, mir maachen d'Diskussioun hei net op well soss kréie mir...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Dat ass awer schuet, well ech fannen et sinn zum Beispill Froen, lo nëmmen als Beispill, an Ärem Bréif un d'Affilix do steet op eng Kéier elo dran, datt Logements pour étudiants et chercheurs solle gemaacht ginn. Dovunner war nach ni eng Rieds, dofir wollt ech déi Fro stellen, wat do genee geplangt ass? Dat ass e ganz neie Moment, doriwwer hate mir ni Rieds an, bon, ech hat am Fong geduecht gehat bei dem Processus participatif vum Programme directeur, do steet och do, datt de grand Public sech ka mellen an do ass meng Fro eben och wéi mir eis Bierger wëllen uschreien, datt déi sech och kënnen do erabréngen oder ass et wierklech sou geduecht wéi Dir dat elo gesot hutt, datt éischter de Gemengerot sech sollt mellen?

Well et steet och do Acteurs du terrain, do géing ech jo mengen d'Gemengeservicer wieren och do ugeschwat ginn. Wéi gëtt sech dat virgestallt? Ob do solle Représentante gewielt ginn an och wien zitt do dee Lot? Do steet jo, déi ginn ausgeloust... dat ass och eng konkret Fro an... jo, mee ech mengen Dir hutt et presentéiert mee mir mussen awer och kënnen... soss brauche mir déi Korrespondenz net ze kréien, wa mir et net dierfen duerchliesen an eng Fro stellen, dat ass meng Approche e bëssen och vun der Transparenz am Dialog Oppositioun – Majoritéit.

An da bei der Constitutioun vum Groupement d'intérêt économique, Merci do och datt mir d'Dokument kritt hunn, et ass jo och schonn ënnerschrifft ginn de 16. November, do hutt Dir och – dat ass meng Meinung – als Buergermeeschter ënnerschrifft Dir jo och am Numm vun der Gemeng, do sinn awer nach zum Beispill verschidde Froen dran. Do steet zum Beispill och dran, datt do och eng Cotisation annuelle ass, do ass et jo awer wuel legitim ze froen: wéivill gëtt dat fir eis Gemeng? An ass dat do net erëm sou eng Apparatchikgeschichte? Mir haten deemools déi CIPU gegrënnt, do hu mir jo lo missten all Joer 8.000 Euro bezuelen. Ech hat do mol nogekuckt wat déi geschafft huet bis elo, also op deem Site vun der CIPU, do si just Diddelenger Projeten dran, dat heescht do gëtt eng Vernetzung gemaacht mat aneren.

Bon, wéi gesot, ech fannen dat sinn awer wichteg Dokumenter, dat ass jo awer eppes wat d'ganz Gemeng betrëfft. Wéi gesot, Dir ënnerschrifft am Numm vun der Gemeng an am Numm vum Gemengerot, da ka ee jo awer wuel och eng oder zwou Froen dozou stellen. Dat just am Prinzip, a vläit kann een dat och effektiv mol – ech weess net wéi meng Kollege vun deenen anere Parteien dat gesinn – mir si jo awer hei fir Saachen ze diskutéieren an net nëmmen einfach ofzehaken. Dat ass net déi Aart a Weis wéi mir eis virstellen, datt Politik soll gemaach ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech gi kuerz op déi verschidde Punkten an, da kënne mir d'Korrespondenz zoumaachen. Dat wat de GIE ugeet, dat steet och am Budget, dat ass 1 Euro pro Awunner. Dat hu mir am Budget 2018 drastoen, dat hu mir och deementspreechend budgetiséiert well mir woussten, datt et géing kommen.

Dann ass do nach de Pacte PRO Commerce.

Dee Volet Logements pour étudiants, dat war eng Iddi déi d'Natur- a Forstverwaltung selwer opgegraff hat. Ech mengen, si baue jo hei de Projet, si si Propriétaire vun dem Terrain. Si sinn also deementspreechend och Bauhär.

An ech menge wat de Plan directeur d'aménagement du territoire ugeet, do si mir d'Courroie de transmission vun enger Initiative déi d'Regierung respektiv den MDDI organiséiert an ech mengen, déi Aart a Weis wéi si sech organiséieren, do hunn si dann och d'Responsabilitéit. Dat wat net ënnert



d'Responsabilitéit vun der Gemeng Diddeleng – si mussen sech natierlech och verantworten iwwert de Selektiounsmodus, deen si da maachen.

Hei ass einfach den Appel, souwuel hei un déi Leit, déi an dësem Gemengerot sinn ewéi och un d'Bierger, an deem dote Prozess matzemaachen, sech do ze bedeelegen, anzeschreiwen. An dann natierlech läit dat an der Hand vun dem zoustännege Ministère, deen dat heiten organiséiert. Voilà, dat ass wéi de Modus soll sinn an dat steet jo och sou kloer an der Circulaire.

Dëst, wéi gesot, ënnert Korrespondenz. Ech sinn op déi puer Punkten agaangen. Da géif ech iwwergoen op d'Circulatioun.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Approbatioun vun de Complementen zum all-gemeenge Verkéiersreglement - Stationnement fir Elektrogefierer

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Deen éischte Punkt ënnert Circulatioun do geet et ëm d'Chargy-Bornen. Dir wësst, datt de Staat fir d'Joer 2020 ronn 800 der Bornen am ganze Land wëllt installéiere fir datt ee kann déi Elektroautoe lueden. Dir wësst, datt et do e Gesetz vun 2012 gëtt. Et gëtt och nach e Règlement grand-ducal vun 2015 an e Règlement ministériel vun 2016, a wie sech elo am Detail domat wëllt ausernee-setzen, dee fënnt do alles a kann dat noliesen.

D'Gemeng finanzéiert och bei dësen Installatiounen net mat. Mir setze just d'Schëld, de Poteau an och d'Embase. Diddeleng kritt siwen der Chargy-Bornen, déi Autoe kënnen oplueden. All Borne ass equipéiert all

Kéiers mat zwee Point-de-chargen, dat heescht zwee Autoe kënnen zur gläicher Zäit oplueden. Fir déi kënnen ze benotze braucht Dir eng M-Kaart. Mir hate scho méi dacks hei iwwert déi M-Kaart Rieds, an e Kontrakt vun engem Stroumfournisseur. Wann ee schonn eng M-Kaart huet, da brauch ee just dee Produit, Chargy heescht deen, op der Kaart ze aktivéieren. A fir deen, deen elo schonn en Elektroauto huet oder wëlls huet sech een ze kafen, et gëtt och eng Internetsäit chargy.lu. Do fannt Dir all déi néideg Donnéeën, wéi a wat ee muss maache fir dat dann op der M-Kaart ze aktivéieren.

Dir wësst, datt mir scho méi eng al Borne op der Fohrmannsplatz hunn a laut Fournisseur wier déi och mat der M-Kaart kompatibel.

Wou sinn déi Chargy-Bornen? An der Route de Bettembourg um Park and Ride, an der Le'h, beim Parking René Hartmann, um Skatepark, um Parking Rue du Parc beim Lycée Square LNB, am Parking am Duerf an och am Parking Schwaarze Wee.

Firwat musse mir dat awer elo am Gemengerot reglementéieren, wann ech virdru gesot hunn et gëtt schonns e Gesetz, e Règlement grand-ducal an e Règlement ministériel? Ma ganz einfach fir datt eis Agenten och kënnen opschreiwen an och Avertissement-taxée maachen, wann elo en aneren Auto do steet, dee näischt do ze sichen huet wéi en Elektroauto, respektiv wann ee méi laang do steet wéi Zäit gesot ass oder wann en net bezuelt huet do wou e misst bezuelen. Dat Reglement ass och dem Parking résidentiel ugepasst, do wou et payant oder résidentiel ass, bleift et d'selwecht reglementéiert a payant respektiv résidentiel.

Dat gëllt awer hei an dem Reglement just op zwou Plazen; um Fohrmann, Dir wësst datt et um Fohrmann payant ass mat engem Maximum vun dräi Stonnen an hei gëllt jo och keng Vignette, an am Schwaarze Wee



hei ass et payant an op zwou Stonne limitéiert, mee do gëllt dann d'Vignette résidentielle och fir normal Autoen a wann dann elo een sech dovun iwwerzeege léisst fir en Elektroauto ze kafen, da gëllt hei natierlech och déi Vignette weiderhin.

Dat war dat wat ech am Moment dozou ze soen hunn an dann hoffen ech, datt mir dat Reglement dann esou kënne stëmmen fir datt wann an Zukunft Autoen do stinn, déi net do higeiéieren an d'Plaze blockéiere fir Elektroautoen, eis Agenten och kënne déi néideg Schrëtt huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia Dall'Agnol. Gëtt et Froen dozou?

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Villmoos Merci, ech hu just eng Fro: Wéini dierf een do stoen? Wann een en Elektroauto huet oder en Hybrid? A wien decidéiert dann ob et en Elektroauto ass oder en Hybrid?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Déi zwee. Dee Stecker, dee muss passen. Wann en net passt kanns du u sech net do stoen. Da stees de falsch.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

OK, dat heescht wann ech elo aus mengem Auto wou zwou déck Batterien dra sinn, wann ech déi wëll chargéieren iwwert dee System, fueren ech dohinner, schléissen en un an dann dierf ech do stoen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

De Stecker muss kënne an den Auto gestach gin. Ech kennen Ären Auto elo net, do kann ech lo net matschwätzen. Hei geet et dorëms, wann ech elo en Elektroauto hunn, deen ech ka chargéieren, wou dee Stecker passt, dann dierf ech deen op deene Plazen, déi mir elo reglementéieren, chargéieren. Wann ech lo do stinn ouni datt en agestach ass, kann ech protokolléiert ginn, oder wann ech mat mengem normalen Auto, deen ech elo hunn, mat mengem Benziner oder wann een en Diesel huet, do stinn, dann dierf ech u sech vun elo un, wa mir dat hei gestëmmt hunn, net méi do stoen, ech si falsch. Do kann ech protokolléiert ginn. Dat war bis elo net de Fall. Dat heescht wann ech elo mat mengem normalen Auto hei op der Plaz, komm mir soen um Fohrmann, gehalen hätt an esouguer net ageheit hätt, keen Ticket geholl hätt, vu datt déi net sou reglementéiert waren, hätt u sech

eise Pechert mir keen AT kéinte maachen. Ech weess elo net ob dat ganz dacks virkomm ass, mee der Fäll ginn et sécher. An dofir ginn se elo reglementéiert, fir datt och just déi Leit kënne do stoen, déi sollen do stoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Gëtt et nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géing ech proposéieren, datt mir iwwert dëst Reglement ofstëmmen. Wien ass mat dësem Reglement iwwert d'Chargy-Bornen averstanen? **Dat ass unanime. Da soen ech Merci.**

2.2. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement während de Reamenagementsaarbechten an der Um Kräizbiereg-Strooss

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Dat nächst ass manner komplizéiert. Dir hat am Budget gesinn, datt d'Strooss um Kräizbiereg frësch gemaacht gëtt, datt do Gas, Waasser, Kanal, Eltrona an och Post nei geluecht gëtt an datt och d'Strooss komplett nei reamenagéiert gëtt. Déi Strooss, déi ass am Sens unique, mee während dem Chantier muss awer do en Double sens doraus gemaacht ginn. Et gëtt allerdéngs e Schëld C2 dohinner gehaang, dat heescht datt u sech d'Circulation interdite ass fir all déi Leit, déi näischt do ze sichen hunn, mee ebe just fir déi Leit déi do wunnen, respektiv fir Visiteuren oder hir Fournisseuren, fir eben ze garantéieren, datt d'Leit och all Kéiers eraus kommen zu deenen zwou Säite wann do geschafft gëtt.

Et muss natierlech - well dat ass wahrscheinlech och am Sënn vun all Mënsch - et muss zu all Moment natierlech ëmmer garantéiert ginn, dat ass op all Schantchen d'nämlecht, d'Pompjeeën, d'Ambulance an natierlech och eis Müllween laanscht kommen an all Owend gëtt och vum Entrepreneur dofir gesuergt, datt d'Leit bei hir Haiser respektiv hir Garage bäikommen. Dofir ginn dann och déi Fouillen an Tranchéeën owes zougedeckt. Dat ass u sech bei all Schantchen de Fall. Ugefaang gëtt moies mat Schaffen och am Prinzip wéi op all anere Schantchen dee mir hei zu Diddeleng hu vu 7 Auer moies bis 17 Auer owes an den Entrepreneur sot mir och nach, e géif a Phase schaffen, dat heescht datt en net géif déi ganz Strooss op eng Kéier oprappen, mee just a Stéckelcher schaffe fir datt eben ëmmer nëmme e Stéckchen op wier an dann och owes nëmme misst e Stéckchen zougedeckt ginn.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia Dall'Agnol. Sinn nach Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Ech wollt do just nofroen, ech hu mat enger Biergerin geschwat déi an där Strooss wunnt an déi huet vum Entrepreneur gesot kritt, et wier net méiglech fir den Accès zu hirem Haus ze ginn, well dee Gruet géng ze grouss ginn an déi eise Placken déi si drop leeë géifen dann duerchbéien. Dat ass dann elo Ausso géint Ausso.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo also, ech kennen déi Ausso vun der Biergerin net, da soll d'Biergerin sech vläit eng Kéier mellen oder eis soen, wou si wunnt, an och soe wat den Entrepreneur genee sot. Ech kann lech just soen, datt et d'Regel hei zu Diddeleng ass, datt ee muss bäikommen.

Et kann allerdéngs sinn, datt dat doten e ganz spezielle Fall ass, dat weess ech net wann ech net weess wou si wunnt a net sur place war. Wann déi eng Risen-affahrt huet an d'Eiseplacken dat doten elo net géng aushalen, bon da muss natierlech och d'Sécherheet garantéiert ginn. Ech menge keen hei bannen an deem Gemengerot wëllt, datt déi Fra mat hirem Auto driwwer fiert an dann an der Tranchée vum Entrepreneur läit. Ech mengen dat muss lo au cas par cas gekuckt ginn. Speziell Fäll ginn et ëmmer. „Die Ausnahme bestätigt die Regel“, mee wéi gesot, wann do e Problem ass, si hunn alleguer d'Telefonnummere an engem Avis ausgedeelt kritt, wie fir wat responsabel ass. Da sollen si nach eng Kéier mam Entrepreneur Récksprouch halen a wann si wierklech net eens ginn, da muss eng Kéier ee vum Service technique dohinner kucke goen. Den Tom Schroeder ass en charge vun dem Projet, da kann deen eng Kéier laanscht kucke goen, wéi een sech kann arrangéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Nach weider Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kënne mir iwwert dat dote Reglement temporaire ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? Dat ass unanime. Merci. An dann dat nächst Reglement.

2.3. Bestätegung vun engem temporaire Reglement vum Buegermeeschter a Schäfferot am Kader vun der Organisatioun vun deene monatleche grouss Maert am Joer 2018

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Dat gëtt nach méi einfach, dat ass d'Verkéisersreglement, dat de Schäfferot den 2. Januar ënnerschriwwen hat fir datt mir kënne eise grouss Maart all éischten Donneschen am Mount och dëst Joer ofhalen. An dat ass och wéi all Joer, an der Rue Jean Jaurès an op der Place Hôtel de Ville fënnt dee statt an dat hei ass eben elo d'Konfirmatioun um Ordre du jour vum Gemengerot. Wéi gesot, et steet näischt anescht dra wéi och soss ëmmer. De Maart gëtt net ëmgeännert an d'Verkéiserssituatioun am Prinzip och net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Hutt Dir Froen dozou? Dat ass net de Fall. **Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

2.4. Approbatioun vum temporaire Verkéisersreglement während de Kiermessen am Joer 2018

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

An nach méi einfach. Dat sinn eis Kiermessen, déi och wéi all Joer op der Place Fohrmann an am Schwaarze Wee gëtt do gespaart. Mir müssen natierlech e provisoiresche Busarrêt an der Rue Karl Marx maachen. Wéi gesot, same procedure as every year, och hei gëtt näischt un der Situatioun geännert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ass de Gemengerot och mat deem Reglement averstanen? Dat ass unanime. Merci. Gutt, dann hätt mir d'Verkéisersfroen duerch. Da komme mer eriwier op d'Gemegefinanzen.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Plan pluriannuel de financement fir d'Exercicer 2019 à 2021 - Presentatioun an Diskussioun

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir als éischt op de *Plan pluriannuel de financement* vum Exercice 2019-2021. Et ass jo ëmmer iwwert 3 Joer, et ass eng Traditioun, dass mir hei am Gemengerot, vu dass d'Gesetz jo virgesäit, dass et just eng Kommunikatioun ass, dass mir dee PPF hei presentéieren, diskutéieren an dass och d'Kollegen an d'Kolleginnen aus dem Gemengerot d'Méiglechkeet hunn, dozou Stellung ze huelen, vu dass et awer och en Dokument, wou elo kee Vote en tant que tel brauch gemaach ze ginn.

Dee PPF, do si mir gebonnen, dee virum 15. Februar eranzeschécken dëst Joer, sou wéi dat och an der Circulaire steet, déi mir den 14. Dezember kritt hunn, wou am Fong eng ganz Rei Previsiounen gemaach ginn, och am Kader vum Plan pluriannuel vum Staat, dee mécht jo och déi selwecht Previsiounen wéi mir, wou dann d'Chiffere matgedeelt goufe wat den Impôt commercial ugeet, respektiv de Fonds de dotation globale des communes, wou mir dann och déi Parametere erofrechnen op de Budget vun der Gemeng Diddeleng.

De PPF gëtt am Fong eng Iwwersiicht iwwert d'Finanzsituatioun vun den nächsten 3 Joer, iwwert déi Investor, déi mir wëllen tätigen an dat schreift sech an an där Previsioun op eng enger gewëssener Linearitéit oder Premissen engersäits vum Kont vum Joer 2016 vum Budget rectificié 2017, vum Budget initial 2018 an déi jeeweileg Previsiounen, 2019, 2020 an 2021.

Wann een e bëssen op déi ganz Situatioun ageet vum PPF, do kann een op alle Fall soen, um Niveau vun de Recettes-ordinaires, wat den Impôt commercial ugeet, dee bleift an deenen dote Previsiounen zimlech stabil, mä et ass keng gréisser Recette, et war ni

eng gréisser Recette fir d'Stad Diddeleng, mä och landeswäit.

Beim Fonds de dotation globale des communes gesäit een, dass awer eng gewëssen Evolutioun ass, plus minus 3-4 Milliounen Euro en fonction vun der Circulaire a natierlech no der Evolutioun vun der Populatioun. Iwwer 3 Joer gesäit een, wann ee kuckt vun 2018- 2021, do hu mir eng Dotation globale des communes, do kréie mir 11 Milliounen Euro méi.

Den ICC, do leie mir bei 200.000 Euro méi. Wat een natierlech kucke muss, dat ass e bëssen tributaire och vun der Evolutioun vun den Aktivitéite ronderëm de Logistikzenter, CFL Multimodal, respektiv Goodyear, wann déi sech implantéieren, déi Chifferen hu mir hei elo net agesat mee déi wäerten och sécherlech Gewënn ofschëdden.

Dann den Impôt foncier, do ass keng gréisser Evolutioun hei virgesinn en attendant d'Reform.

Wat Dir och hei um PPF gesitt, mir maache kee weidere Recours op eis Réserve-budgétaires, déi graff bei 12,5 Milliounen Euro leien.

Dat um Niveau vun de Recette-ordinaires.

Et weist och aus, dass natierlech bei de Recette-ordinaires d'staatlech Dotatiounen ëmmer ëm déi 70 % ausmaachen.

Dann natierlech, wann ee bei d'Depense-ordinaires iwwergeet, Personalfrais déi weiderlafen, do sinn elo an de Previsiounen keng nei Engagements virgesinn. Dat ass einfach previsionnell. Dann, wann een kuckt beim Résultat ordinaire, do hu mir e Boni auszuweisen.

Wa mir eriwier ginn op den ausseruerdentlechen Deel, dat heescht all déi méi déck Investor, déi mir hei maachen, do hunn engersäits d'Depenses direkt mat de



Recetten ze dinn, wat och Subsiden ugeet. Wann ee kuckt, ech huelen elo einfach Depense-extraordinaire vum deene gréissere Projeten, déi mir 2018-21 wëllen ëmsetzen, do kann ee soen, dass dat sécherlech en Invest ass vum 53 Milliounen Euro an déi méi gréisser Bléck déi do erauszehiewe sinn, dat ass natierlech déi 2. an déi 3. Phase vum Shared Space awer och d'Schoul am Quartier Lenkeschléi, déi mir an Ugrëff huelen, awer och d'Crèche am Quartier Italien.

Et ass awer och de Projet ronderëm de Strutzbierg C, wou en neie Gymnase an eng nei Schwemm gemaach ginn, et sinn eis nei Gemengenatelieren, déi 1. Phase déi virgesinn ass am Pluriannuel, an awer och d'Butschebuerger Strooss, wat haaptsächlech e staatleche Projet ass, mee wou mir jo awer natierlech eis Bedeelegung un deene ganze Kanalisatiouns- a Réseausaarbechten hunn, sou dass dat gutt 53 Milliounen Euro ausmécht, wat d'Depense-extraordinaires ugeet an natierlech op der Contrepartie hu mir och d'Recette-extraordinaire bei deene Projeten, déi ech opgezielt hunn. Do wësst dir, dass mir bei Shared Space europäesch FEDER-Gelder zougedeelt kréien an natierlech wat Lenkeschléi ugeet, do kréie mir Subside vum Staat awer och beim Strutzbierg fir d'Piscine an och fir de Gymnase am Quartier Italien. Wat d'Crèche ugeet, hate mir jo festgehalen, dass mir zu 100 % Infrastrukturkäschten iwwerhuelen an en contrepartie de Staat 100 % vum de Personalkäschten iwwerhëlt.

D'Butschebuerger Strooss, alles wat Stroossenerneierung ass, do kréie mir keng staatlech Subsiden, och net bei eise Gemengenatelieren.

Mir hunn eng ganz Rei Projekte wou Subside vum Staat kréien a Subside vum Staat net kréien, dat ass ëmmer en fonction vum Projet, deen een och ganz kloer hei mécht, wat also och mat sech bréngt, mir hunn ëmmer gesot, dass wa mir en Emprunt mussen ophuelen, dann ass et fir Projeten, déi generatiounsiwwergräifend sinn. Dofir war och virgesi fir 2019 previsionell en Emprunt opzehuele vum 8 Milliounen Euro an 2020 en Emprunt vum 9,5 Milliounen Euro.

Ob et en fin de compte bei deem doten Emprunt bleift, dat hänkt e bëssen och dovun of, wéi de Kont vum 2017, respektiv och de Kont vum 2018 ausfällt, dat hänkt ëmmer dovunner of wéi dann och d'Finanzsituatioun ass, wat een och mat eriwwer hellt, wéi och dann d'Depensen an d'Recette sinn. Bei dem heiten hu mir déi Emprunten agesat sou dass

och d'Pro-Kapp-Verscholdung wäert eropgoe wann dat esou getätegt gëtt.

Dat als Ausriichtung vum deenen Investor vum deene Bléck, déi mir dëst Joer an vum 2019 bis 2021 wëllen tätigen, hei sinn eng Rei Projeten déi dra sinn, déi si schonns 2018 am Budget festgehalen an déi hunn natierlech en Impakt op 2019, respektiv 2020.

Esouvill zu den Ausféierunge wat de PPF ugeet an d'Diskussioun ass elo op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci, et ass wéi Dir sot, de Plan pluriannuel ass am Fong en Dokument an der Verantwortung vum Schäfferot an et ass de Schäfferot, deen de Plan pluriannuel och net ëmmer als bindend ugesäit, dat wësse mir. Sécher si vill Faktore vu baussen déi spillen, trotzdem ass et awer ëmmer e bëssen erstaunlech, wann ee kuckt, zum Beispill 2016 beim Plan pluriannuel ware schonns Emprunte fir 2017 virgesi fir d'Bildungshaus Lenkeschléi. Wéi ech am Juli 2017 gesot hunn, mir hunn den Dossier verschleeft an Zäit versträiche gelooss fir dat Bildungshaus ze bauen, also de Schäfferot 2016 hat och déi Visioun, dass een hätt missen éischer ufänken. Bref, et ass awer näischt geschitt. 2017 ware just 100.000 Euro fir d'Bildungshaus Lenkeschléi geplangt, an elo 2018 geet et dann endlech un, also just dat als Illustratioun, dass dee Plan pluriannuel och net ëmmer agehale gëtt.

Dat ass eben esou, mä trotzdem maache mir als CSV eis ëmmer Gedanken iwwer dee Plan pluriannuel, wéi iwweregens iwwer all Dokument, dat mir matkréien a wou mir als Ënnerlage kréien. Mir kucken dat seriö duerch a mir diskutieren dat an des Käier ware mir enttäuscht well dës Plan pluriannuel sollt jo déi nei Ära vum dëser Legislaturperiod illustréieren a mir hunn eis erwaart, schonns éischt Visiounen erauszeliese wat de Schäfferot hei reell Wëlles huet.

Mä mir sichen e bësse vergeblech, well zum Beispill ass kee Posten dra fir Terrainen oder Gebaier ze kafen, fir Wunnraum ze schafen, deen abordabel ass, et si keng Visiounen dra fir eng Zone industrielle ze schafe fir kleng a mëttelgrouss Betriber. Fir d'Kulturhaapstad 2020, do gesinn ech och elo keng Visioun, wou een hätt kënne soen, do gëtt elo massiv investéiert fir dass mir do visibel kënne ginn. A wat elo d'Emprunten ubelaangt, 2017 sollten d'Emprunte ganz anescht opgedeelt ginn, do hätten 2018 sollen 2,5 Milliounen



Euro Emprunte ageschriwwe ginn, 2019 3 Milliounen Euro an 2,5 Milliounen Euro fir 2020. Déi sinn elo gebündelt ginn, wann ech dat richtig verstinn, op 2019 ass en Emprunt envisagéiert gi vun 8 Milliounen Euro, mee mat deenen 8 Milliounen Euro ginn awer Projekte gemaach, déi schonns laang gestëmmt sinn, also ass do och näischt neies, do ass déi Crèche Italien, d'Shared Space Erweiterung, d'Butschebuerger Strooss gëtt neigemach, d'Bildungshaus Lenkeschléi, also wéi gesot, dat si keng nei Saachen, déi mir hei erëmfannen an op Nofro firwat den Emprunt vun 9,5 Milliounen Euro fir 2020 virgesinn ass, huet et geheescht, et ass haaptsächlech fir Stroossebau an - en neie Moment - en Atelier fir d'Regiebetreiber, dee mir awer och schonns 100 mol diskutéiert hunn, deen awer elo soll mat 10 Milliounen Euro zu Buch schloe soll, wat awer och e seriösen Invest ass, woubäi d'Fro ass: Hu mir do eng Idee ob dat duergeet op dem Site wou déi elo sinn, oder gëtt awer en neie Site envisagéiert, villäicht kréie mir dat och nach eng Kéier an engem Gemengerot zur Diskussioun gestallt.

En aneren effektiv neie Moment, dat ass dass um Strutzbiërg net renovéiert gëtt, mee dass d'Piscine an de Gymnase neigemach ginn, wat sécher absolut OK ass.

Wéi gesot, keng Visiounen, mee déi eenzeg konstant a reell Wourecht ass, an do weisen ech och all Joer drop hin ass déi enorm Hausse vun de Personalfrais an och virun allem do déi falsch Aschätzung vun der Explosioun vun eise Personalfrais. Ech gi kuerz zeréck op de PPF vun 2016, dat ass nach net laang hir, dat war virun zwee Joer. Do ware fir 2018 d'Frais du personnel op 38,5 Milliounen Euro geschat ginn, 2017 am PPF waren d'Frais de personnel vun 2018 revidéiert ginn ëm 2 Milliounen Euro, also eng Hausse vu 40,2 Milliounen Euro. Am PPF vun dësem Joer ass elo fir 2018 nach eng Kéier eng Hausse gemaach ginn, elo si mir bei 41,9 Milliounen Euro, dat heescht vun 2016 bis 2018 sinn d'Personalfrais reell op 3,4 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen.

Méi dramatesch gesäit et och aus wa mir elo kucken op 2019, wéi d'Visiounen waren 2017 ware mir ganz optimistes, do bleiwe mir bei 41,4 Milliounen Euro an 2018 hu mir awer elo verstanen, dass dat awer méi gëtt, dat sinn 43,8 Milliounen Euro.

Ganz dramatesch ass virun allem och, wann ee kuckt, dass eis Frais de personnel méttlerweil op e Prozent-

saz vu 56% vun eisen Depenses-ordinairë sinn. Nëmme fir ze soen, mir hunn en plus 5 Milliounen Euro manner ze bezuele wat eist Schoulpersonal ubelaangt, well déi brauche mir jo net méi ze bezuelen, an trotzdem brénge mir et awer fäerdeg op 56 % Fraise vum Personal ze kommen, déi eis Depense-ordinairë belaauchten.

Dass mir müssen de Personalschlüssel an de Maison Relais héich halen, dat ass vum Gesetz virgeschriwwen, dass mir müsse Servicer, déi performant müsse sinn, och müssen opstocken, dat si mir eis bewusst, wann ee kuckt wéi zum Beispill am Informatikservice, wann s de do eragees, déi Leit do setzen ënnert onméigleche Konditiounen an och d'Horaires, wann s de kucks am Kulturservice wéivill Iwwerstonnen den John Rech zum Beispill huet. Dass een do muss eppes änneren si mir eis bewusst, mee trotzdem müsse mir virsiichteg si mat Kreatiounen vun neie Posten a mir widerhuelen et ëmmer erëm, mol e Moratoire eventuell maachen, aner Gemenge maachen dat och emol, an e seriöse Screening maachen. Ech hoffen, dass mir deen aktualiséierten Organigramm demnächst mol erëm eng Kéier presentéiert kréien, fir dass mir en toute connaissance de cause kënnen doriwwer schwätzen an ech widerhuelen och mäin Appel: Här Buergermeeschter, Dir sidd Patron hei, ech kommen och aus engem Privatbetrieb an als Patron muss een sech einfach méi oft dohinner beweegen bei d'Servicer, d'Aen opmaachen an och emol onugemellt dohinner goen an och eng Kéier mat de Leit zesumme schwätzen an sech iwwerleeën, och wann et onpopulär Moosnamen heiansdo sinn, wéi ee ka Synergie schafen, mee sou kann et net viru goen.

54% vun eisen Depensen, déi si blockéiert an do leie mir un der Spëtzt vu ville Gemengen an dorop brauche mir net stolz ze sinn. Dofir nacheng Kéier mäi waarmen Appel: Haalt op mat deem hemmungslose Leitastellen, dat bréngt eis finanziell Situatioun an en Ongläichgewicht, wat ongesond ass. Voilà. Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Merci, dee Plang weist leider net aus, wéivill Wunnengen d'Diddelenger Gemeng baut. An der Walcampagne huet all Partei am Mouvement vu bezuelbarem Wunnraum geschwat. Dir entschëllegt mech, mee ech gesinn dat net hei op deem Pabeier. Mir wëssen awer och wéinst der Budgetversammlung, dass d'Gemeng Diddeleng zwee Appartementer am Quartier Lenkeschléi wëll kafen an et och virgesinn ass, d'Haus 37- 39 aus der Commercestrooss no der



Modernisatioun dem soziale Wunnensbau zur Verfügung ze stellen. Dat begréisst mir. Mee et geet bei wäitem net duer.

Och dee Rapport, wou vum Pacte de logement Ufank Februar 2018 publizéiert ginn ass, huet festgestallt, dass d'Gemengen ze wéineg Wunnenge bauen.

Just 2,3% vun de Suen, déi d'Gemeenge vum Staat duerch dëse Pacte de logement kréien, ginn erëm zeréck an d'Wunnengen investéiert.

Och gëtt dovunner geschwat, dass de Pacte de Logement 2021 ausleeft an ech wollt do gär wëssen, wat geschitt no dësem Datum a wéi ass et mat der finanzieller Ënnerstëtzung? Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, erlaabt mir am Numm vun deene Grénge Stellung ze huelen zu deem Plan pluriannuel de financement, dee mir presentéiert kritt hunn. Et ass ëmmer interessant, sech déi Previsiounen unzekucken, woubäi een sech awer froe muss, wéi fiabel dee Bléck an d'Finanzukunft ka sinn.

Sou ass mir opgefall, dass am Plan pluriannuel vum leschte Joer en Excédent vum uerdentleche Budget vun 1,6 Milliounen Euro virgesi war, am Rectifié awer elo schonns 4,4 Milliounen Euro erauskommen.

Wat d'Previsiounen vun dem Excédent an de Joeren 2019-2021 betrëfft, sou schéngt dee jo kontinuéierlech ze klammen an dat dank steigenden Einnahmen, woufir mir eis jo villäicht déi steigend Personalkäschte kënne leeschten.

Et kënnt engem awer och e bëssen optimisteschesch vir, wat do vu Previsiounen vum Staat virgi gëtt, mee mir kënne jo dann awer hoffen, dass dat esou weidergeet.

Wat elo déi ausseruerdentlech Ausgabe vun deenen nächste Joere betrëfft, sou hat ech mir schonns déi lëscht Joere virgestallt, dass mir do eppes méi Präzises géife virgeluecht kréien. Et existéiert dach sécher eng Zäitschinn, an där festgeluecht ass, ab wéini ongeféier déi grouss Investissementer virgesi sinn. Kéinte mir déi net matgedeelt kréien?

Mir müssen eis also zefridde gi mat deenen Zommen, déi fir ausseruerdentlech Ausgaben déi nächst Joere virgesi sinn an ongeféier ze wëssen, wat domat ge-

mennt ass. Et fält an deem Zesammenhang jiddefalls op, dass am Plan pluriannuel vum leschte Joer vum 2018 un dräi Emprunten hannertenee virgesi ware vun insgesamt 8 Milliounen Euro an elo déi 8 Milliounen Euro Emprunt viraussichtlech géifen 2019 getätegt ginn. Do ass also zumindest eng Ofännerung. Da géife mir awer 2020 nach eng Kéier 9,5 Milliounen Euro zousätzlech léine goen. Déi zwee Joeren 2019 an 2020 si Rekordausgaben am ausseruerdentleche Budget virgesinn, déi dann och net kënne aus Eegemëttel finanziert ginn. Wéi erkläert sech déi Verdueblung vun den Emprunte bis 2020 am Verglach zu de Previsiounen vum Plan pluriannuel vum leschte Joer? Mir brauchen dat hei net ofzestëmmen an huelen dat da just zur Kenntnis a genéissen dat mat grousser Virsiicht.

Ech géif dann awer nach wëllen eng Fro unhänken, well am Géigesaz zu der Madame Kayser hunn ech keng präzis Informatiounen iwwer deen Neibau oder net Neibau oder d'Flécke vum Strutzbierg C, Piscine a Gymnase. Hei sinn elo 12 Milliounen Euro virgesinn, ech fannen, dass dat en héije Montant ass, wann domat just den Neibau vu Piscine a Gymnase gemengt ass, an net méi, zemoools wann een et vergläicht mat deem wat fir d'Schoul Lenkeschlei vu 18 Milliounen Euro virgesinn ass, wat jo awer vill méi eppes Grousses ass a wou en plus och nach e Gymnase mat dran ass.

Ech muss soen, villäicht sinn ech dat Eenzege wat hei schlecht informéiert ass, mee ech wier awer frou wa mir bei esou engem groussen Projet villäicht och elo oder eng aner Kéier kéinten zousätzlech Informatiounen kréien. Merci.

MARTINE KOHN (LSAP):

Ech wëll dann och vu menger Säit aus hei nach eng Kéier déi Zuele beliichten, an och eise Bléck an d'Zukunft nach eng Kéier hei erklären.

Also, déi Zuelen, déi mir hei elo kucke vun 2017, Budget rectifié, reflektéieren eigentlech net déi reell Situatioun, déi matgedeelt ginn ass vum Finanzministère, dat heescht, datt d'Finanzeinnahmen sech nach méi favorabel entwéckelt hunn. Also eigentlech sinn se besser wéi dat wat mir virleien hunn.

Trotz Steuerreform ass d'Akomes an d'Luucht gaangen an och d'Gewerbesteier, déi der Gemeng zegutt kënnt, huet sech par rapport zu 2016 besonnesch staark no uwen entwéckelt. Dat huet natierlech en Impakt op d'Finanzsituatioun, ënner anerem natierlech



och vun der Diddelenger Gemeng an och op eis mëttel-fristeg Finanzplanung, déi mir haut hei maachen.

Eigentlech ass eis Situatioun besser wéi se aus den Zuelen hei um Pabeier ervirgeet. Deene leschte positiven Entwécklung ginn hei nach net Rechnung gedroen.

Positiv ass och, dass iwwert déi ganz Period, vun där mir hei schwätzen also 2018–2021 den Iwwerschoss am ordinaire Budget vu geschätzte 5,4 Milliounen Euro vun 2018 progressiv op 12,6 Milliounen Euro eropgeet. Dat mécht et méiglech, dass trotz Rekordinvestissementen, déi néideg sinn, vu ronn 90 Milliounen Euro mir nëmme brauche 17,5 Milliounen Euro léinenzegoen, nodeems mir 2017 an 2018 hu missen op en Emprunt zeréckgräifen.

Dat alles ass am Sënn vun enger nohalteger Budgetpolitik, well mir 43 Milliounen Euro vun eisen ausseruerdentlechen Ausgaben duerch Eegemëttel finanzéieren.

Staatlech Subventiounen maache ronn en Drëttel vun deenen ausseruerdentlechen Ausgaben aus.

Wichtig ass och, dass mir eis Budgetsreserven net müssen untaaschten, mir behalen dee sougenannten Apel fir den Dusch an Zukunft wann et sollt budgetär méi enk ginn. Et ass vu Visiounen geschwat ginn, Visiounen hu mir virun de Wälen developpéiert an déi si bei eis am Programm.

De Programm vun der Majoritéit, dee spigelt sech hei an där pluriannueller Planung erëm.

An der éischter Halschent vun der Mandatsperiod gëtt direkt an e puer Hauptprojeten investéiert an déi ginn och realiséiert.

De Schwéierpunkt läit do ouni Zwiwiel am Beräich Schoul a Kannerbetreuung mat deem neie Schoukumplex am Quartier Lenkeschléi, dem Ëmbau vum Strutzbierg an där neier Infrastruktur am Quartier Italien.

D'Majoritéit setzt also hire Programm hei konsequent duerch, natierlech huet de Finanzplang bis 2021 nëmme en indikative Charakter.

De Schaffen- a Gemengerot muss kënne flexibel op nei Situatiounen reagéieren, déi sech erginn, well deen een oder deen anere Projet net kann esou realisé-

iert ginn, wéi een sech dat geplangt huet, net sou schnell villäicht, an och villäicht e bëssen anescht wéi geplangt. Dofir kënnt et och heiansdo zu neie Projekten, déi mir haut nach net kënne virausgesinn.

Déi allgemeng budgetär Situatioun ass an eisen Ae ganz gesond, an et ass esouguer nach Sputt do fir dass mir och kënne an Zukunft op nei Situatiounen reagéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi Stellungnahmen, da ginn ech op déi verschidde Punkten an.

Dës Majoritéit an ech als Buergermeeschter deelen net déi Dramatik, déi d'Madame Kayser hei esou duerstellt an deelen och net déi Approche, dass een den Däiwel muss un d'Wand molen.

Mir hu ganz kloer Visiounen an dat ass déi nohalteg Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärung, déi mir hei presentéiert hunn an déi vu Joer zu Joer fir dës Mandatsperiod, déi elo ufänkt, konkret an de Budgeten Nidderschrëft fannen, et ass dat wat eis hei verpflichtet.

De PPF ass näischt anescht wéi eng Previsioun en fonction och vun de staatlechen Einnahmen, sou wéi déi och calculéiert sinn, a wéi virdru gesot ginn ass, déi si momentan besser wéi dat wat hei agefloss ass.

Dat heescht, och déi Evolutioun ass dynamesch, a wann et de Contraire eng Kéier sollt sinn, dann huet dat och en direkten Impakt op dës Budget.

Op alle Fall huet dës Budget 2018, awer och de PPF, Visiounen, déi mir nohalteg ëmsetzen am Kader vun de Prioritéiten, déi mir eis am Kader vun der Schäfferotserklärung ganz kloer ginn hunn.

Ech muss awer soen, dass am Kader vum Budget 2018 eng ganz Rei Saachen gesot goufen, déi awer kloer waren. Do ass kloer gesot ginn, dass de Site vun de Regiebetriber deen aktuelle wäert bleiwen, wou mir och do weider wäerten investéieren.

Dat hunn ech am Kader vun der Budgetdiskussioun hei ganz kloer in extenso gesot, dass do kee Revirement vun der Situatioun ass a mir do weider wäerten investéieren, wéi awer och gesot gouf, dass Richtung Strutzbierg en Neibau géif gemaach ginn. Also, dat wat haut hei gesot gouf ass keen neie Moment, dat



ass am Kader vum Budget 2018 gesot ginn, dass en neie Gymnase an eng nei Piscine wäerte kommen an dass mir net wäerten an dat wat besteht renovéiere well dat ze opwenneg ass. Ech kann awer hei soen, dass wa mir den Neibau vum Strutzbierg maachen, do gëtt souwisou de Gemengerot befaasst mat engem Devis, an dat ass och e flotte Moment wou een iwwert de Strutzbierg, neie Gymnase an dësem Gremium ka schwätzen.

Hei ass dann déi klassesch Prozedur, déi mir ëmmer maache wa mir esou grouss Projeten an Ugrëff huelen.

Dann, par rapport zu der Personalpolitik, do hu mir ganz kloer en Daum drop, mir hunn dat ganz kloer am A, mir suivéieren dat och.

Op där anerer Säit muss een och soen, dass Diddeleng weider wíisst, an dat bréngt mat sech, dass ee qualitativ gutt Déngschter ubitt, a mir hunn hei ganz kloer dee Wee ageschloen, dass mir keen Outsourcing maachen, mee Leit am Secteur public astelle fir déi Missiounen, déi mir hei mussen ëmsetzen am Alldag, an dat sinn der ganz vill an ech wëll do virgräifen, de Gemengerot wäert sécherlech mam Organigramm befaasst ginn.

Dir wäert deen och presentéiert kréien, mir si jo verpflichtet, an dat ass eng Diskussioun, déi mir hei am Haus feieren, och mat der Delegatioun, mat der Ëmsetzung vum neie Gesetz iwwer d'Fonction publique, déi ass den 1. September och am Gemengesector a Kraaft, da musse mir en neien Organigramm opstellen, an do wäerte mer och de Gemengerot domat befaassen, an och kloer presentéieren.

Dann, par rapport zu der Remarque zum Pacte logement, et ass richtig datt deen 2021 ausleeft, an elo muss deen aktuelle Ministère oder deen zukünftege Minister sech Gedanken maachen, wéi eng Ausrichtung de Pacte de Logement soll kréien, ob en um selwechten Incentive wéi elo soll weidergefouert gi wéi elo oder eng aner Nues soll kréien, Conclusiounen si gezu ginn, elo ass déi nächst Etappe ze huelen.

Wat een awer soe kann, an och an der Duerstellung, déi Suen déi d'Gemege kritt hunn am Kader vum Pacte logement hunn se effektiv geholl fir ëffentlech Infrastrukture fir Schoulen, fir Maison Relais well och dat ass tributaire vum Wuesstem vum enger Gemeng, dass een och weider Structure brauch fir och där dote Missioun kënne Rechnung ze droen niewent

deenen aneren Investor, déi an de Logementen gemaach goufen.

An ech kann och berouegen, 2018 hu mir Projete virgesi fir de Wunnensbau, mir wäerten dat och 2019 an 2020 an 2021 weiderverfollegen, och an där doter Period wäert d'Planung vum Neischmelz ugoen, wou mär als Gemeng jo och Terrainen hunn niewent dem Fond de logement, och do wäerte mir eis Responsabilitéit als Stad Diddeleng huelen.

Dann zu där Remarque wat d'Emprunten ugeet, déi Verschibungen, wéi d'Madame Goergen sot, do si mir ëmmer tributaire engersäits vum Kont, dat gëtt eis d'Lecture iwwert déi Investor, déi getätegt goufen, de Kont 2016, de Kont 2017, de Kont 2018 an dat huet ëmmer en Impakt op de Budget rectifié, respektiv den initial vum deene Joeren duerno an do kënne Verschibungen stattfannen um Niveau vum den Emprunten en fonction vum der Finanzsituatioun, déi een huet.

Dat heiten ass eng Lecture, eng Foto vum der aktueller Situatioun, mee wa mir elo de Rectifié 2018 Enn des Joers wäerten hunn, och dat huet dann en Impakt op déi nächst PPFen well dann d'Finanzsituatioun och evoluéiert huet, an och eng Rei staatlech Parametere konnte mat afléisse vum de Recetten, also mengen ech, dass engersäits ass dat wat vum nationale Recetten en Impakt huet um nationale Plang, respektiv mir eis finanziell Situatioun wéi mir se hei tätegen, och dat huet en Impakt op déi zukünfteg PPFen, déi mir hei an deenen nächste Gemengeréit wäerte proposéieren am Kader ebe vum deene Prioritéiten, déi mir eis ginn.

Summa summarum, sou wéi dee PPF hei virgestallt ass, ass en nohalteg, mir dreiwe kee **Verdutz** mat de Gemegegelder an et ass dat wat ëmmer eng Tradition hei zu Diddeleng war, wa mir iwwer d'Finanze geschwat hunn, déi ëmmer ganz kontrolléiert a ganz suergsam och ëmgasat ginn, well mir wëssen, dass mir engersäits net eng riseg grouss Pro-Kapp-Verscholdung hunn, wéi verschidde Gemengen, déi ganz héich sinn, eis awer och net kënne a risege Reserve wälzen, wéi aner Gemengen dat kënne maachen, déi net wäit vum hei ewech sinn.

Dofir hu mir hei ëmmer eng virsiichteg Finanzpolitik als LSAP bedriwwen am Intérêt vum der Stad Diddeleng an och vum hire Bierger. Dat zum PPF an och



d'Stellungnahm zu deene verschiddene Remarquen, déi gemaach goufen, et ass en Dokument wat net zum Vote steet, dofir proposéieren ech dass mir weider ginn an d'Taxereglement vum Citybus.

3.2. Ännerung vum Kapitel VII - Citybus – vum allgemengen Taxereglement

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci. Jo, et geet éischter ëm de Flexibus, de sougenannte Ruffbus. Beim Budget a bei der Virstellung vun der Schäfferotserklärung hat ech lech gesot, dass mir géifen e Ruffbus oder Flexibus aféiere fir Leit iwwer 60 Joer a fir kënnen Tickete fir dee Bus ze kafen oder ze verkafen hei am Haus, musse mir natierlech hei am Gemengerot eng Taxe stëmmen an zwar géif en Abonnement fir dee Bus fir e Joer 60 Euro kaschten, fir 1 Mount 15 Euro an e Carnet mat 10 Ticketen, déi da 24 Stonne gültig sinn, géif 10 Euro kaschten.

D'Tickete géifen hei an der Receptioun verkaf gi wéi och d'Tickete vum Citybus an iwwregens, ech hunn un lech geduecht, d'Citybus-Tickete si gëschter geliiwert ginn, sou dass d'Madame Goergen dann och haut endlech hiren Abonnement ka siche goen.

De Ruffbus, Flexibus wäert ab de Méindeg, de 5. Mäerz fueren an natierlech gëtt am Viraus en Toutes boîtes verdeelt, wou d'Leit da kënnen alleguerten d'Donnéeën an de Präis vum Ticket erëmfannen, an natierlech steet do och eng Telefonsnummer an eng E-Mail-Adress drop fir alleguerten d'Froen, déi sech an deem Zesammenhang fir de futur Usager wäerte kënnen stellen. Deen Toutes boîtes soll d'nächst Woch verdeelt ginn, also no der Vakanz.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci fir d'Wuert. Schuet ass, dass de Schäfferot et net néideg fonnt huet, de Callbus als Diskussiounspunkt op den Ordre du jour ze setzen, dann hätt een als Fraktioun kënnen seng Vuen erklären an diskutéieren an zesammen eng Decisioun huelen, wéi mir dee Ruffbus ausrichten, well ech weess, dass hei am Sall vill an hirem Walprogramm och e Ruffbus haten. An ech widderhuelen dat och wat ech virdru gesot hunn zum Thema vun deene Matdeelungen déi mir kritt hunn iwwert Korrespondenz, do sot ech och schonns, mir sinn net hei fir einfach alles duerchzewénken, mee mir sinn hei fir konstruktiv politesch matzeschaffen, an do wier villäicht eng Diskussioun am Virfeld awer

sënnvoll gewiescht, wéi dass mir elo just hei einfach d'Tariffer kréien.

Ech kréien och elo erëm gesot, hei ass elo net d'Plattform fir iwwer de Ruffbus ze schwätzen, mä "wenn nicht jetzt wann dann"?

Och d'CSV hat ëmmer gefuerdert, dass mir e Ruffbus kréien, mir fannen et och gutt, dass mat engem Ruffbus déi Quartiere wéi Wolkeschdall, déi net erreechbar si mam Citybus, elo endlech eng Méiglechkeet hu fir awer mam ëffentlechen Transport sech weider fortzebeweegen.

Mir fannen et och gutt, dass eeler Leit aus hirer Isolatioun gehollef kréien, déi nët méi ze Fouss bis bei de Citybus-Arrêt kënnen goen, mir fannen et och wichteg dass zemools wann een héiert, dass Fleegeversécherung nët méi déi Begleetakafsortien iwwerhëlt, dass mir eng aner Alternativ ubidden, mee mir hätten de Ruffbus awer laut der CSV hätt dee Ruffbus eng aner Nues kritt.

Éischtens emol hätt mir de Réseau ausgeweit, dat kann ee locker maachen, dass een och nach e puer Statiounen ausserhalb vun der Gemeng ufiert, zum Beispill Cactus Kayl oder Cactus Beetebuerg, grad elo am Kontext mat där Diskussioun iwwer dee Mangel u Begleetakeef oder d'Ofschafe vun de Begleedakeef fir eeler Leit.

Mir sinn och elo déi lescht Gemeng am TICE, déi elo e Ruffbus kritt, ech hat dat schonns a menger Interventioun 2015 gesot gehat. 2015 hate mir schonns drop higewisen, dass Déifferdeng en Diffbus huet, dee gratis fiert. Dat ass och eng lwwerleeung déi een hätt kéinten an enger Diskussiounsrönn kënnen opgäräfen. Den Diffbus ass en plus en Elektrobus.

D'Gemeng Monnerech, déi hunn de Mo-Bus, deen huet sech och erweidert déi dierfe bis an d'Kufa fueren, bis bei de Belval Plaza, d'Clinique Sainte Marie an den CHEM gëtt do ugefuer an och d'Gare Schëffleng.

Suessem, do kascht den Trajet 1 Euro, do ass och de Ruffbus fir jiddereen, d'Kanner sinn do bis 6 Joer gratis.

Hesper huet en Hybridbus.

Beetebuerg huet der zweeërlee, de Flexibus, dee gratis ass an si hunn och nach en Transportbus vum CIGL.



Dorausser erginn sech ganz vill Froen. Éischtens, wie fíert? Hu mir en Accord mam Sales Lenz, mam Weber? Oder hu mir dee Bus wéi Beetebuerg dee vum CIGL gefuer gëtt?

Da meng Fro: Firwat gëtt net op Nopeschgemengen, wéi de Cactus Kayl, Globus Beetebuerg oder Cactus Beetebuerg zeréckgegraff.

Hu mir Elektrobusser, hu mir Hybridbusser, hu mir normal Busser?

A virun allem, firwat gëtt de Flexibus limitéiert ab 60+ ? Mir haten als CSV eng aner Visioun, mir fannen et och wichteg, dass och Kanner kënne mam Bus fueren, zum Beispill fir an hir Scoutsversammlung, fir an hir Musekschoul ze goen, wann se ze wäit vun de Citybusser ewech wunnen, Frae mat enger Kutsch, zemools wann Dir kuckt, 2 Méint laang huet et hei richt eragereent, déi Leit wieren och dankbar wann se kéinten op e Flexibus zeréckgräife fir bei den Dokter oder de Kiné ze fueren, Leit mat enger passagèrer Gehbehinderung, zum Beispill wann s de däi Bee gebrauch hues an du hues zwou Kretschen, da kanns de net bis ennen op de Citybus-Arrêt ëmmer goen, an och fir aner Leit, déi e liichten Handicap hunn, well d'Autorisatioun fir den ADAPTO-Bus ze huelen, déi ze kréien ass net evident.

Mir bedauern, dass mir hei keng offen Diskussioun féieren iwwert d'Ausrichtung vum Flexibus, mee mir sinn dat awer gewinnt a mir sinn e bëssen enttäuscht, dass et net, wéi et an der Schäfferotserklärung geheescht huet, dass méi eng Ouverture a méi eng Dialogbereitschaft wier mat der Oppositioun. Dat heiten ass wéi ëmmer, mir kréien eppes dohinner geklaakt an da wénke mir dat dann duerch an dann ass et gutt, an doriwwer si mir e bësse müresch. Voilà. Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Villmools Merci. Zum Citybus, wann ech de Budget vun 2018 kucken, da belafen sech d'Recetten op 6.000 Euro.

Ech mengen, dat steet a kenger Relatioun mat de Frais-de-fonctionnement vun deem Bus a mir stellen eis u séch d'Fro firwat een dee Citybus net gratis mécht, sou dass méi Leit dee Service vun deem Citybus wäerte profitéieren, an dass déi grouss Busser sech dann och rentéieren, déi duerch d'Quartiere fueren.

Mam Flexibus, do ginn ech der Virriednerin och Recht, mir fannen et schuet, dass mir dee Projet net virgestallt kritt hunn am Virfeld fir kënne iwwer de Präis an de Fonctionnement ze diskutéieren. Merci.

HENRI GLESENER (LSAP):

Merci, ech denken dass d'Claudia Dall'Agnol de Projet uerdentlech virgestallt huet, trotzdem e puer Wuerter vu mer, als Reaktioun op déi aner heibannen. Mir mierken all Dag, dass mir, an och iwwert d'Grenzen eraus vun Diddeleng, dass den ëffentlechen Transport gutt ausgebaut gëtt, an ob mir elo hei driwwer schwätzen, dass dat hätt missen éischter sinn oder net, dat ass net den Thema vun der Debatt haut, mee ech kann nëmme begréissen, wéi den ëffentlechen Transport am grouss Ganzen ausgeriicht gëtt. Dat Ganzt ass jo e Gesamtkonzept.

Diddeleng kann sech an deem Gesamtkonzept besonnesch weisen, ebe mat dem Citybus, well de Citybus all Quartier ufiert a quasi vu kengem Punkt vun Diddeleng aus et wäit ass bis op deen nächste Bus- oder Zuch-Arrêt.

Et ass awer richtig, ganz besonnesch fir déi Leit, déi net méi esou gutt ze Fouss sinn, also Leit ab engem bestëmmten Alter, an déi, déi eben och dann hir Akafstute musse schleefen, ass de Citybus dann nach net déi ideaalste Léisung.

Dofir féiere mir de Flexibus an. Domat komme mir dann där idealer Situatioun vun deem Gesamtkonzept vun der Mobilitéit an Diddeleng heibannen e gutt Stéck méi no.

Op déi aner Attacke ginn ech net drop an, do wäerten aner Leit méi drop kënne agoen. Dofir fannen ech et wichteg fir Felicitatiounen un den Schäfferot fir des Initiativ auszeschwätzen a besonnesch dem Claudia Dall'Agnol e Merci ze soen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN(LSAP):

Ech hunn eng kleng Remarque: Wann ech dat richtig verstanen hunn un de Remarqué vun deenen anere Parteien hei, da wär den Idealfall, dass mir géifen d'Recetten erofsetzen, eis Depensen awer an d'Luucht setzen an Zukunft. Wa mir dat alles géifen ofdecke wat hei proposéiert ginn ass, wat sécher ideal wier, heescht dat, datt mir dann och nach Personal missten astellen. Wann ech dat richtig verstanen hunn, also einfach nëmme budgetsmisseseg. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dat hutt Dir richtig gesinn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):
Ech gi just op e puer Saachen an, et ass schonns vum Här Glesener gesot ginn, dat heiten ass just ee Stéck am ëffentlechen Transport, Dat ass ee Stéck wat nach dobäi kennt fir eben enger bestëmmter Partie vun de Leit entgéintzekommen, déi eben net méi sou mobil sinn, well, mir hunn e Citybus, dee gutt funktionéiert, wou praktesch ganz Diddeleng ugebonnen ass an de Wolkeschdall och.

Et ass en anere Quartier, wou ech dra wunnen, deen ass net extrem gutt ugebonnen, an deene Leit iwwer 60 Joer, déi et net fäerdeg bréngen op deen nächste Busarrêt ze goen, komme mir domat entgéint an all déi aner déi kënne vun eisem gutt funktionéierende Citybusnetz, respektiv och vun de Buser, déi op Esch, respektiv vun den Zich, déi vum Quartier Italie bis op Biereng fueren, profitéieren.

De Flexibus, dat ass e Bus vum Sales Lenz, e funktionéiert d'nämmlecht wéi an deenen anere Gemengen an de Sales sot eis, dass se en Elektrobus kaf hunn an dass se dee wëllen an Diddeleng probéieren soubal deen dann do ass.

Et ass gesot ginn, de Citybus kéint och an de Cactus fueren. Éischtens emol mengen ech fiert elo de Bus 305 do laanscht, dee wou wëll kann dat maachen an zweetens wier d'Diddelenger Geschäftswelt bestëmmt net ganz glécklech wa mir géifen d'Leit enzwoosch anescht hiféiere wéi hei op Diddeleng.

Mir hunn an eiser Schäfferotserklärung stoen, dass de Citybus soll gratis ginn, nach ass et net sou wäit, dofir hu mir eis um Präis fir de Flexibus och e bëssen un de Präisser vum Citybus ugelehnt a si si just e bësse méi deier, well et ass en Dier-zu-Dier Service, et ass eigentlech en Taxiservice wa mir éierlech sinn, a wann hei e puer Leit duerch de Raster falen a mir stellen dat fest, dann ass dat net a Stee gemeesselt, da kann ee sécher och nach hei eng Ouverture maachen.

Nach muss ech soen, gött et och nach Taxiservicer och hei an Diddeleng, och déi géifen sech net freeën, wann déi géife ganz lénks leie gelooss ginn.

Wéi gesot, de Citybus deen ass fir jiddereen, de Ruffbus ass fir déi Leit, déi et eben net méi fäerdeg brén-

gen op den nächste Busarrêt ze goen, et ass e Stéck an dem Ganzen.

Monnerech ass hei ugeschwat ginn, Monnerech ass net am TICE, déi hunn also kee Citybus, déi sinn un den RGTR ugebonnen an déi maachen dann och wéi si wëllen an hirer Gemeng, et steet all Gemeng fräi, dat anzeféiere wat si wëllen.

Dës Majoritéit war eben der Meenung, dass de Flexibus déi richtig Solutioun wier fir nach nozebesseren an eisem ëffentlechen Transport. Mir ginn dann och op dee Wee, no der Vakanz wäert den Depliant ausgeleent ginn an d'Tickete wäerten an deenen nächsten Deeg an der Gemeng ukommen, sou dass jiddereen se ka kafen, dee wëll dovunner profitéieren.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):
Merci, och wann dat net mäi Ressort ass, muss ech kuerz dotëschent grätschen, ech wëll reagéieren op dat wat d'Madame Kayser gesot huet. Ech fannen dat ganz geféierlech wa mir elo wëllen op de Wee Richtung Bus-Taxi goen, wa mir elo d'Kanner siche gi fir an d'Veräiner ze féieren oder an d'Museksschoul, ech mengen, dass dat de falsche Wee ass.

Engersäits hunn d'Elteren eng gewësse Responsabilitéit an anerersäits hale mir gutt dorunner, dass d'Kanner den TICE oder en anert ëffentlecht Transportmëttel benotzen an eng gewëssen Autonomie léieren a mir sollen se elo net bei der Hand huele virun der Dier eweghuelen an dann am Veräin ofginn, dat wier mengen ech dee falsche Wee.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):
Ech wollt awer nach nofroen, et huet elo geheescht, mir hunn de Sales dee fiert. Wier et dann net vläit ubruecht gewiescht fir d'Konventioun mam Sales, do muss jo awer och e Kontrakt gemaach ginn, dee muss jo awer wahrscheinlech vum Gemengerot ofgeseent ginn.

Firwat hu mir deen dann net als éischt hei virleien? Dann hätt ee kënne doriwwer diskutéieren, an dann an engem zweete Volet wieren dann d'Tariffer komm.

Hei ass elo d'Saach vun hannen opgerullt, well ech huele jo un, dass mir déi Konventioun awer virgestallt kréien.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

De Montant hate mir jo virgesinn am Budget, si fue-
ren a stellen duerno eng Facture aus.

Firwat de Sales? Mir hunn eis och schlaue gemaach
an deenen anere Gemengen a mäi Schlusssaz war,
wat passt am beschten op Diddeleng, wat passt am
beschte fir dat Lach ze fëllen, dat mir hunn?

Dofir ass dee Choix getraff ginn. Dir wësst zum Bei-
spill, dass den Night Rider mat enger anerer Firma
gefuer gëtt well déi an deem Feld méi Erfahrung huet
a well dat déi Firma war, déi eis do als richteg ges-
chéngt huet fir dat Lach ze fëllen.

Et muss een ëmmer kucken, wat passt am beschten
dee Moment op eis Gemeng.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et brauch ee keng Konventioun, mir hu jo de Montant
am Budget virgesinn, si stellen eis eng Facture aus
en fonction vun de Coursen, déi se maachen, an da
ginn se dofir bezuelt.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

**Wien ass mat dem Taxereglement averstanen, wat
de Flexibus ugeet? Dat si Stëmme vun LSAP an déi
Gréng.**

Wien enthält sech? Dat ass ADR, Déi Lenk an CSV.
Merci.

3.3. Ännerungen vum Kapitel XIV - Gas - vum allge- mengem Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op deen nächste Punkt eriwuer an alle
Jahre wieder musse mir hei Taxë stëmmen, respektiv
d'Duerchlafgebühr, déi eis vum ILR, Institut Luxem-
bourgeois de Régulation imposéiert gëtt. Deen huet
jo d'Méiglechkeet, e Reglement opzestellen, respektiv
och Decisiounen ze huelen.

An hei geet et haaptsächlech ëm de Gas, wou mir
als Stad Diddeleng sécherlech nach Proprietär vum
Réseau sinn, mee wou dee ganze kommerziellen Deel
vun der ENOVOS gemaach gëtt, respektiv hei um
Diddelenger Territoire net nëmmen ENOVOS mee och
SÜDGAZ an AIDA, dat sinn déi wou och Gasliwwer-
ante sinn an do muss och all Kéier dann eng Duerchlaf-
gebür gestëmmt ginn, déi wéi gesot vum ILR impos-
éiert gëtt, wou och deene verschiddene Fournisseure

fakturéiert ginn, dofir ass et eng Recette och fir eis
an eisem Budget, déi mir all Joer och drastoen hunn
a stëmmen.

Dat leeft ab dem 1. Januar 2018 un, do si verschidde
Compteuren, G4, G16, dat sinn déi typesch, klas-
sesch Compteure fir Menagen, wou mir alleguerten
doheem hunn.

Dann ass et d'Composante Volume 0,13 Euro an
d'Composante Capacité ass am Fong näischt. De Seg-
ment 2 Kontur G25- G40 dat sinn d'Appartementer,
d'Composante de Volume 0,05 an d'Composante Ca-
pacité 70,4 an d'Segment 3 dat ass iwwert 65, res-
pektiv G100 G400 do ass et 30,18 Euro 37 respek-
tiv G400 ass et 94,80.

Dat zu deem doten Deel, an dann ass d'Locatioun vum
Compteur, do gëtt et eng Relevance mensuelle fixe
fir déi verschidde Segmenter. Am Segment 1 ass bis
G16, do ass dat 6,05 Euro am Segment 2, G25 – G40
ass dat 26,13 Euro an am Segment 3, G65 ass dat
30,18 Euro. G100 37 a G400 ass dat 94,80 Euro,
also d'Segment 3, dat si virun allem d'Schoulen an
d'Industrien, déi brauche méi eng grouss Capacitéit.

Dir hutt och de Courrier virleie vum ILR, deen eis seng
Decisioun notifiéiert an ech mengen d'Saach ass,
dass een dat heite muss eent zu eent iwwerhuelen.
Dat zu den Erklärungen wat déi Duerchlafgebür ugeet.

D'Diskussioun ass op, wa Froen heizou wieren. Dat
ass net de Fall, da stëmme mir of.

**Wien ass mat dem Taxereglement hei averstanen?
Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci, an da gi
mir weider op dat nächste Taxereglement an dat ass
de *Stationnement résidentiel*.

3.4. Ännerung vum Kapitel XXX - Stationnement résidentiel - vum allgemengem Taxereglement

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, hei geet et notament ëm de Quartier Italien, déi
meescht kennen d'Situatioun vun deem Quartier, virun
allem owes, wann d'Leit all doheem sinn, ass et do net
méi evident eng Parkplaz ze fannen. Ech hat lech bei
der Budgetdiskussioun a bei der Schafferotserklä-
rung schonns gesot, dass mir am Juli hei am Haus eng
Reunioun haten, wou d'Bierger konnten hir Doleancen
un eise Service an och u Komobile eraginn.



Deemoos soten eis d'Leit aus dem Quartier Italien, dass vill géife vun hinnen op de Parking Tattebiërg auswäichen, well do virun allem owes nach Plaz wier.

Dat ware mir elo regelméisseg kucken, an do ass effektiv nach Plaz, d'Leit hunn eis awer gesot, dass vu dass dee Parking ab 8 Auer moies payant ass, si e Problem hunn, wann se moies méi spët fort fueren oder mol eng Kéier stënterlech géife krank ginn, wann se Congé hunn, mussen se den Auto réckele goen, Leit déi Schichten schaffen, déi fueren net moies um 7 oder halwer 8 fort, a wann se eben den Auto do stoe loos-sen, riskéieren se en AT vun eisen Agenten ze kréien.

Mir wëllen dee Moment hei Remedur schafen an deene Leit entgéint komme fir dass se kënnen op deem Parking stoen an hoffentlech dann och d'Parkplazsituatioun am Quartier Italien domat e bëssen entspanen.

Wéi maache mir dat?

Déi Leit déi wëllen, an ech betounen déi wëllen, déi kënnen vun elo u wa mir dat Taxereglement stëmmen, eng Vignette huelen. Ech betounen nach eng Kéier de Wëllen, well et ass ni eng Mussesaach, also ee wou eng Parkplaz virun der Dier huet, also eng Fläch wou e ka stoen oder een, deen eng Garage huet oder keen Auto huet, deen owes eng Parkplaz fënnt, brauch keng ze huele wann en net wëll.

Zum Taxereglement, dat lech virläit, ass just ze soen, dass et dat ass wou mir schonns gestëmmt hu wéi mir de Parking résidentiel 2016 ausgeweit hunn an dass just déi zwou Stroossen am Quartier, d'Rue des Minières an d'Rue Gare Usine bäigesat ginn, et gëtt also näischt un dem bestoende System, wéi en elo fonctionnéiert, geännert well soss wier et ënnert Verkéiersreglementer gefall an net ënnert d'Taxereglement.

Mir weiden also heimat de Parking résidentiel net aus, mir féieren deen net am Quartier an, mir bidde just deenen Awunner aus deenen zwou Stroossen un, eng Vignette ze huelen, sou wéi se dat och gefrot hunn, sou dass se kënnen op Tattebiërg dann auswäiche well dat fir muncher vun hinnen net allzeweit ass, an dass se eng Méiglechkeet hunn hiren Auto ofzestellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci Claudia Dall'Agnol fir déi doten Explicatiounen. Si Froen dozou? Den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):
Merci, ech verstinn dat net wisou dat elo sou offiziell gemaach gëtt, well wann ech de Plang kucken, deen dobaussen och am Gank ausläit an dee vun Dezember 2017 ass, do steet jo den Tattebiërg schonns als e Parking drop fir déi Leit wou mat Vignettë kënnen gratis parken.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):
Dee Quartier huet keng Vignetten, dat maache mir elo.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):
Et ass just, dass si elo d'Méiglechkeet kréie fir déi elo ze kréien? OK.

Ech hu mir och do puer Gedanke gemaach zu dem ganze Konzept vun dem Park & Ride. Ech schwätzen och elo ganz lues, mee ech hoffen, dass meng Riedezäit doduerch net reduzéiert gëtt. Mech huet stutzeg gemaach en Artikel, an dem steet wat mir elo solle stëmmen, an do gëtt geschwat vu Secteuren, an dass ee ka vun engem Secteur an deen anere goen.

Am Artikel 3 vun deem wat mir elo stëmmen, steet: *“Les Vignettes pour le nouveau secteur de résidence sont délivrées sur demande et sur présentation des vignettes de stationnement de l'ancien secteur”*. An dat mécht mech stutzeg well mir hunn hei zu Dideleng just ee Secteur résidentiel an dee geet vun Italien iwwer d'Schmelz bis op Biereng.

E klengen Historique: 2004 gouf dee Parking résidentiel agefouert fir den Zentrum ze entlaaschten, 2015 wou d'Fohrmannsplatz payant gemaach gouf fir d'Dauerparkeren erauszekréien, do sinn déi ausgewach an déi Quartiere ronderëm, dann hu mir am Gemengerot dofir vum 11.7.2016 eng Extensioun gemaach vun deem Parking résidentiel op déi ëmleidend Quartieren. Den 28. Oktober 2016 hu mir eng nächst Extensioun gemaach ob d'Place am Duerf an d'Iwwerlappungszonen am Brill, an elo kënnt dann déi heiten Extensioun dobäi fir d'Rue des Minières an d'Rue Gare Usine.

Do ass dann och meng Fro: Geet et elo just ëm den Tattebiërg oder kréien déi och eng Vignette fir dee



Parking bei der Gare Dudelange Usine? Wat ech da géif bedauern, well dat misst en ëffentleche Parking bleiwen, dee fir jidderee payant ass, soss huelen déi Leit do jo deene Leit, déi wëlle moies op den Zuch goen, Plazen ewech.

Et ass awer elo esou, dass net nëmmen am ëffentleche Parkraum vun deene Quartieren de Parking résidentiel gëllt, mee do goufe jo déi verschidde kleng Parkingen, wéi den Tattebiërg vun deem mir hei schwätzen, fir de Stationnement résidentiel opgemach, dat war an der Rue Jean Wolter, hannert dem Monopol, hannert der Kierch, op der Stathausplaz, um Strutzbierg, an der Commerce Strooss, um Tattebiërg an am Schwaarze Wee.

A bei all Extensioun war jo eist Ziel ëmmer, d'Dauerparker aus de Quartieren erauszehalen. Dat huet sech och kuerzzäiteg bewährt, mat där klenger Aschränkung, dass d'Dauerparker op eemol ëmmer méi wäit an déi verschidde Quartieren eragedronge sinn, an dee Phenomen geet elo nach ëmmer virun.

Elo kann een sech froen, wie sinn dann déi Dauerparkeren do, ass dat scho vläit analyséiert ginn? Ech géif mengen, et wieren haaptsächlech zwou Zorte vu Leit, dat eent sinn Net-Diddelenger, déi e gewësse Prozentsaz Frontalieren ausmaachen an déi net wëllen iwwert d'Autobunn schaffen fueren an sech dofir hei no bei den Zuchhaltestellen eng Parkplaz siche fir dann ausserhalb vun Diddeleng mam ëffentlechen Transport schaffen ze fueren.

Mee mir hunn awer och eng zweet Kategorie vu Leit, dat sinn Diddelenger aus anere Quartieren, déi an den Zentrum oder an d'Quartiere schaffen kommen. Dat sinn also och Leit hei aus der Uertschaft.

Am Gemengerot vum 11. Juli 2016 hat d'CSV schonn deemools duerch d'Madame Kayser uklénge gelooss, dass d'Existenz vun esou engem eenzege Secteur schwéier nozevollzéie wier, an dass op Ongerechtegkeeten zwëschen de Leit vun deenen eenzele Wunnquartiere misst opgepasst ginn.

Et gouf deemools gesot, dass de Schäfferot, deen déi Extensioun geplangt huet, kee valabelt Konzept fonnt huet fir Diddeleng an déi verschidden Zonen anzedeelen.

Da gouf eis gesot, et géif een emol 6 Méint oder 1 Joer kucken, an da géif ee gesi wéi déi Saach sech

géif entwéckelen, an da kéint een nach ëmmer iwwer déi verschidden Zonen iwwerleeën.

Ech géif mengen, et wier awer elo esou lues un der Zäit fir iwwert déi verschidden Zonen ze iwwerleeën, well mir sinn elo annerhalleft Joer duerno a mir hunn nach ëmmer kee Bilan vun där Saach.

Wou sti mir dann elo?

Gëtt et da schonn Unzeechen, dass déi fréier Dauerparker elo méi op déi fir si ausgewise Park & Ride-Parkinger ausgewach sinn, sou wéi mir dat wollten? Gëtt et villäicht Zielungen do?

Da sinn awer och vill Leit, déi sech bekloen, dass hiren Noper eng Vignette kritt an si selwer net.

Zum Beispill, wa Leit am Brill eng Vignette kréien, firwat dann net déi op der Bierenger Strooss, well déi leien nach méi no un der Gare a si si logescherweis méi beträff.

Dann hu mir e gewësse Paradox, an dat ass, dass d'Besëtzer vun enger Vignette am ganze Parking-résidentiel-Secteur kënne fir näischt parken.

Dee Secteur ass jo awer mëttlerweil relativ grouss ginn, an domat erlabe mir et de Leit aus de Quartieren, déi an den Zentrum oder esouguer an aner Quartiere schaffen fueren, dohinner als Dauerparker fir näischt parken ze kommen.

Domat erreeche mir de Contraire vun deem, wat mir wollten, well den Zentrum gëtt net domat entlaascht dass Leit aus de Wunnquartieren, déi eng Vignette hunn, do de ganzen Dag fir näischt parke kommen.

Dat selwecht gëllt fir Quartiere wou et Schoulen oder kleng Betriber ginn: de Besëtzer vun enger Vignette, deen an engem Eck wunnt, kann an en aneren Eck vun Diddeleng op reservéiert Parkplaze gratis parke kommen, fir do ze schaffen.

Mee zousätzlech erlaabt et de Leit mat der Vignette fir kuerz Zäit an den Zentrum fir näischt parken ze kommen, well wann en Auto mat enger Vignette am Zentrum mat enger ausgewisener Vignette steet, da gesäit een deem jo net of, ob deen elo dee ganzen Dag an engem Geschäft oder an der Gemeng schafft, oder ob e just bei de Bäcker oder bei de Coiffeur komm ass.



Domat schneit d'Stad sech an d'eegent Fleesch well d'Parkeinnahme vun deene Kuerzzäitparker kritt se net, well si ginn hir laanscht d'Nues, well déi Leit dann eng Vignette hunn, an dee bescheidene Präis vun der Vignette erméiglecht et, wéi gesot 18 Euro fir 1 Joer gratis ze parken.

Domat si mir da bei der Ongerechtegkeet vis-à-vis vun den Diddelenger Bierger. Deen een, deen d'Chance hat, an engem Stéck Strooss ze wunnen, wou et eng Vignette gëtt, kann an engem groussen Deel vun Diddeleng fir näischt kuerz oder laang parken a säin Noper net.

Nëmme well d'Gemeng mam Andeelen an Zonen net eens gi war, an hie keng Vignette krut.

Mir mengen dowéinst, dass een awer elo mol soll iwwer eng Andeelung an Zonen nodenken. Sou bleift jiddereen a sengem Quartier a wann en an d'Duerf schaffen oder akafe kënnt, da bezilt e wéi deen aneren och, déi Ongerechtegkeet wier domat aus der Welt geschaaft.

Wa mir dann iwwer den Diddelenger Horizont erauskucken, da gesi mir wéi aner Gemengen de Parking résidentiel geréieren:

Walfer zum Beispill erméiglecht et och dem Besëtzer vun der Vignette um ganzen Territoire vun der Gemeng gratis ze parken.

Esch huet seng Stad a 14 Zonen agedeelt an do gëllt d'Vignette nëmmen an där Zone, wou een ugemellt ass.

Péiteng a Rodange sinn och an Zonen agedeelt.

Déifferdeng ass an e puer Zonen agedeelt, allerdéngs ginn déi, wat eng gerecht Unzuel vun de Vignetten ugeet, méi wäit, well do kann all Awunner eng Vignette ufroen, och wann en net an engem Parking résidentiel-Secteur wunnt. Allerdéngs sinn do d'Vignette vill méi deier wéi bei eis.

Mir vun der CSV si mat deem Reglement averstanen, invitéieren awer de Schäfferot heimat nach eng Kéier d'Konzept vum Parking résidentiel z'iwwerdenken an iwwer eng Andeelung a verschidden Zonen nozedenken.

Mir maachen en Appel un de Schäfferot, Ongerechtegkeeten zwëschen de Bierger méiglechst schnell aus der Welt ze schafen.

A wéi gesot, ech géif awer gäre wësse firwat den Artikel 3 mat den Secteuren do an deem heite Reglement drasteet, vu dass bis elo nach keng Bereetschaft war fir iwwer Secteuren ze schwätzen. Ass dat schonns villäicht e Projet vum Schäfferot gewiescht, oder ass dat do villäicht eragerutscht ouni dass do een opgepasst hätt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci, Här Gangler, fir kloer a lues geschwat ze hunn. Nach weider Froen?

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Et ass elo vill gesot ginn, ech kierzen elo alles. Mir als déi Léng begréissen, dass de Parking résidentiel no an no ausgebaut gëtt, dat hate mir jo och versprach kritt.

Dat heiten ass elo eng Noutléisung fir dass déi Leit eng Vignette kréie fir dass déi Leit kënnen op Parkplaz parken. Mir stellen eis awer nach ëmmer d'Fro firwat et nach ëmmer nëmmen zwou Vignette pro Stot ginn? Wéi kréie mir dee Problem an de Grëff?

An dann ass mir gëschter eppes zougedroe ginn, dat sinn déi Leit wou Camionnetten hunn an een Auto, wat hire privaten Auto ass, déi kréien da Protokoller deemno wou se stinn.

Nee nee, dat sinn aner Leit, an et misst ee villäicht kucken, dass een do eng Léisung fënnt, ob déi och elo sou eng Kaart kréien oder hei oder do, an déi Persoun wou elo genannt ginn ass, déi wunnt net zu Diddeleng, dat ass en anere Fall. Ok Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci dem Här Jadin. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech mengen, ech hu beim Budget, bei der Schäfferotsklärung an och haut nach eng Kéier drop higewisen, dass mir am Juli eng ëffentlech Biergerversammlung haten, wou d'Bierger konnten déi Doleancen eraginn a mir probéieren elo mol séier an onkomplizéiert op déi Doleancen ze reagéieren, wou mir kënnen a wou och Eenzeler wéi aus dem Quartier Italien total berechtigt sinn an eng dovunner wëlle mir dann haut reglementéieren.



Zum Konzept, 2016 wou mir de Parking résidentiel ausgeweit hunn op d'Demande hi vun de Leit ronderëm den Zentrum, well et kann een net soen op der Schmelz wier Parking résidentiel, dat ass einfach falsch, mir hunn de Parking résidentiel ausgeweit do wou eng reell Demande war, nämlech no ronderëm den Zentrum.

Mir hunn deemools och genuch Ronne gedréint iwwer déi Vignettë fir déi pro Quartier anzeféieren, ech mengen den Här Gangler huet et selwer gesot, mir hunn och an der Verkéierskommissioun alleng ënnert menger Presidence zwou där Ronne gedréint, ech weess net ob der virdrun och gedréint goufen, mee mir hu keng ideal Léisung deemools fonnt.

Firwat?

Net all Quartier hei zu Diddeleng ass esou kloer ofgedeelt wéi de Quartier Italien, wou ee ka soen, e fänkt hannert der Bréck un an en hält op uewe bei der Haard.

Mir haten deemools d'Diskussioun, wou hält de Brill dann op? Wat seet dëse Gemengerot de Leit an der Pierre Krier-Strooss? Déi eng Säit vun der Strooss, dat ass dann nach Brill, do wou d'Schoul Brill nach dran ass, an déi Trëttoiren niewendrun, sinn déi Biereng? Sinn dat déi zwou Zonen?

Dat war een esou e Beispill wou mir guer keng Léisung fonnt hunn, wou mir de Quartier Brill kéinten ophalen.

Deich a Schmelz waren e bëssen dat selwecht. Wou hält en op, wou fänkt en un? Wa mir zum Beispill d'Rue de la Libération kucken, wou net ganz vill Parkplazen sinn, do kann ech net zu der Nummer 100 soen, vun elo u bass du Deich oder Schmelz an deen an der Nummer 98, dat ass Zentrum an du dierfs dän Auto net méi zwee Meter virdu stellen. Dat si Problemer, déi sech hei zu Diddeleng stellen, an et ass net esou einfach wéi et hei duergestallt gëtt.

Wou de Problem am gréisste war, do ass och ausgeweit ginn, an d'Zil vum Ausweiden, dat muss ech nach eng Kéier betounen, dat war, déi Dauerparker aus dem Zentrum a ronderëm den Zentrum erauszekréien an dofir dierf ee jo zum Beispill um Fohrmann an an der Niddeschgaass guer net mat där Vignette stoen, fir eben dass eis Hauptparkinger fir Kuerzpar-

ker, déi wëllen een huele goen, déi wëlle bei de Coiffer goen, déi wëllen eng Kommissioun maachen, dass déi fir déi virbehale sinn.

Et ass gesot ginn, dass dat ongerecht wier, dass déi Leit mat Vignettë kënne gratis am Zentrum stoen. Ech soen Nee, et ass ongerecht dass déi Leit, déi no ronderëm den Zentrum wunnen, keng Parkplaz fannen an hirer Strooss, bei hirer Dier, well der net genuch do si fir déi vill Autoen, déi momentan do sinn oder well se eben de Pesch haten, no beim Zentrum ze wunnen, an dass Leit do parke komm sinn, déi am Zentrum schaffen oder souguer den Zuch geholl hunn, dat war jo notament och de Problem um Fohrmann, respektiv um Crassier.

A wann ech soen, déi wunnen no beim Zentrum, da kommen déi och net massiv an den Zentrum fir hei hiren Auto deeglaang a stonnelaang hei gratis ze parken, zemoools wann ee weess, dass een um Crassier ka 5 Stonne gratis parken an och bei der Gare oder um Park & Ride.

A wann der wierklech e puer dat sollte maachen, mengen ech, dass mir dat verkraften, well bis elo hu mir kee massiven Abus konnte feststellen, an Dir konnt selwer kucken, wann Dir de Fohrmann am Alldag gesitt, ech schwätzen elo net wann eng Braderie ass oder wann eng Manifestatioun ass, da fannt Dir hei nach ëmmer eng Platz a wéi gesot, um Fohrmann musse jo och déi mat Vignette bezuelen.

Wéi gesäit et an Zukunft aus? Déi Fro ass gestallt ginn, mir sinn nach ëmmer mam Service a mat Komobile amgang, eng Léisung ze sichen, wou mir eis eben net doru stoussen, dass d'Quartieren net kloer definéiert sinn, oder enger ganzer Partie Leit, wou ech virdrun opgezielt hu géifen Inconveniente maachen, mat enger Vignette wou se ebe just dierfen an hirem Quartier parken. Dat ass an eenzele Stied, notament och an der Stad Lëtzebuerg oder zu Esch villäicht bësse méi einfach, well déi Quartieren och vill méi grouss si wéi eis, an dass een se kann och méi kloer trennen, well de Lampertsbiërg, do weess all Mënsch wou en ufänkt an et weess och all Mënsch wou en ophält, fir einfach e klengt Beispill ze ginn.

Am Quartier Italien gëtt et dann awer nach, well mir jo eigentlech beim Quartier Italien hei sinn, gëtt et nach en zousätzleche Problem. Wa mir deenen elo direkt géifen de Parking résidentiel maachen, wann



se net nëmmen eng Vignette kréie fir auszewäichen, mee wa mir och nach géifen de Parking résidentiel tel quel aféieren, ech soen et nach eng Kéier, déi meescht kënnen d'Situatioun, wann Dir se net kennt, da gitt lech se mol eng Kéier live und in Farbe ukuken, virun allem owes.

Do stinn d'Leit net onbedéngt op richtege Parkplazen, mee dofir hënneren se awer net onbedéngt, weder hiren Noper, nach eventuell d'Pompjeeën oder d'Protection civile. Wa mir elo awer géifen de Parking résidentiel aféieren, musse mir kloer definéiere wou een dierf parken an ebe wou och net an da géif och do protokolléiert ginn. An et sinn eben nun emol virun allem a méi ale Quartiere wou et ebe fréier keng Autoe goufen an dofir och keng Garagë goufen, wou mir e Problem hunn a wou déi Leit keng Plaze fannen.

Wa mir da géifen ufänken, dass d'Leit do protokolléiert ginn, well da gëtt natierlech massiv do kontrolléiert wéi och an anere Quartieren, wann do Parking résidentiel ass, da sinn d'Leit net ganz frou mat eis. Wann et awer muer gewollt ass vun enger Majoritéit vun deene Leit am Quartier, da kënnen si natierlech och de Parking résidentiel kréien.

Hei ass e Quartier wou et séier méiglech wier, well e kloer ofgegrenzt ass, e fänkt hannert der Bréck un a mir wëssen allegueren, wou en ophält, natierlech hätt dat déi genannte Konsequenzen.

Dofir koum elo vun hinnen an der Informatiounsversammlung de Virschlag fir ze probéiere mam Parking Tattebiërg well se ebe virun, éier deen an de Résidentiel koum, och do stoungen, dat heescht déi Zäit wou en nach gratis war, an dat hinnen och entgéint komm ass, an dat och fir keen e Problem duergestallt huet, well eben nach genuch Sputt war.

A wann ech dat dote soen, dann ass dat genau dat Paradebeispill firwat et net direkt klappt pro Quartier eng Vignette anzeféieren an dass een dat muss vill méi am Detail kucke well soss, wann déi eng Vignette kréie fir just am Quartier Italien ze parken, dann dierfen se net méi op dee Parking Tattebiërg do parke goen, da fänke mir déi Diskussioun rëm vu vir un.

Et ass also net esou einfach, wéi ee kéint unhuelen dass mir dat mat engem Fiederstréch op engem Plang einfach kéinte léisen, an domat och d'Parkproblemer einfach esou aus der Welt schafen. Och wa mir muer

de Parking résidentiel a ganz Diddeleng hunn, an souguer doriwwer eraus, wäerten déi Parkingsproblemer sech nach ëmmer stellen, zemools hunn ech de Moien am Wort gelies, an Dir kennt et allegueren haut liesen, et e Besucherrekord um Autofestival ginn ass sou dass och an nächster Zäit nach ëmmer méi Autoe wäerten hei an Diddeleng kommen.

Ech wëll och drun erënneren, dass de Parking résidentiel net heescht, dass kee Frieme méi dierf do parken, mee just, dass e muss bezuelen.

A leider sinn nach ëmmer vill Leit och bereet dofir ze bezuelen.

Et war och nach gefrot ginn, dat ass e CFL-Parking, uewen dee Park & Ride am Quartier Italien, souguer wa mir muer géifen e Parking résidentiel maachen, kéinte mir deen net mat reglementéieren, dee gehéiert eis net, et ass en CFL-Parking an deen ass gratis, ausser d'CFL decidéiert muer eppes anescht, mee dat ass net un eis, da war de Secteur ugeschwat ginn, dat ass einfach wann ech elo aus der Strooss x an d'Strooss y plënnere, da muss ech dat natierlech hei matdeele well dann hunn ech eventuell och am neie Secteur an der neier Adress guer keng Vignette méi zegutt.

Wann ech elo am Brill wunnen op enger Adress, wou ech eng Vignette hunn, an ech plënnere an d'Rue Saint Barbe, einfach e Beispill, dann hunn ech keng Vignette méi ze gutt, an da kréien ech keng méi, respektiv wa muer pro Secteur géif opgedeelt ginn, Secteur proprement dit, da wier dat doten nach vill méi wichteg, fir dass de eng Vignette kriss, déi an d' Secteur parkt.

D'Dauerparker sinn nach ugesprach ginn, dat waren Deels Deels, wéi Dir och gesot hutt, dat waren eng Partie Leit, déi hei an Diddeleng schaffen, dat waren awer meeschtens keng Diddelenger, dat waren der, déi vun ausserhalb komm sinn. Dir hutt och déi neiste Statistike gesinn, et kommen ëmmer méi Leit an d'Land schaffen, also kommen och ëmmer méi Leit op Diddeleng schaffen, et probéieren och ëmmer méi Leit op den ëffentlechen Transport opzesprangen an déi probéieren, hiren Auto ofzestellen, dofir ginn et déi Park & Ride wéi bei der Gare, déi der CFL gehéieren an déi sinn u sech geduecht fir déi doten Dauerparker an déi aner probéiere mir erauszekréien, doduerch dass mir de Parking résidentiel ronderëm den Zentrum, respektiv do wou et interessant ass, aféieren.



Privat Camionnettë waren nach ugeschwat ginn, Camionnettë falen alleguerten ënnert Camionnettereglement, och do hate mir deemools eng Ronn gedréint an de Problem war eben, d'Leit soen eis, et ass eis privat Camionnette an déi ass privat ugemellt, an du hues eng Partie déi hu keng Reklamm drop, do kanns de och gleewen dass dat hir Privat ass, nach ass et eng Camionnette sou wéi se definéiert ass am Code de la Route an am Moment fält se drënner. Mir hunn dat doten natierlech och héieren, mir hunn dat um Leescht a mir musse kucken, wéi mir dat kéinten änneren, nach ginn et där Fäll elo keng Honnerte, mä mir musse kucken ob mir fir déi doten elo eng Léisung fannen, mee och do muss et eng Léisung sinn, déi gerecht ass, a wou mir herno net op d'Ae gedréckt ginn, dass d'Firmaen d'Autoen ob ee privat umellt, a wa méiglech och nach d'Etiquett erofhëlt an da blockéiert e weider eng Parkplaz an senger Strooss, well de Fait war, dass d'Leit déi Autoe mat heem kruten, da brauch de Propriétaire vun der Boîte keng Parkplazen ze maachen an si hunn hei den Noperen d'Stroosse vollgeparkt an déi sinn net méi wéi frou, dass déi eraus sinn.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Merci, also dat mat de Camionnetten dat verstinn ech, déi gro Kaart weist jo aus wíem déi Camionnette oder den Transporteur de choses gehéiert. Eng Reklamm op der Säit heescht net dass et eng Firmecamionnette ass, an dann hu mir all déi Autoen, Pickupen, wa mir vun Transporteur de choses, e Pickup ass par définition eng Camionnette. All Auto wou ugemellt gëtt, wou hannen d'Sëtzer eraus geholl gi sinn a wou e Kubikmeter Ladefläch ass, ass als Camionnette ugemellt. Ech mengen dat ass och eng Saach, dat sinn der dann net nëmmen 20 oder 30 déi hei zu Diddeleng wunnen, dat sinn der vill méi. Dat ass och net ganz fair.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Also de Pickup kanns de och als normalen Auto umellen, et ass eng Saach vun den Steieren. An dofir wëllen d'Leit hiren Auto als Camionnette umellen, du kanns awer net "avoir le beurre, l'argent du beurre et le sourire de la crémière". Iergendwann muss et ophalen, entweder häss de gären eng Vignette, da bezils de deng Steiere wéi all anere normale Bierger och, an du mells d'äin Auto als Auto un, da kriss de gären eng Vignette wann s de an enger Strooss wunns, wou de Parking résidentiel ass. Mee mir kënnen net alles fuerderen. Dat ass net dran. An et ginn och aner Auto-

en déi kanns de duerchaus och als Auto umellen, wou s du elo sees d'Sëtzer eraus, et gi Méiglechkeeten, mir haten eis deemools och mat Sandweiler also mat der Kontrollstatioun a Verbindung gesat, well Leit eis och gezielt hunn, wann se eng Kéier als Camionnette ugemellt sinn, da kriss de se ni méi als eppes anescht ugemellt, och dat huet sech als falsch erweisen.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Also, dat mat de Camionnettë mat de Steieren ass richtig, mee wann een den Auto oder iergenden Apparat als Camionnette umellt, da geet een och all Joer op Sandweiler, dat ass dann deen aneren Nodeel.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wei gesot, de Kader ass kloer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, nach eng Kéier ganz kuerz. Ech muss ganz éierlech soen, de Jemp Gangler huet dee ganzen Dossier preparéiert, ech war am Fong an eng aner Approche gaangen, ech hu gemengt, mir géifen d'Rue des Minières an d'Rue des Usines och elo als Quartier résidentiel ausweisen an da wier et jo logesch, dass déi Leit eng Vignette géife kréien, mee wéi Dir mir elo sot, kréien déi Leit einfach sou eng Vignette, well se gewinnt sinn ëmmer op den Tattebiérg Parkplaze sichen ze goen.

Firwat maache mir den Tattebiérg Parking net eraus, dass mir deen einfach gratis zur Verfügung stellen, well en plus dat wollt ech och nach soen, ech ginn oft an d'Pizzeria do an der Géigend, an da parke mir och do ënnen an do stinn ëmmer Camionnetten. Nëmme fir ze soen, wat d'Kontroll ubelaangt, dat ass eng zweet Fro, mee fir elo deene Bierger einfach eng Vignette zur Verfügung ze stellen, wéi gesot, et ass d'Saach vun der Gerechtegkeet.

Da soen anerer firwat kréien ech elo keng Vignette, ech wunnen elo hei an der Rue de la Libération, um hënneschte Wupp, a bei mech kommen déi Leit elo parken, ech wëll dann och eng Vignette, och wa mir dat dann net ausweisen. Sou kann et jo awer och net sinn, ech fannen da gehéiert awer schonns als Kohärenz dozou, dass mir dann och de Quartier als Quartier résidentiel ausweisen, well ech gesinn elo net an, firwat mir deene Bierger eng Vignette ginn, da komm mir maachen et wéi zu Déifferdeng, wou all Déifferdenger Bierger e Recht op eng Vignette huet, wa mir dat mat de Quartieren anzeechenen net hikréien.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech hunn dat doten alles erkläert, ech sinn op alles agaangen, ech hunn och aganks gesot et wier e Circulatiounsreglement wa mir géife Parking résidentiel do maachen, ech hu gesot wa mir do Parking résidentiel maachen, da verléiere mir gutt d'Halschent vum Parkraum an ech mengen, dann hätt Dir d'Leit mat de Schëlter hei virum nächste Gemengerot stoen, firwat kënnen mir de Parking Tattebiereg net einfach eraushuelen, ma dat war deemools déi Demande dass e soll dra kommen, well Leit festgestallt hunn, dass genau do, well dat no war bei der Gare beim Zuchsquai, dass do Dauerparker waren, an dass déi Leit vun Tattebiereg ginn, och wéi Dir sot Leit déi an d'Pizzeria gaange sinn, virun allem an der Mëttestonn iwwerhaupt keng Parkplaz méi kruten, dat ass jo dat wat ech aganks sot.

Et geet dorëms alles wat iergendwéi ronderëm den Zentrum ass, wou riskéiert gëtt, dass Leit ofsetze well se hei am Zentrum schaffen, respektiv den Zuch huele fir dat elo mol ze reglementéieren.

An de Parking Italien, dat ass einfach e Problem fir sech, do gouf et fréier - an ech mengen e puer Leit um Dësch kënnen do matschwätze well se vun do kommen an do gewunnt hunn - do gouf et keng Garage. Mäi Papp a meng Grousselteren hate keen Auto, herno hatten se een Auto a si si geplënnert, an elo wunnen do Famille mat 3 a 4 Autoen, et gëtt keng Garage et gëtt keng Stellplaz an déi zwou Stroosse sinn eben esou wéi se sinn.

An dee Parking, deem Dir ugeschwat hutt vun der CFL, dat ass eben am Jargon vun der CFL e Park & Ride, deem ass ebe fir jiddereen an och wann déi Leit sech virstellen oder Dir lech virstellt, wa mir muer Parking résidentiel maachen da wier de Problem geléist, Neen, mir kënnen deem dote Parking net reglementéieren. Dir kennt lech dat ukucken, wou soll ech dann do Parkplazen anzezeichnen? Da sinn d'Halschent vun de Méiglechkeete fort. Hei um Dësch si jo Leit, déi sech nach méi oft do ronderëm dreuwe well se och do schaffen, déi kënnen lech nach méi e Liddchen dovunner sängen.

Hei geet et just dorëms fir ze kucken, wann déi Leit kënnen op den Tattebieregger Parking auswäichen, wat hir Demande war, well se dat fréier ëmmer gemaach hunn a gesot hunn, déi Zäit hate mir manner Problemer.

Wëlle mir dat doten emol probéieren? Bréngt et eppes? Wëlle mir dat? Wann et eppes bréngt, hu mir eppes gemaach fir déi Leit a mir hunn de Parkproblem an deem Quartier, wat wierklech en ale Quartier ass, hu mir deem zum Deel entschäerft, an de Rescht - do ginn ech elo net nach eng Kéier drop an, mir sinn amgaangen dorunner ze schaffen - mee d'Ei des Kolumbus hunn ech leider nach net fonnt an eis Experten och net, soss hätt ech lech se schonns laang hei respektiv an der Verkéierskommissioun oder an enger ëffentlecher Versammlung presentéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech géif proposéieren, dass mer zoumaachen an zum Vote iwwerginn, well mir hunn nach eng ganz Rei Punkten um Ordre du jour. **Wien ass mat deem Reglement hei averstanen? Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.5. Approbatioun vum Relevé a vum zousätzleche Rôle vun der Hondstax fir d'Joer 2017

Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass den Hondsrôle vum Joer 2017, de supplémentairen Hondsrôle, dat sinn 3 850 Euro. Dat sinn 110 Hënn am Rôle supplémentaire, am Rôle principal waren dat der 1 144, sou dass mir um Diddeleng Territoire 1 254 Hënn hunn. **Sidd Dir mat deene Recettë fir d'Gemeng Diddeleng averstanen? Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.6. Approbatioun vun Devisen:

3.6.1. Reamenagement vun der Kräizung Route de Zoufftgen/Rue du Commerce a Rue du Commerce/Rue de la Libération a Pose vun de Réier fir de Gas an d'Waasser, de Kanalisatiounsreseau, d'Antenn, d'Telekommunikatioun an d'Beliichtung an d'Sonorisatioun

Da gi mir op den nächste Punkt weider, dat sinn d'Approbatioun vu verschidden Devisen an et ass ee ganz wichtege dobäi, dofir begréissen ech hei d'Susanne Fahl an d'Nathalie Müller vum Bureau Schroeder Associés an och vun eisem Service technique den Tom Schroeder. Et geet ëm d'Approbatioun vun engem Devis estimatif wat de Reamenagement ugeet vun der Kräizung Route de Zoufftgen, Rue du Commerce, wou am Fong d'Aarbecht vun der Gemeng sécherlech am Réseau d'Responsabilitéit ass, respektiv dee ganze Volet vum Déifbau, nach ass dat hei-



ten e Projet, deen ënnert der Leedung vu Ponts et Chaussées gemaach gëtt, well et jo och eng Staatsstrooss ass, wou mir eng Reunioun mat hinnen hatten, wou de Projet vun hirer Säit aus esou gutt wéi fäerdeg ass.

Natierlech, wa mir am Déifbau eng Rei vun Aarbechte frësch maachen, ass dat awer och wichteg fir de Gemengerot, dofir sinn och d'Kolleegeen an d'Kolleegeinne vu Schroeder Associés hei, wéi och den Tom Schroeder, fir op dee Projet anzugehen, si visualiséiere wat do vun Amenagementen gemaach gëtt.

D'Situatioun ass déi, dass een, wann een aus der Zouffterstrooss kënnt, just nach no riets kann ofbéien, an dëse Projet geet an déi Richtung, dass et an déi zwou Richtunge méiglech gëtt.

An no där heiter Phase, wann deen heite Projet ëmgesat ass, huele mir en zweete Projet an Ugrëff, dat ass déi 2. Phase vum Shared Space, dat heescht deen ee Projet hänkt un dem aneren, dofir wollte mir hei déi Méiglechkeet notzen, de Projet ronderëm d'Zouffterstrooss, respektiv d'Rue du Commerce lech och ze presentéieren.

An do ginn ech dann esouwuel dem Suzanne Fahl wéi och dem Nathalie Müller d'Wuert fir dass si lech kënnen duerch de Projet féieren an da kann een eng Diskussioun dozou hunn.

SUZANNE FAHL (INGENIEURIN):

Es geht um den 2. Teil, der 1. Teil Shared Space ist gebaut, jetzt geht es um den 2. Teil und heute eben vor allem um die Rue du Commerce, wo wir Zweirichtungsverkehr einführen wollen.

Das ist einmal der Bestand, wo man sieht, es sind 2 Einbahn-Fahrbahnen in der Rue du Commerce, dann der Vorplatz von der Kirche und die Rue de la Libération, die auch in zwei Einbahnfahrbahnen verläuft.

Zukünftig wäre es dann so, dass hier an der Kreuzung oder an der Einmündung von der Route de Zoufftgen nicht mehr nach rechts abgebogen werden muss, um weiter in Richtung Süden von Dudelange zu fahren, sondern man kann eben hier auch schon links abbiegen und dann durch die Route de Zoufftgen, das heißt, das entlastet den ganzen Bereich hier, dass man nicht mehr abbiegen muss. Das bleibt natürlich weiter möglich.

Und dann sieht es eben hier so aus, dass wir hier Zweirichtungsverkehr in der Rue du Commerce haben, bei der Einmündung der Route de Zoufftgen kann man sowohl nach links wie auch nach rechts abbiegen und in dem Bereich bleiben natürlich auch die Einbahn-Fahrbahnen erhalten.

Dann wurde gesagt, dass man hier einen absenkbaren Poller vorsieht, dass die Busse und die Notdienste hier noch durchfahren können, aber es ist nicht mehr gewünscht, dass man durch den Shared Space gerade durchfährt, um eben auch den Bereich zu entlasten. Die Leute können dann alternativ zum Beispiel durch die Rue de l'Etang fahren, aber wer kein Ziel im Shared Space hat, der muss da nicht mehr durchfahren. Die Leute werden also ein bisschen gezwungen, also in die Richtung gedrückt, dass nicht alle durch den Shared Space fahren müssen, sondern auch durch die Rue de l'Etang fahren können.

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Do gesitt Dir eng Kéier dee gesamte Projet, dee wéi gesot zesumme mam Ponts et Chaussées ausgeschafft gëtt, well et jo eng Staatsstrooss ass. Do hu mir dann hei vun der Route de Zoufftgen kommend, wou mir déi nei Kräizung aféieren, dann hu mir hei dat Dräieck wat haut do ass, dat gëtt komplett ëmgestallt, sou dass een aus der Rue du Commerce och Richtung Fohrmann ka fueren an aus der Rue de la Libération och lénks a riets kann an d'Rue du Commerce ofbéien.

Wann een dann an de Zoom geet vun deenen 2 Hauptpunkten, da gesäit een hei déi 2 Hauptbusarrêten déi haut schonns do sinn, déi bleiwen och do, déi gi just konform ausgeriicht.

Dann hu mir hei wéi ugeschwat deen Dräieck, deen haut do ass, dee mat roude Luuchte signaliséiert gëtt. Déi rout Luuchte sinn intelligent rout Luuchten, dat heescht mat Detektoren matenee verbonden, déi erkenne wann elo ee Flux muss méi schnell gréng gi fir dass keen ze grouse Stau entsteet, sou dass een aus der Rue du Commerce ka hei richt weider an d'Rue du Commerce fueren, a Richtung um Fohrmann an aus der Rue de la Libération kann een esouwuel riets wéi och lénks ofbéie Richtung Route de Zoufftgen oder weider a Richtung an de Süden.

Den anere grouse Punkt ass aus der Route de Zoufftgen kommend, och déi Kräizung gëtt mat enger



rouder Luucht ausgeriicht, fir dass déi Fluxe kënne korrekt gesteuert ginn. Dir gesitt och hei, dass déi Haltelinn vun der rouder Luucht wäit zeréck läit, aus deem Grond well wann hei ee riets ofbéit, deen huet eng grouss Dréiung, sou dass do keen Auto ka stoen, well en dee soss hënnert. Och hei sinn Detektore geplangt an deenen eenzele Fuerspuren, sou dass déi rout Luucht erkennt, wann elo ee Flux méi Opkommes huet, dass deen éischer soll Gréng kréien.

An der Rue du Commerce ass dann eng Spuer déi richt aus geet Richtung Zentrum an ee Rietsofbéier fir all déi Fluxen, déi Richtung Autobunn, Route de Zoufftgen ofbéien.

SUZANNE FAHL (INGENIEURIN):

Wir haben das ganze damals mit einer Mikrosimulation überprüft, um zu kucken wie die Rückstaulänge, wie die Ampel gesteuert werden muss um Rückstau zu vermeiden, weil eben gerade in den Morgenspitzen und in den Abendspitzen relativ viel Verkehr ist. Wir haben das einmal für den Bestand gemacht, das war damals 2012, und wir haben aber auch schon eine Prognose damals ausgearbeitet in der Studie damals, wo für die Prognose 2020, vielleicht auch ein bisschen mehr als 2020, überprüft wurde ob die beiden Kreuzungen eben den Verkehrsfluss aufnehmen können.

Wenn man sich das ankuckt, klar, vor einer Ampel ist immer eine gewisse Rückstaulänge da. In den Spitzenzeiten, dann wäre alles gut, aber es ist natürlich so, dass immer vor einer Ampel ein bisschen Rückstau da ist.

Hier haben wir einen Bestand, von 2012 ausgehend damals, plus minus 7 Fahrzeuge, das heißt, der Stau baut sich immer mal wieder auf aber auch wieder ab, das sind die mittleren Rückstaulängen, die wir hier haben, der kann mal länger sein, der kann aber auch mal wesentlich kürzer sein.

An der Route de Zoufftgen haben wir in der Morgenspitze um die 5 Fahrzeuge, die sich aufstauen, und in der Abendspitze um die 10 Fahrzeuge, die sich anstauen, das sind um die 30-60 Meter, und dasselbe für die Prognose auch, da ist in der Morgenspitze der Rückstau in der Rue de la Libération ein bisschen länger.

In der Abendspitze pendelt sich das hier auch bei ungefähr 60 Meter ein, das sind ungefähr 10 PKWs. In der Morgenspitze ist es ein bisschen mehr, da haben

wir etwa 90 Meter im mittleren Rückstau, das sind knapp 24 Fahrzeuge.

Die Ampeln sind aber absolut leistungsfähig und wir haben die auch natürlich durch Detektoren gesteuert aber die sind auch miteinander verbunden, das heißt, die kommunizieren miteinander, die können nicht einzeln laufen, die müssen miteinander sprechen, gerade damit der Zwischenbereich und der Zebrastreifen, der hier in der Mitte liegt, in die Signalisierung einbezogen werden damit da nicht jede Ampel macht was sie will und im Endeffekt haben wir hier dazwischen das Chaos, sondern die müssen schon so koordiniert sein, damit dazwischen der Verkehr flüssig läuft und kein Rückstau entsteht.

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Mir wollten nach op déi Aarbechten an och am Déifbau agoen, déi dann am Budget vun der Gemeng mat virgesi sinn, well jo och Ponts et Chaussées do een Deel vum Stroossebau iwwerhëlt, well et eng Staatsstross ass.

An deem Beräich hei uewe géife mir profitéiere fir de bestehende Mëschwaasserkanal ze erneiere well deen och a kengem gudden Zoustand méi ass, a vu, dass mir jo schonns hei baulech an déi Kräizung agräifen, profitéiere mir natierlech och fir d'Kanaler a Leitung frësch ze maachen.

Da géife mir hei an der Route de Zoufftgen bis hei virun d'Rue des Ecoles eng nei Reewaasserachs leeën, fir dass eben och spéider d'Kläranlag entlaascht gëtt, well jo am Fong duerch d'Mëschwaasser propert Dréinkwaasser a Reewaasser mat an d'Kläranlag geholl gëtt, wat eigentlech net ganz sënnvoll ass.

Da géifen all d'Waasser- a Gasleitungen déi hei am Beräich vun der Rue du Commerce an ugrenzen an d'Route de Zoufftgen erneiert ginn, well déi eben och relativ al schonns sinn.

An dann zu laaschte vun der Gemeng sinn och d'Amenagementer vun den Trëttoire well et muss ee wësse bei enger Staatsstross ass et sou dass Ponts et Chaussées d'Stross bis d'Bordür mat abegraff bezilt an d'Trëttoire sinn am Fong mat zu laaschte vun de Gemengen.

Dat ass fir lech e kuerzen Iwwerbléck ze gi fir och ze



kucken, wat am Déifbau niewent dem Amenagement eben och nach am Budget vun der Gemeng dran ass. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Suzanne Fahl an dem Nathalie Müller fir hir Presentatioun, d'Idee war, lech hei och en Abléck ze ginn, engersäits e staatleche Projet awer och mat der Gemeng zesummen, jiddereen a sengem Kompetenzeberäich.

Dat heiten ass noutwenneg, wann een och d'Phase 2 vum Shared Space duerno ëmsetzt, just fir lech den Timing mat op de Wee ze ginn. D'Idee ass, dass Ponts et Chaussées dat heiten ufanks Hiecht an Ugrëff wëll huelen, sou dass dat en Impakt huet op d'Exekutioun vun der Phase 2 vum Shared Space, dass mir dat dann eréischt 2019 wäerten an dem Sënn exekutieren an net méi am Joer 2018. Mee deen heite Projet muss fir d'éischt geholl ginn éier mir de Projet, déi 2. Phase vum Shared Space ëmsetzen, mee ech mengen dass dat heiten, dëse Projet en Impakt huet op déi 2. Phase vum Shared Space, well d'Idee jo ass, dass am Fong am Zentrum de Verkéier soll erofgesat ginn an déi dote Moosnam dréit duerch déi nei Verkéiersregelung och dozou bäi. Voilà, dat war déi Presentatioun, déi mir lech wollte maache fir lech méi Detailer mat op de Wee ze ginn an elo ass d'Diskussioun op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Ech hu just eng Fro: An deem Mobilitéitskonzept, dat eis virgestallt gi war, do war ugedeit ginn, d'Rue de l'Étang géif dann eng Kéier an der ganzer Richtung déi selwecht Fuer-Richtung kréien.

An elo wollt ech froen, vu dass hei d'Bestriewungen déi sinn, dass een net méi soll duerch de Shared Space fueren, mee méiglechst duerch d'Rue de l'Étang, ob et net villäicht elo schonns un der Zäit wier - et kéint een et och als temporaire gesinn - fir den hënneschten Deel vun der Rue de l'Étang och eben an déi Richtung ze dréinen. Da kéint ee vun der Gare direkt bis eriwuer bis bei de Match fueren an et bräicht een net nach Ëmweeër laanscht d'Stadhausplaz oder esou ze maachen. Wier elo net de Moment fir dat mol schonns ze probéieren?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Merci, ech hunn eng Verständnesfro an dat ass dat wou Dir gesot hutt, dass wa mir vun der Rue du Com-

merce, déi elo zweespuereg gëtt, kënne mir riets Route de Zoufftgen ofbéien an da geet eng Spuer an den Zentrum. Wéi ass et dann elo mat där Bifurkatioun, déi lénks eriwuer an den Zentrum geet a riets an d'Rue Edison, dat war mir net ganz kloer an deem Konzept.

Et hat een och keen Iwwerbléck, et wier begrëssenswäert gewiescht wann een de Plang gehat hätt wéi et elo ausgesäit, dat wier pädagogesch vläit e bësse méi liicht gewiescht.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Also ech hätt nach eng Fro, ginn déi 2 Phasen also d'Zoufftgerstrooss an hannen d'Rue du Commerce, ginn déi mateneen uginn oder maache mir fir d'éischt Route de Zoufftgen an dann d'Rue du Commerce? Dat war eng Zaitschinnfro an dat 2. ass, déi rout Luucht ass no hanne geréckelt ginn, ass do den Access vun der Profamilia, déi hunn eng kleng Servitüd, kënnt déi kleng Servitüd-Strooss virun der Luucht, also stinn déi dann och am Stau bei der roudere Luucht oder sinn déi virun, dass déi do rauskommen. Dat ass vläit och net oninteressant well do schaffen eng 50 Leit.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Ech hunn nach just Froen zum Traffic. Déi Analysen, déi do gemaach gi sinn, déi si vun 2012. Mir schwätze wann eng Luucht dohinner kennt, déi sinn intelligent - ech hoffe méi intelligent wéi déi wou mir hei hunn, well déi ass schrecklech - da gëtt dat jo gesteuert an da gëtt gesot, 60-100 Meter Réckstau. Wann een dat haut kuckt, owes oder moies, dann hu mir Stau, dat sinn awer wäit iwwer 100 Meter, dat geet vun heien erop bis bal op d'Autobunn. Dofir, ech fannen et e gudde Projet och mat deem Poller, dat dréit sécher mat derbäi, dass net all Mënsch méi duerch d'Duerf fiert. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Also ech hu keng Fro, ech wollt just erkläre firwat mir dee Projet do stëmmen obwuel mir jo net an enger Logik vu Shared Space sinn, mir si jo bekanntlech géint deen.

Ech hunn awer beim Raumen eng Brochür vun eis erëmfonnt vu virun 22 Joer, wou mir genau dat doten, och schonns dee zweegleisegen... Voilà, et ass jo kloer, an enger Logik vu Foussgängerzon wier dat dote jo nach méi lusteg wéi an enger Logik vu Shared Space, well an eiser Logik géif jo duerch déi Foussgängerzone iwwerhaupt keen Auto duerch de Shared Space fueren, wou jo och net wéineg Autoe fueren a



wou ech net weess ob een duerch Incitatioun do man-
ner Autoe kritt. Ech wollt ebe just soen, dass mir aus
dem dote Grond deen dote Projet gutt fannen an och
wäerte stëmmen.

CLAUDE MARTINI (CSV):

Ech fannen et wierklech super, dass mir Luuchte kréi-
en an der Rue du Commerce well dat brems de Verk-
éier an et ass richtig richtig geféierlech am Ament.
Dat ass ze begrëssen.

Ech géif awer och profitéiere fir ze soen, dass een
d'Tréttoirë mat de Stroosse gläich ka maache wou
d'Zebrastreife sinn, fir dass d'Leit gutt mat hirem Ro-
lator an an hire Rollstill a mat de Kutschen drop fueren
an anstänneg erop trëppele kënnen. Wa mir schonns
dee Projet nei maachen, da kann een dat mat abauen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech géif lech zwee dann d'Wuert gi fir op déi
verschidde Punkten anzegoen.

SUZANNE FAHL (INGENIEURIN):

Um zuerst auf die Rue de l'Etang einzugehen, das
war in dem damaligen Konzept drin, spätestens dann
wenn die Barrieren tatsächlich von CFL mal wegfallen
würden, man könnte das auch ohne Probleme jetzt
machen, da spricht grundsätzlich nichts dagegen.

Aber wir haben jetzt erst mal den Poller vorgesehen
und wenn man jetzt die Rue de l'Etang in die Richtung
führt und von der Richtung da rüberführt, da spricht
nichts dagegen, das würde das Konzept nicht in Fra-
ge stellen, man könnte das probieren, das ist richtig.
Man muss halt nicht alles auf einmal machen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Eent nom aneren, eng Etapp no där anerer, dat muss
jo och koordinéiert sinn.

SUZANNE FAHL (INGENIEURIN):

Die nächste Frage war, dass der Stau heute schon
relativ lang ist. Das glaube ich, ich bin eben ja auch
hier runtergekommen und dabei ist mir aufgefallen,
dass relativ viele Zebrastreifen da sind, zum Beispiel
wie der hier vorne, der ist natürlich nicht beleuch-
tet, das heißt da kann jeder Fußgänger gehen wann
er will und das alleine führt schon dazu, dass relativ
viel Rückstau ist.

Wie gesagt, wir haben die Zahlen vom Bestand ge-
macht, wir haben aber auch damals draufgelegt um
die Prognose 2020 zu machen, und durch die Koor-
dinierung hat man das besser in den Griff gekriegt,
man kann Ampeln aber immer steuern, das heißt,
wenn es zu gut laufen würde und das würde Verkehr
anziehen, der heute nicht da ist, dann kann man das
bei einer Ampel noch immer in den Griff kriegen. Aber
ich denke, wenn wir eine Situation verbessern, das
bringt ja auch den Leuten in Dudelange irgendwas.

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Also, zu de Foussgänger an zu den Zebrastreifen, déi
sollte PMR-gerecht sinn, do ass eng Fuerderung vun
der Ponts et Chaussées, dass all Zebrastreife muss
PMR-gerecht sinn, déi Bordüre ginn och ofgesenkt fir
dass eng Kutsch oder e Rollstullfuerer och do onpro-
blematesch kann eriwwer goen an des weidere mus-
sen och mat Blanne-Leetlinnen ausgeriicht ginn, fir
dass och déi Blann dee richtigen Zebrastreife fanne
fir eriwwer ze goen.

CLAUDE MARTINI (CSV):

Dir sot erofgesat mee de Fakt ass deen, dass ëmmer
eng Bordür do ass, wou et fir vill Leit schwéier ass
erop ze kommen an a ville Stied ass et gläich mat der
Strooss, esou dass ee kann eroprullen. Ech schaffen
an deem Beräich, ech gesinn dat oft an ech hunn dat
materlieft, dofir hunn ech déi Propose gemaach.

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Also et ass esou dass Ponts et Chaussées e Kon-
zept huet, dass si d'Bordüren op 0,5 cm erof setzen.
Ganz gläich ass et schwierig well et riskéiert dass
d'Waasser vun der Strooss op den Tréttoirë erop-
geet, sou ass alt wéinstens e kleng Widderstand
mat engem halwen Zentimeter deen dann nach do
ass a fir eng Kutsch oder e Rollstullfuerer ass en hal-
wen Zentimeter awer nach e Kompromëss tëschent
dem Waasser an dem Rollstull.

Da war eng Fro zum Phasage. Et ass esou, dass dat
ee Gesamtprojet ass, eng gesamt Soumissioun, déi ze-
summe mat Ponts et Chaussées gemaach gëtt, wou
dann och am Detail gekuckt gëtt mat wéi enger Phase
fänke mir un, fänke mir éischer u mat der Phase
an der Route de Zoufftgen oder éischer mat der Kräi-
zung an der Rue du Commerce? Dat ass an enger spé-
iderer Phase mat der Ponts et Chaussées ze koordiné-
ieren an natierlech och mat der Gemeng zesumme well
déi 2. Phase mat an där Soumissioun dran hänkt.



Et ass awer ganz kloer, dass am Fong deem Zwourichtungsverkéier fir d'éischt muss ëmgesat ginn, éier mir de Projet op der Place Kinnen kënnen attackéiere well soss riskéiere mir, dass dee ganze Verkéier, deem haut hei eriwweert fiert, eis duerch de Chantier fiert an dat wëlle mir net, sou dass déi Richtung hei muss kënnen gefuer ginn éier mir op der Place Kinnen do kënnen richtig ufänken.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Dann ass et jo awer d'Route de Zoufftggen an d'Route du Commerce, deem Dräieck do, an dat doten, do gëtt jo dann alles matenee gemaach, alles opgerappt?

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Nee, et gëtt net alles opgerappt, de Sënn ass schonns, dass ëmmer den Trafik kann duerchgoen, dee muss rullen, vläit nëmmen op enger Spuer, dat muss een da kucken. Mee et ass net esou, dass déi Strooss vu vir bis hanne gespaart gëtt, do ass eng Coordinatioun mat Ponts et Chaussées a mam Service technique vun der Gemeng, déi op alle Fall gemaach gëtt.

Pro Familia läit virun der Haltelinn, sou dass déi nach erauskennen. Si kënnen net zu all Abléck eraus, si müssen awer och op d'Luucht kucken.

Do kann een dat awer op der Plaz kucken, dat kann een awer nach eng Kéier am Detail kucken, dass dat genau gedroe gëtt, mee dat ass eppes wat een definitiv nach an der weiderer Phase ka kucken.

Da war nach eng Fro a Richtung Zentrum vun der Madame Andrich-Duval.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Meng Fro war: Wann elo déi nei Verkéiersféierung ass, da komme mir jo nach wéi vor aus der Rue du Commerce erof a Richtung Kierch an dann, gouf gesot, béie mir riets an d'Zoufftgger Strooss an a mir fuere weider a Richtung Kierch, a Richtung Zentrum an do ass et jo am Moment eng Bifurkatioun, wou et da lénks an d'Rue Jean Jaurès geet a riets an d'Rue Edison geet. Meng Fro war ob deem Access zu där Säit dann och nach erhale bleibt?

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Also, deem Access bleibt op alle Fall hei nach a Richtung Edison erhalten, an och nach a Richtung Jean Jaurès, dat gëtt ebe just am ganze Konzept op der

Place Kinnen vläit dann anescht duergestallt, dat bleibt dann net méi deem englesche System, mee d'Bunne sinn an all Richtunge befuerbar. Dat Konzept gëtt nach ausgeschafft.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, et ass probéiert ginn op all Är Froen anzegoen, haut geet et dorëms, niewent der Presentatioun vum Gesamtkontext den Devis vun 1.295.000 Euro ze stëmmen. Wat am Fong d'Gemeng bezilt, dat ass Gas, Ofwaasser, Antenn, Telekommunikatioun an Eclairage public, dat ass déi Enveloppe, déi de Gemengerot muss stëmmen an ech hunn hei eraushéieren, dass eng breet Zoustëmmung ass fir dat ze maachen, dofir au Vote. Ass nach eng Fro?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Entschëllegt, ech hat net gemengt, dass mir elo schonns ofstëmmen, ech wollt froe wéi ass et mat der Post, net dass mir do rëm eng Iwwerraschung kréie wéi am Shared Space, dass déi dann awer decidéiere matzemaache wann do alles nei gemaach gëtt. Net dass mir do alles erëm zougemaach hunn an da gëtt erëm opgerappt, dat war jo och den Appel un all Mënsch, dass mir déi Koordinatioun vum Chantier kuerz a bündeg maachen.

Dofir meng Fro: Wat seet d'Post dozou?

An dann natierlech den Appel, dass mir Récksiicht huelen op eis Geschäftsleit, dass mir deenen esou wéineg wéi méiglech Inconveniente maachen, dat hate mir jo schonns decidéiert. Virun allem d'Fro mat der Post.

NATHALIE MÜLLER (INGENIEURIN):

Mir haten an der 1. Phase vum Projet eng éischt Entrevue wou d'Post och mat dobäi war, déi sinn elo alleguerten avertéiert dass do eppes kënnt an dass si eis hir Projeten an Doleancë mat eraschécken, fir ze evitéieren, dass et herno während der Phase Chantier dozou kënnt. Et ass awer net ëmmer ze verhënnern, bei hinnen evoluéieren och Projeten en cours de route bis et zum Chantier kënnt, mee et ass op alle Fall mat de Leit geschwat a gekläert ginn an et gëtt eng 2. Entrevue gemaach fir dass mir dat vermeiden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. **Ass de Gemengerot mat deem Devis vun 1.295.000 Euro averstanen? Dat ass d'Stëmme vun de Gréngen, LSAP, CSV, ADR. Wien ass dergé-**



int? Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.

Merci villmools, och dem Suzanne Fahl, dem Nathalie Müller an dem Tom Schroeder Merci fir hir Präsenz an hir Erklärungen.

3.6. Approbatioun vun Devisen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech proposéieren, dass mir weiderfuere mat den Devisen, déi sech aschreiwen an d'Exekutioun vun 2018. Ech géif lech proposéieren, dass ech alleguerten d'Devisen duerch huelen am Kader vun der Presentatioun an dass mir herno eng global Diskussioun iwwer déi verschidden Devise feieren.

3.6.2. Erneuerung vun der Fassad vun der Schoul Baltzéng

Da fänke mir mat der Balzenger Schoul un, do soll d'Fassade renovéiert ginn, dat ass en Devis vun 40.000 Euro, dat hate mir och am Budget.

3.6.3. Amenagement vun engem polyvalente Sall an der Schoul Brill

Dann hu mir d'Schoul Brill, do gëtt eng nei Salle polyvalente gemaach, et ass esou, dass no Récksprooch och mam President vum Schoulcomité, dass do e Klassenzëmmer soll an zwee gedeelt gi well se a Gruppe wëlle schaffen, dat ass e Budget vun 12.000 Euro.

3.6.4. Renovatioun vum Schoulhaff a Reamenagement vun der Spillplaz vun der Schoul Gaffelt

An der Gaffelt gëtt engersäits de Schoulhaff frësch gemaach, respektiv och eng Spillplaz, dat schreift sech an an d'Aarbechte vun der Extensioun vun der Maison Relais Gaffelt an och vun der Schoul Gaffelt vum leschte Joer an dofir hutt Dir och am Dossier eng Presentatioun gehat wéi deen Amenagement soll ausgesi fir de Precocé, respektiv fir de Cycle 2-4, dat sinn zwee verschidden Emplacementen, wou och d'Kanner aus der Schoul do kënnen an de Pausen an ausserhalb vun de Schoulzäite kënnen higoen an dat ass e Budget vun 250.000 Euro.

3.6.5. Amenagement vun engem transitoresche Streetball-Basketsterrain um Site NeiSchmelz (Skatepark)

Dann ass de Projet ronderëm déi transitoresch Akti-

vitéite ronderëm Neischmelz, do maache mir bei der Passerell e Streetball-Terrain, fir do weiderhi Liewen op der Friche ze erhalen an et gëtt vum Fonds de Logement zur Verfügung gestallt fir de Streetball, deen awer gutt 4 Joer do ka bleiwen an dat ass e Budget vun 35.000 Euro.

3.6.6. Renovatioun vun der Terrass vun der Sozialwunneng op Tattebiérg

Da gi mir op Tattebiérg, wou mir Propriétaire si vun de Chambre-meublée, do musse mir hannendrun am Kader vun deem Projet - dat war deemools net gemaach ginn - och eng Terrasse amenagéieren, elo wou d'Leit do wunnen an dat ass e Montant vun 15.000 Euro.

3.6.7. Installatioun vun enger Ventilatioun an der Maison Relais Schwemm

An der Maison Relais Schwemm muss eng nei Ventilatioun gemaach ginn um Niveau vun der Kichen awer och – fir dat ze optiméieren - um 2. Stack, dee grouse Sall, wou och Aktivitéite sinn, an dat ass e Budget vun 15.000 Euro.

3.6.8. Mise en conformité vum Sous-sol an der Gemeng

Dann e Budget vun 94.000 Euro, dat ass d'Mise en conformité hei vum Sous-sol an der Gemeng, wou nei Dieren och mussen agebaut gi fir ze sécurisieren.

3.6.9. Installatioun vun enger kommunaler Zär

Dann ass de Projet vun der kommunaler Zär, deen och am Budget ass, wéi gesot 190.000 Euro. Do ass och eng Pépinière fir Gemengeplanzen, dass mir déi kënnen deelweis do ziichten, dat gekoppelt mat engem Projet vun der Initiative sociale an déi Zär soll jo an d'Rue de l'Hôpital, wou mir Terrainen hunn, hkommen, hannert dem Spidol.

3.6.10. Astandsetze vum Feldwee um "Roudebiérg"

Dann de leschten Devis, dee mir virleien hunn, dat ass en Devis vun 140.000 Euro, wou mir d'Strooss vum Roudebiérg frësch maachen, dat ass e Budget vun 150.000 Euro. Dat ass déi Strooss, déi beim Stade Nosbaum lassgeet an am Hanzendall bei de Peaux Rouges erauskënnt, dat ass deen Tronçon. Déi Aarbechte musse mir virfinanzéieren an do kréie mir



natierlech och e Subsid vum der ASTA vun 30 Prozent. Dat sinn déi Devisen, déi mir virleien hunn, déi sech aschreiwen an d'Exekutioun vum Budget 2018 a wa Froe sinn, d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Ech hunn eng kleng Fro: Et ass en Iertum am Punkt 3.6.4 am Präis vun der Recréation et réaménagement de l'aire de jeux de l'Ecole Gaffelt, do si mir bei 250.000 Euro, am Budget stinn awer nëmmen 220.000 Euro, do muss een dat änneren oder mir mussen eng Ajoute maachen.

Fir de Rescht hutt Dir op déi Fro geäntwert vum Streetball-Terrain. Dat heescht, deen ass elo just während 4 Joer accordéiert an da gëtt do herno eng Dall an en Netz ronderëm gemaach. Wat ass do nach virgesinn, ass do eng Toilette virgesinn oder benotzen déi Leit déi Infrastrukturen, déi ronderëm sinn? Dat war dat wat ech nach wollt nofroen an dann nach mat der Terrass vum Logement social Tattebiérg, do hutt Dir gesot, mir mussen déi nomaachen, do ass meng Fro elo: Firwat ass dat net direkt gemaach ginn? Oder huet do een eppes futti gemaach, da géif jo do nach d'Garantie spillen? Firwat musse mir do elo déi Terrass nei maachen? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, meng Fro betrëfft déi Salle polyvalente am Brill. Dir sot, et ass e Kllassesall do, deen an zwee gedeelt gëtt. Ech wollt mech just vergewësseren, et handelt sech jo net ëm dee Sall, deen d'Chorale am Keller zur Verfügung gestallt kritt well d'Veräinshaus elo ofgerappt gëtt, dass si deen elo awer vläit net géife kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ech hat gesot et wier e Kllassesall.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'éischt wollt ech soen, dass mir den neien Aménagement vum Gaffelter Haff ganz staark begreissen, dass dat eis gutt gefält, et ass nämlech eng flott Kombinatioun vu Bauten an natierlechen Elementer, déi do zesumme kommen an et kann een sech virstellen, dass et do fir d'Kanner ganz villfältig Spillméiglechkeete gëtt.

An duerch den Neibau ass de Schoulhaff opgedeelt ginn a mir fannen et gutt, dass de Beräich Primärschoul vum Precoce getrennt ass, mee anerersäits ass dee

Schoulhaff dunn awer trotzdem méi kleng ginn.

A well d'Fläch vum Schoulhaff méi kleng ginn ass, fanne mir et gutt, dass d'Gemeng Terrain bäikaf huet, deen dann als Terrain multisports virgesi gëtt. Deen Deel läit awer ofgetrennt vum dem Schoulhaff duerch d'Schoulgebai an den Trëppelpad. An ausserdeem schénge et mir awer e bësse problematesch fir dohinner ze komme fir d'Schoulkanner, während de Pausen, an et schénge mir och wéi wann do momentan nach eng Mauer wier, deen Deel géif oftrennen, deen da soll als Terrain multisports ëmgebaut ginn, an ech wollt froen, wéi dann déi Verbindung soll gemaach ginn a wéi zougänglech dat géif ginn.

An déi aner Fro ass, ob deen Terrain dann och während de Pause géif fir jiddereen a sämtlech Schoulkanner zougänglech ginn oder ob dat net virgesi wier, dass dat e Beräich wier, deen ausserhalb vun der Schoulzäit zougänglech wier? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, ech hätt nach eppes zu där Zär ze froen: Mir hate jo schonn an deem Punkt vum Antigaspé hei eng Kéier ugedeit, dass mir et géife flott fanne wann an där Zär géife Saachen ugebaut ginn, déi een herno kéint an de Maison Relais verschaffen.

Elo hunn awer Leit gesot, et gëtt do e Problem an der Règlementation nationale, et dierf een net Saachen, déi ee selwer produzéiert huet, an enger Maison Relais an der Kiche verschaffen.

D'Kanner dierfen zum Beispill och kee Gebuertsdagskuch méi matbréngen, deen se doheem gebak hunn.

Wéi ass dat dann elo? Kënne mir nach Produiten aus eiser Zär gebrauchen oder wat baue mir schlussendlech do un? Da wäerten et just Blumme ginn oder wei?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci, mir ginn duerno drop an. Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Jo, ech wollt e puer Wuert zum Schoulhaff Gaffelt soen. Mat deem Projet geet elo e laang ersehnte Wunsch fir e méi kannerfrëndleche Schoulhaff an Erfülleng, no deenen zwee Ausbauten 2016 an 17 ass et elo um Schoulhaff deen opgedeelt ass fir den C2-4 an am ënneschten Deel fir den C1, dat war elo schonns déi ganzen Zäit de Fall.



De Schoulhaff Gaffelt ass an der Vergaangenheet ëmmer als Ofkierzung vun der Rue Gaffelt grad wéi vum Parking Rue de Chemin de Fer an ëmgedrënt genotzt ginn. Dëst huet d'Surveillance virun allem virun an no dem Schoulufank schwierig gemaach, vu dass niewent villen Elteren och vill Friemer duerch den Haff gaange sinn.

Duerch de Chantier vum Ausbau vun der Maison Relais 2015-2016 huet sech dat Verhale geännert. Et huet ee misse vun der Rue de Gaffelt aus dee Wee hannert dem Schoulgebai huele fir an d'Rue du Chemin de Fer ze kommen.

Et blouwen nach Leit, déi vum Parking aus duerch den ënneschten Haff gaange sinn.

Diese Problem huet sech geléist duerch den Ausbau vun der Schoul 2017 elo, wéi ee vum Schoulhaff gemaachte Wee a Richtung Chemin de Fer vum Parking aus amenagéiert gouf.

Dës Léisung fléisst elo och an dee Projet an, wéi Dir alleguerte gesinn hutt, geet deen ënne laanscht den Haff, also ofgetrennt mat engem Drot geet dee laanscht, sou dass d'Leit net während dem Schoulbetrieb mee och net virun oder no der Schoul müssen duerch de Schoulhaff goen.

Virzehiewen ass awer och d'Acquisitioun vun der Parzell hannert dem Schoulhaff, déi d'Ulee vun engem Ministade erlaabt. Duerch dës Realisatioun kann de Schoulhaff entlaascht ginn, eng gutt Partie vun de Kanner kënnen also mol erëm do hannendru Fussball spillen, dës Aktivitéit war nämlech duerch den Zouwuess vun der Schoulbevëlkerung schwierig a geféierlech ginn, sou dass duerch méi oder manner schwéier Incidenten d'Fussballspille verbuede gi war. Also nach hu mir hei e flotten an noutwenneg Projekt, wou d'Personal vu Schoul a Maison Relais an och d'Kanner bei der Planung matschwätze konnten an déi elo och sehnsüchteg op d'Realisatioun vun deem Projet waarden.

Villäicht och nach just zum Romaine Goergen, deen heiten Deel also de Ministade dee gëtt de plain pied gemaach, déi Mauer geet ewech gerappt, de Ministade gëtt also och de plain pied gemaach, wou een do kann erakommen, an e gëtt och genotzt während de Schoulpausen, et gëtt also entlaascht fir de Schoulhaff am grouss Ganzen, mir hu 5 Quadratmeter pro Kand Surface, déi soll fir d'Pause reservéiert sinn, a

mat deem heiten d'Méiglechkeet fir mat engem guden Deel Kanner, wat natierlech eng erweidert Surveillance verlaangt, déi Kanner ginn dohinner begleet an och erëm zeréck, ass natierlech dann awer gewährt, dass et an deem Schoulhaff méi Flux gëtt, datt et méi oppe gëtt an dass keen esou e Gedrécks méi ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci dem Här Zuang fir seng Stellungnahm, sinn nach weider Froen? Da géifen hei d'Kollegen aus dem Schäfferot op déi verschidde Saachen agoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP):
Merci, et waren e puer Froen zum Schoulhaff, déi si bal alleguerte vum Här Zuang beäntwert ginn.

E puer Saachen, déi een awer nach ka soen: Dat mat deem Terrain hannendrun, dat läit beim Notaire, en ass awer am Budget, dee Multistade hannendrun, dee steet dran, mee nach gehéiert den Terrain eis net, fir d'éischt muss déi Ënnerschrëft beim Notaire gemaach ginn.

Dann, wat och nach ganz wichteg ass, dee kleng Schoulhaff gëtt net an enger Kéier gemaach, dee gëtt a Phase gemaach, als éischt den Terrain hannendrun, dann dee Grousse gemaach ginn, dat do-duerch well mir ëmmer nëmme während de Vakanze kënnen schaffen. Et kënnen Preparatiounen gemaach ginn, mä déi grouss Aarbechte kënnen net während der Schoulzäit gemaach ginn.

Eng aner Saach, zu deem wat Madame Goergen sot, dee Schoulhaff wou déi kleng Kanner dra sinn, dee gëtt net méi kleng well wann ee kuckt um Plang, do gesäit ee gutt. Do war jo bis elo ëmmer iwwerdeckt, do war e Fussballsterrain. Dat eenzeg wat ass, e gëtt laanscht d'Säit e bësse méi kleng well mir effektiv iwwer Joren ëmmer déi Problemer haten, well d'Leit während de Schoulzäiten duerch den Schoulhaff gangen sinn, do machen mer en extra Wée fir dass Leit laanscht den Schoulhaff kennen goen, do fällt en klengen Déel weg.

Wat och ganz flott ass a wat een nach zum Projet ka soen, mir probéiere ganz vill Natur an de Schoulhaff ze kréien an do huet een och laanscht dee Wee, deen elo ronderëm de Schoulhaff geet, huet ee mat Linden där Tunnelle gemaach wéi och um Ribeschpont.



Nach just zum Budget, d'Madame Kayser hat gesot, am Budget géifen 220.000 Euro stoen, am Devis stinn der 250.000 Euro, menges Wëssens ass et 250.000,00 Euro, mee et muss ee korrigéieren, mee vu dass et an zou Phase gemaach gëtt, kann een dat vläicht och d'nächst Joer nach kucken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech hat nach eng Kéier nogekuckt, et ass richtig, du hues déi 30.000 am Budget rectifié wou s de kanns mat eriwwer huelen, du hues déi budgetiséiert 2018-2020, da bass de op deem Montant vun 250.000 Euro, dat korrespondéiert also par rapport zum Devis.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP):

Ech hunn nach eppes zum Kllassesall wou den Här Gangler sot, dat ass net ënnenan, dat ass e Kllassesall, dee gëtt an zwee gedeelt an dee gëtt haapt-sächlech genotzt fir den Appui.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Ganz kuerz, d'Terrass vum Logement um Tattebiërg, do gëtt et schonns eng Terrass déi deemools awer net frësch gemaach gouf well mir wollten all eis "Energie" an d'Gebai stiechen, dass mir dat solle bezugsfäerdeg kréien an elo maache mir an enger zweeter Phase déi Terrass frësch, an déi ass net méi zäitgerecht an de Montant vu 15.000 Euro ass net ganz héich, et ass geduet fir déi Terrass, déi besteet, frësch ze maachen.

Dann d'Pépinère, do ginn nëmme Planzen ugesat, dat heescht nëmme déi, wou mir als gemeng selwer kënne profitéieren, dat heescht eis Blummen, eis Planzen an esou weider, déi gi geplantz an et huet näischt mat Geméis ze dinn.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, et waren nach Remarquë bezüglech dem Streetball-Terrain, et ass jo eng weider Aktioun ronderëm déi temporaire Notzung beim Neischmelz, wou et eis um Häerz läit, dass de Site lues a lues ëmmer méi op gemaach gëtt, an dass mir mat esou Aktiounen de Bierger a Biergerinnen d'Méiglechkeet ginn, sech schonns um Site op ze halen, an an deem Fall sech sportlech ze betäegen.

Et ass eng Streetball-Anlag, ähnlech wéi mir se kenne an den Multistaden, oder déi Basketballsterrainen déi soss schonns ronderëm Diddeleng stinn, et ass net geduecht fir do Vestiairen oder e Sanitaire virzege sinn, et sinn eng Rei vu Méiglechkeeten déi ee ronderëm

huet, de Skatepark ass jo och net wäit ewech an och den Atelier D ass am Hall Fondouq aktiv, do kann een natierlech och hin. Dat ass jo och d'Iddi, dass déi sech do begéinen, esou dass et eng zentral Ulaftell gëtt fir Sport a Kultur an an deem Sënn ass dat hei och geduecht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, mir sinn op all Är Froen agaangen, kënne mir déi Devisen elo en bloc ofstëmme? **Wien ass fir déi Devisen? Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.7. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir géife weiderfueren, mir kommen op d'Dekonten, dat sinn der 11 Stéck, ech géif een nom aneren duerch huelen.

Den 1. ass d'Ouverture vum Site Neischmelz, dat waren 200.000 Euro, déi mir virgesinn haten, ausginn hu mir 174.599,91 Euro, dat ass d'Passerell, déi mir deemools gemaach hunn am Joer 2012-2013.

Da war den Dekont fir Aarbechten an der Rue Révérend Père Jacques Thiel, dat war fir de Gas, dat war en Devis vun 240.000 Euro, ausginn hu mir 113.194,06 Euro an dat waren d'Joren 2012-2014 an do hu mir Suen agespuert well déi nei Conduiten, déi gemaach goufen, ënnert deenen ale gemaach goufen, dat heescht mir hu keng provisoersch Conduite gebraucht.

Dann d'Kanalisation vum Ofwaasser an der selwechter Strooss, geplangt hate mir 505.000 Euro, ausginn hu mir 459.552,66 Euro.

Dann de Kanal fir d'Waasser, den Devis 270.000 Euro an d'Ausgab 164.449,47 Euro, do och déi selwecht Erklärung, et goufe keng provisoersch Conduite gebraucht, do fält och d'Depense méi déif aus wéi den Devis, dee mir hei gestëmmt hunn.

An der Rue des Champs d'Kollektivantenn, 110.000 Euro am Devis, d'Depense ass 106.004,45 Euro.

De Parking am Quartier Italien, dat war d'Kanalisation an dat ware 95.000 Euro, déi mir virgesinn haten an d'Depense ass 25.715,84 Euro. Och do ass et effektiv méi bëlleg ausgefall an ech mengen och do ass d'Erklärung, dass am Kader vun aneren Aarbechten déi dote mat ofgewéckelt gouf.



Am Quartier Brill, den Eclairage public, do war en Devis 172.000 Euro, an 149.942,85 Euro d'Ausgab.

Dann déi nei Horodateuren, 130.000 Euro den Devis an d'Depense 125.150 Euro.

Um Strutzbierg, d'Fibre optique, den Devis 150.000 Euro an d'Depense 143.235,68 Euro.

Logements pour étudiants, d'Studentewunnenge bei der Gare dat waren 1.597.000 Euro am Devis an d'Dépense effective war 1.553.625,86 Euro, dat war iwwer d'Joren 2012 bis 2016, a wéi Dir och gesitt, hu mer do eng ganz Rei Subside kritt vum Logementsministère a vum Kulturministère, vu Sites & Monuments.

Da war d'Renovatioun vun der Fassad, deen 1. Deel war en Devis vun 1.100.000 Euro an d'Dépense effective war 986 409,12 Euro an do ginn et och Subside vum Kulturministère, respektiv och en Deel vun der Kierchefabrik, déi eis dat ausbezuelt huet.

Dat zu den Devisen, déi Dir hei virleien hutt. D'Diskussioun ass op. Do si keng Froen, da proposéieren ech, dass mir déi d'Dekonten ofstëmmen.

Wien ass mat deenen Dekonten averstanen? Dat si Stëmme vun déi Gréng, LSAP, CSV an ADR.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Ech si mat all Dekont averstanen, just beim leschte wëll ech mech enthalten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Gutt, da fänke mir nach eng Kéier un, mir stëmmen iwwer all Dekont of ausser dee leschten, dee maache mer da separat.

Wien ass mat den Dekonten, ausser mat deem vun der Renovatioun vun der Kierch, averstanen? Dat ass unanime.

A wien ass mam Dekont fir d'Renovatioun vun der Kierch averstanen? Dat si Stëmme vun déi Gréng, LSAP, CSV an ADR.

Wien enthält sech? Déi Lenk. Merci villmools.

3.8. Approbatioun vum éischten Avenant zu der Konventioun mat dem Kulturministère iwwer déi finanziell Bedeelegung vum Staat un de Frais-de-fonctionnemente vum regionale Kulturzentrum opderschmelz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da komme mir op deen nächste Punkt, dat ass d'Approbatioun vun engem Avenant vum Kulturministère vis-à-vis vun eisem Centre culturel, do ass et jo esou, dass mer eng Enveloppe kréie vun 245.000 Euro fir d'Frais-de-fonctionnemente vum Centre culturel opderschmelz an et ass elo esou, dass de Kulturministère decidéiert huet, all Kulturhaus par rapport zum Budget 10% méi ze ginn, dat heescht fir Diddeleng 24.500 Euro, sou dass déi Enveloppe, déi de Kulturministère eis gëtt, vun 245.000 Euro op 269.500 Euro erop geet.

Voilà, dat ass d'Erklärung zum Avenant wat déi Konventioun mat dem Kulturministère ugeet.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime. Merci.

3.9. Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da komme mir op d'Subsiden, déi mir virleien hunn dat si véier Stéck, engersäits e Subsid vun 825 Euro fir d'Oeuvres Saint Nicolas fir d'Organisatioun vum Cortège all Joer, dann 2.500 Euro fir d'Titercher vum Kleeschen, dann 100 Euro fir de SCAP ze ënnerstëtze fir seng Aarbecht hei zu Diddeleng a 60 Euro fir de Mouvement européen Luxembourg.

Hutt Dir Froen dozou oder Remarquen? Neen, da stëmme mir of.

Wien ass mat der Verdeelung vun dese Subsiden averstanen? Dat ass unanime. Merci.

Domat gi mer dann eriwier op d'Kommissiounen.



4. KOMMUNAL BERODUNGS-KOMMISSIONEN AN AARBECHTSGRUPPEN

4.1. Zesummesetzung vun der Iwwerwaachungskommissioun vun der regionaler Museksschoul

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir bei d'regional Museksschoul, wat d'Gesetzer ugeet. Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech weess net ob ech déi lo all soll hei virliesen, ech menge si lounge sou an Ärem Dossier. Soll ech d'Nimm all virliesen, oder ass et OK? Dir hat se all am Dossier leien. Wann dir domat averstane sidd, oder eng Fro oder eng Remarque hutt...

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Zu dem Reglement vun der Museksschoul, do steet am Artikel 95 Konstitutioun: Do gëtt geschwat vun zwee Leit wou d'Museksschoul als Voix consultatives représentieren. Et ginn awer dräi Leit presentéiert oder virgestallt op der Lëscht. Wou hat ech dat elo gesinn? Membres du personnel – do schwätze mir vun dräi Leit.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, mir sinn am Gang souwiso dat Museksschoulreglement ze änneren, dat huele mir op de Leescht. Dat kënnt dohier, well deemools wéi dat Museksschoulreglement gemaach ginn ass, den offizielle Posten, wann ech mech richteg erënnere, den offizielle Poste vum Adjoint nach net do war. A mir si souwiso am Gang dat Museksschoulreglement nach eng Kéier op de Leescht ze huelen. Dat ass déi lëscht Kommissioun mol verdeelt ginn. Leider war déi lëscht Kommissioun souzesoen nach déi freier Membren dran.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Elo zu der Fro vun der Madame Dall'Agnol, ob si soll déi Nimm all virliesen. Also, ech wéilt mol gären einfach eng Iwwerleeung ustellen. Ech gesinn am Fong hei am Gemengerot, dat wat mir hei soen, esou, datt mir dat och deene Leit dobausse soen iwwer wat mir schwätzen. Elo ass et jo sou, mir hunn déi Nimm an eise Mappen, déi Leit dobausse wëssen hei guer net ëm wat et geet. Wann si herno den Analytesche liesen, kréie si just nëmmen e Resumé dovun a kënne sech kee Bild maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

D'Kommissioun ginn zwar trotzdem jo verëffentlecht, mee ech liesen se dann nach eng Kéier vir.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Ech wollt och soen, ech probéieren och ëmmer hei, wann ech iwwert eppes schwätzen, fir ë bësse global eng Mise de position ze maachen, datt d'Leit dobaussen och verstinn a wat fir engem Kontext mir Saache soen, och Saachen déi nëmmen an eisen Dossiere stinn, soe mir awer heiansdo well se zu dem Verständnes vun deem Punkt bäidroen.

Dofir géing ech mengen, mir sollten Efforte maachen, ëmmer de Leit och dee kompletten Iwwerbléck vun deenen Donnéeën, déi mir hei hunn, matzegi fir datt si, wann se den Analytesche wëlle liesen och verstinn, ëm wat et geet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

OK. Ech hoffen Dir wäerft dem Schafferot net vir, datt mir hei keng global Positioun huelen zu Punkten, well dat kann ech natierlech net sou gëlle loossen.

Ech wäert da ganz séier déi Nimm virliesen: Presidentin – LSAP – Claudia Dall'Agnol; Memberen LSAP – Guy Schubert, Carlo Kaulmann, Alain Clement; CSV – Nancy Back-Keisen; Déi Gréng – Monique Heinen; Déi Lénk – Thessy Erpelding; ADR – Antonio Contins.



Vun de Gemengen: Betebuerg – Josée Lorsché; Réiser – Jean-Paul Reiter; Weiler-la-Tour – Cécile Hemmen.

Suppléante vun de Gemengen: Betebuerg – Jeff Gross; Réiser – Renée Quintus-Schanen; Weiler-la-Tour – Carlo Ernst.

D'Delegéiert vun de Museksgesellschaften: momentan de Paul Klein. Dir wësst jo, dass dat ëmmer änert. Vun deenen Diddelenger, d'Monique Biren-Kettel, Membre du personnel, dat hate mir scho gesot, Morhard, Felten an Délégué du personnel enseignant ass elo den Yves Tordy an de Sekretär faisant fonction, well, déi Leit wou Member waren, wëssen, dass mir keen haten, deen sech bereet erkläert huet fir dat ze maachen, dat géif dann den aktuellen Direkter iwwerhuelen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ass de Gemengerot mat där Kompositioun averstanen? Dat ass unanime. Merci.

Da gi mir riwwer op d'Loyerskommissioun.

4.2. Zesummesetzung vun der Loyerskommissioun

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):

Voilà, a wéi et do vum Gesetz virgesinn ass, gëtt et e President, e Sekretär an da muss natierlech och e Locataire respektiv e Propriétaire effectif virgesi sinn an deem säi Suppléant.

Fir dann hei d'Leit mam Numm ze nennen: Sekretär ass den Yves Goergen, President: Loris Spina, stellvertretend Presidentin ass d'Chantal Steffen-Lahure, de Locataire effectif ass den Här René Manderscheid, d'Locataire suppléante ass d'Madame Marie Delcourt, an de Bailleur effectif ass d'Madame Andrée Reuter-Consdorf an de Bailleur suppléant ass d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ass de Gemengerot mat där dote Kompositioun averstanen? Dat ass unanime. Merci villmools.

4.3. Ernennung vun de Membere vun den Aarbechtsgruppen an den Expert-Memberen an deene verschiddene Kommissiounen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir eriwwer, engersäits op d'Besetzung vun eisen Aarbechtsgruppen, respektiv awer och vun eisen Experten an eise konsultative Gemengekommissiounen.

Da kënne mir och iwwer deen dote Wee komplett si wat d'Besetzung ass.

Engersäits hu mir hei den drëtten Alter. Do ersetzt d'Sonia Hoss den Norbert Goergen.

Dann hu mir am Aarbechtsgrupp Gesond Diddeleng d'Besetzung Brit Schlussnuss, Luc Aniset, Alain Becker, Liliane Feller, Jean-Paul Gangler, Sven Loscheider, Steve Mack, Manon Haag, Myriam Keller, Francine Zigliana, Service médico-scolaire, Annabelle Saffran fir de Service Egalité des Chances, Roby Goergen vum Centre d'Intervention.

Ech wollt hei nach d'Remarque maachen à propos Gesond Diddeleng, hat ech och matgedeelt. Dat war iertümlech, an am éischten Elan hate mir och d'Parteien ugeschriwwen. Do war d'Kolleege vum ADR, d'Madame Block, déi sech gemellt hat. Bon, den Aarbechtsgrupp Diddeleng huet ëmmer als Expertegrupp funktionéiert mat Leit, déi am Gesondheetsberäich geschafft hunn. Dofir hate mir och d'Propos, de Message ginn, d'Madame Block erauszehuelen, well et awer en Aarbechtsgrupp ass mat der Besetzung vun enger Rei Experten, déi am Gesondheetsberäich sinn.

Dofir entschëllege mir eis, dass mir am éischten Elan sou an deem Sënn ugeschriwwen hunn. Dat ass sécherlech net lo hei eng Approche géint den ADR, mee dat ass einfach d'Erklärung, déi ech awer wollt ginn. Dat soll och kloer si vun eiser Säit aus.

Dann eben en Aarbechtsgrupp Promotion centre commercial. D'Besetzung: Dan Biancalana, Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, an dann Adriano Basile, Alain Clement, Frank Gubbini, Georges Waringo, Romain Wohl vum Geschäftsverband.

An dann d'Experten an eise verschiddene Kommissiounen. An der Bautekommissioun Georges Bemt-



gen, Patrick Hoss, Nic Krumlovsky, Cathy Mambourg, den Delegéierte vun eisem Diddelenger Center an den Delegéierte vun eiser Police.

An der Commissioun fir Circulatioun a Mobilitéit, den Nic Krumlovsky, Alex Laurenço, Romain Molitor, Patrick Schmit (den Délégué Sécuritét vun der Schoul, Pascal Steichen, Délégué vum Center and en Delegéierte vun der Police.

An der Commission des Affaires culturelles, Experten: Ady Christoffel, e Vertrieeder vum Centre culturel. Hei muss ech soen, datt mir nach eng weider Ouverture gemaach hunn an e Vertrieeder vum CNA mat eranhuelen a wollte mir awer och nach ee Vertrieeder vum Kollektiv D. Dat gouf och positiv esou opgehol, muss ech soen.

Dann och wat d'Jumelage- an d'Tourismuskommissioun ugeet: Rose Barnich, Germain Doffing, André Feiereisen, Maggy Garavelli, Miomir Vujovic, Norbert Sadler an och e Vertrieeder vum ORT, och do wollte mir eng Ouverture maachen och fir dee regionalen Aspekt mat eranzehuelen.

D'Kommissioun Sports et Loisirs: Guy Hellers, Allioune Touré.

Hygiène: en Delegéierte vum Center, en Delegéierte vun der Police an en Delegéierte vum Office social.

D'Ëmweltkommissioun: Serge Binz (eise Bannhider), Guy Netgen (eise Fierschter), Marc Stocklausen vun Natur an Ëmwelt/Natura Asbl, René Wrba an e Representant vun Natur an Ëmwelt/Natura Asbl.

Dann d'Jugendkommissioun: Patricia Jochheim (Vertrieeder aus dem Jugendhaus), och hei hu mir eng Ouverture gemaacht, e Vertrieeder vum Jugendgemengerot wollte mir och nach mat eranhuelen an och e Vertrieeder vum Schülercomité vum Lycée Nic Bieber an och d'Claudia Schroeder vum Ministère de l'Education nationale.

Dann d'Kommissioun fir den drëtten Alter: Tania Schmit-Benassuti, en Delegéierte vun der Associatioun Gëlle Joeren, zwee Delegéierter vun der Amiperas, en Delegéierte vum Club Senior an en Delegéierte vu Servior.

Dann d'Sécherheetskommmissioun: Patrick Schmit (Delegéierte Sécherheet an de Schoulen), en Delegéierte

erten aus dem Center, en Delegéierte vun der Police an awer och de Serge Binz als Bannhider.

De Service Egalité des chances et de la non-discrimination, och do hu mir eng Ouverture gemaacht, do wollte mir am Fong gären e Vertrieeder vun der Fondatioun Kräizbiere mat eranhuelen.

D'Kommissioun Nei Medien: de Sylvain Cottong an dann am Pool vun de Remplaçanté gëtt nach de Carlo Kaulmann nominéiert.

Voilà dann hunn ech se awer lo alleguerten. Pardon, och nach den Daniel Schintgen. Voilà, domat ass de Pool des remplaçants gemaach.

Dat zu den Aarbechtsgruppen an de Besetzung vum Experte vun de Kommissiounen. Si Froen dozou? Jo, Madame Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci. Am grouse Ganze si mir averstane mat deene Presentatiounen. Meng Fro ass just, vläit kann ee grad soen, Commission des Nouveaux Médias, de Sylvain Cottong, dat ass en Numm deen eis näischt seet, wat huet deen Här do fir Qualitéiten? Firwat ass deen Här do als Experte nominéiert?

An idem, déi selwecht Fro bei der Commission de Jumelage, do gesi mir net richtig, verschidde Leit, déi waren am Office du Tourisme, firwat déi do nominéiert sinn als Experte. Déi éischt dräi Leit do. Bei der Commission du Jumelage et du Tourisme, wéi eng Kompetenzen déi Leit hu fir datt si als Experte nominéiert gi sinn.

Well deen een Här dee wunnt anscheinend mol net zu Diddeleng. Dat ass eng Fro, déi och déi d'Leit sech gestallt hunn, firwat deen zweeten Här nominéiert gouf.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):

Ech ka vläit kuerz do agräife wat den Här Cottong ubelaangt an der Nei Medien-Kommissioun, dat ass een deen am Beräich vu Strategy Manager a Strategy Building ënnerwee ass deen do ënner anerem eisen Inneministère an d'Economie och deelweis beréit an deen an den neie Medien doheem ass, deen duerch d'Welt an Europa tingelt fir do nei Projeten ze presentéieren, respektiv och beim SIGI als Partner matschaft. An ech mengen, datt deen an deem Sënn seng Plaz do och verdéngt huet.



Mee et ass richtig, mir hunn en net an deem Sënn sou virgestallt, dofir ass d'Fro méi wéi berechtegt.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Zu der Jumelagekommissioun, also wann et déi do Leit net géife ginn, déi dir elo ugeschwat hutt, no-tamment och deen Här, deen net zu Diddeleng wunnt, dann hätte mir ganz ganz wéineg mat der Jumelagekommissioun Opweises well et sinn déi dote Leit, déi scho Joer an Dag dobäi sinn.

Do ass eng dobäi - ech war mengen ech 1996 an der Kommissioun - déi ass Minimum scho sou laang dobäi wéi ech mech kann erënneren. Et sinn déi Leit, déi de Kontakt och hu mat de Jumelage-Gemengen, zum Beispill, deen een ass dohinner, virun allem deen, dee wou dir ugeschwat hutt, deen net hei zu Diddeleng wunnt, deen huet virun allem de Kontakt mat der däitscher Gemeng a mat der franséischer Gemeng well en éiweg mam Vélosclub deen Austausch gemaach huet.

Dann ass eng italienesch-lëtzebuergesch Madame, déi vun Ufank un de Kontakt mat der italienescher Gemeng gemaach huet.

Et ass een Här dobäi, deen de Kontakt mat der montenegrinescher Communautéit mécht.

Voilà, an dann ass nach een dobäi dee schonns éiweg dobäi ass. Dee steet lech e bësse méi no wéi eis.

An dann natierlech e Représentant vum Office du Tourisme, ech mengen dat erkläert sech vum selwen, wat dee mat Tourismus um Hut huet.

Ass dann de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime. Merci

5. ERNENNUNG VUN DELEGÉIERTEN AM KLIMABÜNDNIS LËTZEBUERG

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Vu datt mir do jo een Effektiven an ee Suppléant zé-gutt hunn. Deen Effektive bleift an den Hänn vum Ëmweltschäfte selwer, dat wier meng Persoun selwer dann.

A vu dass de Romy Rech d'lescht Period de Suppléant war, vu dass mir jo gesot hu mir géifen e puer Poste fräimache fir och d'Oppositioun zum Zuch kommen ze loossen, hu mir lech jo ugeschriwwéi gehat, wie vun lech als Oppositiounsparteie géif sech dann interesséiere fir dee Poste Suppléant ze besetzen an do hu mir eng Kandidatur erakritt an dat ass déi vum Claude Martini, sou dass de Claude Martini de Suppléant am Klimabündnis wier, wann de Gemengerot dat géing esou approvouieren.

Ass dann de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, da gi mir weider op d'Zesummesetzung vum TICE.



6. ERNENNUNG VUN DRÄI DELEGÉIERTEN AM TICE

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech mengen de Buergermeeschter huet schonns alles gesot. Mir hate schonns eng Kéier heiriwwer Rieds. Et sinn nei Statuten a Kraaft, dofir hu mir lo nëmme méi dräi Delegéierten ze gutt. Mir hate jo eigentlech déi déi leschte Kéier scho genannt.

Et géif dann een ewechfalen, dat ass eise Buergermeeschter, deen dann net méi Member wier. Ech mengen, da kéint de Buergermeeschter dann déi dräi Nimm soe fir datt ech mech net selwer muss nennen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, déi dräi Verrieder vun der Gemeng Diddeleng am TICE duerch d'Akraafttriede vun de neie Statute wäeren dann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, d'Claudia Dall'Agnol an de Claude Martini. **Ass de Gemengerot mat deenen dräi Delegéierten averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

An domat gi mir weider op deen nächste Punkt.

7. URBAN ENTWÉCKLUNG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Den nächste Punkt ass um Niveau vum Développement urbain an hei geet et dorëms, en Haus ze klasséieren, respektiv op den Inventaire supplémentaire ze setzen. Dat sinn zwee Haiser op 37 respektiv 39, Rue du Commerce.

Firwat gëtt déi Demande de Classement ugefrot?

Engersäits hu mir als Gemeng Diddeleng, als Stad Diddeleng, d'Initiative geholl déi zwee Haiser klasséieren ze loossen. Ech mengen, dir hutt jo matkritt am Kader vun der Budgetdiskussioun, datt 37 an 39 an der Rue du Commerce jo dee Projet an Ausaarbechtung ass mam Office social fir am Fong subventionéiert Logementer do ze maachen an da wäert sech och eng Kéier de Gemengerot heimat befaasse wat d'Exekutioun vun deem dote Projet ugeet.

An natierlech, wa mir op de Wee ginn an de Gemengerot stëmmt deem Klassement hei zou, kréie mir natierlech och bei deene ganzen Ëmbauaarbechten e Subventionnement vu Sites & Monuments.

Et ass och esou, datt mir déi Aarbechten, déi mir do Wëlles hunn ze maachen och an enker Zesummenaarbecht mat Sites & Monuments maachen als Stad Diddeleng an och zesumme mam Architekt.

Mee ech mengen dat par rapport zu dem méi globale Bild vun deem Projet dee mir do wëlle maachen, mee hei geet et da virun allem haut ëm d'Klassement an am Fong ass dat Haus e fréiert Bauerenhaus op der Nummer 37, 39 Rue du Commerce. Engersäits e Bauerenhaus an niewendru war eng Scheier.

Dat zweet Haus, op Nummer 39, ass haut keng Scheier méi, mee eng Wunneng. Dat war effektiv ëmgebaut ginn. Wisou wëlle mir et klasséiere loossen, respektiv op den Inventaire supplémentaire huelen? Well et am Fong nach en Témoin ass vun deem rurale Charakter vun der Stad Diddeleng. Et ass am Fong deels e Gebuertsschäin vun der Stad Diddeleng, matzen am Zentrum. Wann dir nach al Fotoe kuckt, wësst dir datt niewendru fréier déi al Kierch war. Dat war am Fong e Gesamtbild nodeems se frësch opgebaut gouf op där Plaz wou se lo ass. A wéi gesot ass dat heiten nach en Témoin vun der ruraler Vergaangeneheet vun der Stad Diddeleng eier déi ganz industriell



Entwécklung vun der Stad Diddeleng duerch d'ARBED stattfonnt huet an et huet och als Gebai och e ganz flotten urbanisteschen an architektonesche Charakter, deen een hei ka konservéieren.

An dat dote war natierlech och den Zentrum, deen haut e bësse verlagert ass. Am Stadbild vun Diddeleng war dat déi zentral Plaz vun der Stad Diddeleng. Dofir ass et hei och d'Iddi fir déi zwee Haiser ze klasséiere well se effektiv zu deem Patrimoine architectural vun der Stad Diddeleng gehéieren.

Voilà, Dir gesitt engersäits och de Courrier, deen dir virleien hutt, deen dat resüméiert, vum Kulturministère, datt si mat op de Wee gi fir dat doten ze maachen an ech mengen, datt mir an deene leschte Méint an och an deene leschte Jore mir systematesch, do wou mir et fir noutwenneg a wichteg fannen, wierklech eng ganz Rei Haiser klasséieren, op den Inventaire supplémentaire vun eise Gebailechkeete setze well dat natierlech och d'Méiglechkeet gëtt, Subsiden ze kréien an awer och déi néideg Flexibilitéit fir déi Projeten do ëmzesetzen, déi mir wëllen ëmsetzen.

Esouvill zu den Erklärungen wat d'Klassement ugeet. Et ass och esou, datt Sites & Monuments, respektiv d'Kommissioun CoSiMo, d'Kommissioun vu Sites & Monuments e positiven Avis ofginn huet an ech wierfrou wa mir dann hei am Gemengerot och en unanime Vote hätte fir datt dann och weider sou ëmzesetzen an um Projet kënnen weiderzeschaffen.

Wa Froe sinn, d'Diskussioun ass op. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Gutt. **Ass dann de Gemengerot domat averstanen, datt mir dat heiten op den Inventaire supplémentaire setzen? Dat ass unanime.** Da soe mir lech villmools Merci.

8. OFFICE SOCIAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir riwwer op den Office social. Ech begrëssen hei d'Carole Wagner an de Bib Loos an et geet hei virun allem ëm d'Approbatioun vum Bilan an de Propriétaire vum Joer 2015. Dir zwee hutt d'Wuert.

GILBERT LOOS (RECEVEUR COMMUNAL):

Gudde Moien. U sech geet et hei elo just dorëms fir eppes ze confirméieren, wat schonn alles kloer war. De Konnt ass vum Ministère de l'Intérieur sou approvéiert ginn a mir mussen dee just elo nach eng Kéier duerch de Gemengerot gi fir datt de Gemengerot dat och approvéiert. Wa Froe sinn... ech mengen, et ass 2015, mir hunn och schonn d'lescht Joer doriwwer geschwat, dat mir beim Budget, beim Rectifié. Wa Froen awer nach sinn, kënnt dir se roueg stellen, wann net da géing ech proposéieren awer schonn doriwwer ofzestëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Bib Loos. Hutt Dir Froen dozou? Neen, da kënne mir ofstëmmen! **Wien ass mat deene Konten averstane vun 2015? Dat ass unanime.** Villmools Merci. Merci och fir Äre kuerzen Optrëtt. Mir ginn da weider op de Punkt Personalfroen.



9. PERSONALFROEN

9.1. Festleeë vun der Unzuel vun de Posten am geschlossene Kader an deene verschiddene Carrière vun de Gemeindebeamte fir d'Geschäftsjoeer 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wéi all Joer musse mir de Cadre fermé hei gutt heeschen, sou wéi en och ze definéieren ass säit dem éischte September 2017 am Kader vun der Fonction publique, vun der Reforme. Et gëtt engersäits de Cadre ouvert an op verschidde Graden an enger gewësser Carrière kënn een eben an de Grade fermé an hei muss een am Fong dann den theoretesche Calcul maache vun deene Leit, déi am Cadre fermé sinn.

Frot mech net all Detailer, mee ech kann lech awer e Rechebeispill ginn. Wa mir de Redakter huelen, dat ass de Punkt 4, dann hu mir effektiv 24 Posten. D'Gesetz gesäit vir, dass am Cadre fermé 41% vu 24 Posten, also 10 Poste sinn an dat ass dann opgedeelt am Grad 13.3, am Grad 12.4 an am Grad 11.3. Et ass am Fong déi Opdeelung wéi et deementsprechend gemaach ass. Et ass en theoreteschen Exercice deen ee wéi gesot all Joer muss maachen. An dat applizéiert sech dann op all Carrière.

Ass de Gemengerot mat deem Cadre fermé averstannen? Dat ass unanime. Merci villmools.

9.2. Creatioun vun zwee Gemengenugestallteposte fir d'regional Museksschoul a Suppressioun vun zwee besteende Gemengenugestallteposten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider bei déi nächst Personalfroen an do geet et hei ëm d'Museksschoul. Fir lech déi néideg Erklärungen ze ginn, hu mir lech en Aide-Mémoire an Ären Dossier geluet wat am Fong hei d'Posten ugeet vum Direkter vun der Museksschoul a vum Directeur

adjoint vun der Museksschoul.

Dat hei ass also och am Kader vun der Reform vun der Fonction publique, déi säit dem 1. September am Gemengesecteur a Kraaft getrueden ass. Et ass am Fong sou, dass et hir Carrièren, an der wou si lo sinn, net méi gëtt, sou dass mir déi musse frësch definéieren. Dat heescht, souwuel den Direkter wéi och den Directeur adjoint an am Fong ass et esou, dass, wann hir Posten ofgeschafft gëtt duerch ee Gesetz, muss een eng nei Carrière an der bestehender Reform an eng nei Carrière setzen an dofir gi se gesat an d'Kategorie d'Indemnités A an Indemnités A. 1, de Sous-groupe administratif fir den Département administratif an zur gläicher Zäit, wa mir déi zwou nei Carrièren am Kader vum Gesetz do drasetzen, da musse mir déi bestehend Carrière wou si ebe sinn, effektiv ofschafen.

Dat ass am Fong deen Exercice, dee mir hei maachen. Dat heescht, engersäits haut déi zwou Carrièren schaffen, déi bestehend zwou Carrièren ofschafen am Gemengerot respektiv och am Huis Clos, an se op déi nei Carrière setzen.

Ech mengen, dat heiten ass en Exercice deen am Virfeld och scho mam Ministère de l'Intérieur ofgestëmmt war. Et waren eng ganz Rei Sitzunge mat deene Responsabele vum Ministère de l'Intérieur fir op deen heite Wee ze goen éier mir et dem Gemengerot dann hei deementsprechend ënnerbreeden. Voilà, dat einfach zu der Erklärung vun deenen dote Posten a mir géifen dat maachen, retroaktiv ab dem 1. September 2017, wou dat a Kraaft géng triede well och dat d'Date butoir ass vum Gesetz a wou och hir Carrière ofgeschafft gouf. Voilà, dat einfach zu den Erklärungen firwat mir deementsprechend dat heite musse maachen an am Fong gëtt hier Carrière 1 zu 1 iwwerholl vun där aler op déi nei.



SYLVIE ANDRICH DUVAL (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt zwou Froen dozou: Firwat mir dat elo réischt op den Ordre du jour huelen?

An déi zweet Fro ass: Sinn nach aner Gemengen an där Situatioun wéi mir elo hei sinn an hunn déi déiselwecht Prozeduren ugewannt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Souvill ech mol weess, sinn aner Museksschoulen déi a Gemengenhand sinn, déi an der selwechter Situatioun waren. A mir huelen dat no well effektiv d'Situatioun déi heiten ass, well mir drop opmierksam gi sinn, well mir se hei nomméiert haten esouguer virun der Reform. Mir mussen dat heiten am Fong regulariséieren, ech mengen et ass dat wat mir hei wëlle maache par rapport zu deenen zwou Carrièren. Ech mengen, wann d'Reform net a Kraaft getruede wär, wär jo hir Carrière normal weidergelaf als Employé communal. Dann hätte mir dat hei net bräichten ze maachen, mee hei musse mir eis och konform stëmme par rapport zum Gesetz. Voilà, dat heescht mir mussen hei konforméieren.

Ass de Gemengerot engersäits mat der Kreatioun vun deenen zwee neie Posten, respektiv mat der Suppressioun vun deenen zwee bestoende Posten averstanen? Dat ass unanime. Merci. Da géife mir op de Punkt 10 iwwer goen.

10. VUM GEMENGEROT YVES JADIN AN UWENNUNG VUN DE BESTËMMUNGE VUM ARTIKEL 13 VUM GEMENGEGETZ VUM 13. DEZEMBER 1988 OP DEN ORDRE DU JOUR GESATE PUNKT IWWER ENG MOTIOUN FIR D'AFÉIERE VUN ENGEM RECRUTEMENTSROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Déi Motioun staamt vum Yves Jadin vun deene Lénken, wat de Conseil de recrutement ugeet an da géif ech och dem Auteur vun der Motioun d'Wuert ginn. Yves Jadin, du hues d'Wuert.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Villmoos Merci, dass ech nach puer Wuert zu dëser Motioun dierf soen, ech mengen d'Motioun selwer ass einfach ze verstoen a brauch keng zousätzlech Erklärungen.

Eis ass et als Mouvement déi Lenk wichteg, dass d'Astellungspolitik vun der Gemeng Diddeleng transparent an onparteiesch ass. Esou e Conseil de Recrutement, wéi et an e puer Gemeinde fonctionnéiert, ënnert anerem och zu Esch, erlaabt et en Avis auszeschaffen, deen de Besoine vun der Demande entsprécht.

Ech selwer sinn nach net laang dobäi, mee ech hunn et erstaunlech fonnt mat wat fir Argumenter am Huis clos ronderëm gehait gëtt.



E Beispill: Ech ginn der Madame Josiane Di Bartolomeo Ries vollkomme Recht mat hirer Ausso, dass et muss komplett egal si wie seng Demande mécht, och wann dat e Familljemember ass vun iergendengem.

Iwwer de Conseil de recrutement ginn esou Saachen am Viraus gekläert an eng Persoun proposéiert, déi de Service vun der Gemeng brauch, ouni ze kucke wou dës Persoun hierkënnt, wou se wunnt a mat wem se Famill ass.

D'Gestioun vum Conseil de recrutement verlaangt net vill méi Aarbecht well d'Presenz vun deene verschiddene Leit souwisou garantéiert ass. A just de Member vun der Oppositioun muss sech arrangéiere fir disponibel ze sinn.

Selbstverständlech ass dës Motioun ausbaufäeg a mir kënnen nach driwwer diskutéieren. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dem Här Yves Jadin. Et ass eng Motioun, dat heescht et kënnen och nach aner Parteien natierlech Stellungnahm dozou huele wann se wellen.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):
Ech hunn d'Motioun verstanen, vum Prinzip hir kënne mir déi Motioun och ënnerstëtzen a mir wäerten se och votéieren.

Ech hunn allerdéngs meng Zweiwelen wat elo d'Presenz vun engem Oppositounsvertrieeder mat erabréngt, ech wéilt dat net sinn, well ech denken et si vill Réuniounen an ech hunn Zweiwelen un der praktescher Viabilitéit vu Leit, déi net professionell engagéiert sinn. Mee vum Prinzip ass dat eng ganz gutt Idee.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):
Mir ënnersträichen och, dass dat dote vill méi transparent ass, mir stéieren eis allerdéngs un där Ausso, dass et néideg wier fir “augmenter régulièrement les besoins” vum Personal, Mir vun der CSV weisen hei ëmmer mam Fanger op eng regelméissege Steigerung vum Personal, déi mer a Fro stellen, well mir fäerten, dass déi eis op eemol iwwer de Kapp wiisst. Dofir stéiere mir eis just un där Tournure do, well do hu mir Problemer fir dat esou z'ënnerschreiwen. Mee vun der Transparenz hir ass dat eng gutt Initiativ.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Nach weider Stellungnahmen? Da ginn ech nach op e puer Punkten an.

Vum Prinzip hir ass et jo sou, dass eng Rei Joeren de Huis clos besteet fir eng Rei Diskussiounen ze féieren, déi een an enger Séance publique net ka féieren a wou och d'Geleeënheet ass, en toute transparence eng ganz Rei Saachen ze soen, déi een an enger Séance Publique net géif soen. Dat arrangéiert eis och gutt, well een da méi fräi kann diskutéieren. Och an dem Huis clos ass de Gemengerot fräi, dee Vote ze maachen deen e wéll an en ass souverän a senger Decisioun.

Wann ech elo bëssen de Kader kucken, ass et esou, dass de Schafferot den Employeur ass an och d'Direktioun huet vun de Servicer an och de Schafferot Chef vum Personal ass an am Fong wéi funktionéiere mir elo?

De Moment ass et esou, dass am Virfeld, éier den Dossier an de Huis clos kënnt dass da schonns engersäits de Personalbüro wéi och de Chef de Service vum concernéierte Service au préalable consultéiert ginn, systematesch fir d'Kandidature kënnen duerchzekucken an, wann et ubruecht ass, Tester ze maachen, dat ass eng gängeg Praxis, déi mir säit Joeren hunn, do gëtt eng Analyse vum Dossier am Virfeld gemaach, éier iwwerhaapt Virstellungsgesprécher stattfannen an niewent dem Examen, deen de Beamten am Viraus muss maachen.

Wann dann e Virstellungsgespréich stattfënnt, do ass d'office de Buergermeeschter dobäi, respektiv de ganze Schafferot mee och deen zoustänneg Schaffer en fonction vum Service, dee concernéiert ass, do ass och de Chef vun de Ressources humaines dobäi et ass och de Chef de Service vum concernéierte Service deen dobäi ass, an et ass och nach ëmmer en zousätzleche Member vum Personalbüro dobäi.

Wann een also kuckt sinn ëmmer gutt eng 5 Leit, déi bei esou Gesprécher dobäi sinn an déi och hir Gesprécher féiere ronderëm déi Persounen, déi sech presentéieren.

Dofir muss ech soen, déi Kompositioun, déi hei presentéiert gëtt vun deene Lénke fannen ech en zimleche Waasserkapp, well virun allem och wann ee Virstellungsgesprécher féiert, da weess een, wa



Leit virun engem Gremium stinn, dat ass eng riseg Stresssituatioun an ech wëll net, dass d'Leit hei eng Situatioun virfannen, wéi wann se virun engem „Gericht“ wieren.

Wann Dir an Ärer professioneller Carrière schonns Virstellungsgesprécher gemaach hutt, an dat hutt Dir sécher schonns gemaach, dat ass en eprouvante Moment, dat ass eng Stresssituatioun, dofir mengen ech hei, dass een dat Gremium esou kleng wéi méiglech soll halen.

Wann ech awer och hei gesinn, dass an deem Conseil de recrutement en zousätzlechen Agent ass, fir engersäits d'Sekretariat ze organiséieren, fir e Rapport ze schreiwen, eng Äntwert ze ginn, dat si Saachen, déi inherent si vum Personalbüro, déi maachen déi Aarbechte schonn.

Ech verstinn awer d'Demarche a wat mir scho méi wéi eng Kéier gemaach hunn a wat ee ka systematesch maachen, Dir hutt jo eraushéieren, dass et éischter an déi Richtung geet, déi Motioun vun eiser Säit aus net unzehuelen, wou ech awer kee Problem hunn, dat hu mir och dës Kéier gemaach, dass een en Avis vum Schäfferot dobäileet, well schlussendlech an all Decisioun, déi mir hei huelen, dat wëll ech virun Aen halen, et si schlussendlech d'Chef-de-servicen, déi mat deene Leit, déi hei gestëmmt ginn, ze schaffen hunn an sech mat deene Leit mussen auserneesetzen an hirem professionellem Alldag, mir hunn hei also eng Situatioun, wou den Avis vum Chef de Service virläit, ech hu kee Problem domat, dass dat am Huis clos systematiséiert gëtt, dass dat e Modus ka si fir e weideren Eclairage ze bréngen an eisem Huis clos, wou mer dann och weider fräi kënnen diskutéieren. Dofir eis Approche, ze soen, dass déi Motioun, wéi se hei virgeluecht ass vun der Majoritéit éischter en Avis defavorabel kritt, mee awer mat der Ouverture, dass mir dee systemateschen Avis vun de Chef-de-servicë mat erabrénge.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci, am Fong ass jo wat dat Politescht ubelaangt, wat mir hei am Gemengerot decidéieren, dat ass ëmmer d'Création de poste an do kann all Partei eng Stellungnahm huelen. Den Här Gangler huet et gesot, mir sinn do ëmmer e bësse méi retizent fir Posten ze schaffen an ech ginn lech och Recht, am Huis clos ass et e bësse méi einfach, well do kann een net

sou seng Stellung no bausse bréngen mee ech sinn awer och iwwerzeegt, dass dee Huis clos eis awer vill bréngt, well mir da kënnen en toute connaissance de cause déi Saachen diskutéieren a wat ech och nach wollt ubemierken, dat ass, dass mir de Rapport vun der Prise de participation an der Delegatioun solle wierklech systematesch dobäi hunn.

Mir haten déi Diskussiounen jo och schonns wa méi delikat Dossiere ware wann eng Net-Verlängerung vun engem Aarbechtskontrakt war, dann hu mir dat am Huis clos en toute connaissance de cause gemaach mat allen Donnéeën diskutéiert an ech denken, dass do och déi néideg Transparenz ass, mee wéi gesot fir esou e Gremium oder och e Waasserkapp ze schaffen, ech weess net ob dat elo eng Plusvalue ass vun deem wéi mir et bis elo handhaben. Wéi gesot, d'Creatioun dat ass eng politesch Saach, d'Astellen, dat sollen d'Chef-de-servicen, d'Chef-de-délégatione maachen a mir ginn informéiert oder am Huis clos kënnen mir diskutéieren. Ech fannen, dass et esou wéi et elo leeft net esou schlecht ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ginn et nach weider Stellungnahmen? Neen, da géif ech proposéieren, dass mir ofstëmmen.

Wien ass fir des Motioun? Dat ass déi Lenk an déi Gréng. Wien enthält sech? Dat ass Stëmme vun ADR an CSV. Wie stëmmt dogéint? Dat ass d'Majoritéit vun der LSAP.

Wéi gesot, mat der Ouverture, dass mir den Avis vum Chef de Service virleien hunn, a wou ech och nach wollt drop gräifen, Ären éischte Considérant ass am Fong eng politesch Aktioun, dat ass am Kader vum Budget an der Création de poste an de Conseil de recrutement kann net bestëmmen wéivill Leit agestellt ginn. Just nach als Präzisioun dat nach zu där doter Motioun.



11. FROEN UN DE BUERGER-MEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

Da komme mir op zwou Froen, eng vun der Madame Andrich wat den Accès ugeet vum CNA an déi vum Här Garcia, wat CFL ugeet an direkt Zich an d'Suppression de passages à niveau.

D'Fro vun der Madame Andrich géif de René Manderscheid iwwerhuelen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci. Wéi ech d'Fro vun der Madame Andrich gesinn hunn, hunn ech fir d'éischt mol geduecht, wéi ass dat doten dann nëmme méiglech, vu dass d'Gebai säit 2007 besteet an si schreift hei vu Problemer. Dunn hunn ech gemengt ob Dir déi Reklamatiounen 1 zu 1 iwwerholl hutt ouni dass Dir lech e Bild vun der Situation gemaach hutt, dat ass mol eng Géigefro.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Also op d'Plaz selwer war ech elo net kucken, mee ech hunn et net hannerfrot wann do Leit soen, mir hunn do Schwierigkeeten, dofir stellen ech jo d'Fro un lech. Wann do vläit eppes anescht ass wéi dat bis elo de Fall ass oder wat ass do geschitt.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Gutt, da wäert ech déi Fro op zwou Aart a Weise beäntweren.

Déi éischt ass esou wéi Dir se hei à la lettre presentéiert hutt.

Dir schreift dran: *“Hat der Düdeler Schöffenrat Kenntnis von diesen Problemen?”*

Do soen ech Neen.

Zweetens: *“Wäre es nicht angebracht mit den Verantwortlichen des CNA Kontakt aufzunehmen, um über diese Probleme zu beraten?”*

Wann der do gewiescht wieren oder sinn, da jo, mee dat ass net de Fall.

Drëttens: *“Welche Lösungen zieht der Schöffenrat in Erwägung, um einen barrierefreien Zugang zu dem Gebäude zu garantieren?”*

Fir eis ass den Zougang garantéiert. Dat fir déi 3 Froe mol esou ze beäntweren.

Ech war awer selwer op d'Plaz fir mer e Bild ze maachen an et ass effektiv esou, do sinn ech mat de Leit d'accord, dat Gebai ass net immens frëndlech fir handicapéiert Leit mat engem Rollator oder Rollstull.

Et ass awer esou, an dat wëll ech ënnersträichen, dass dat vum Architekt esou geduecht ass, den Architekt huet geduecht, dass eng handicapéiert Person muss den Haaptagang huelen, dat heescht déi laang Ramp, dat ass den offiziellen Agank.

Deen Agank hannert dem Haus, wou dee Lift ass war ni geduecht fir de Public, deem ass just geduet fir d'Personal a fir d'Fournisseuren. Mir sinn awer eis alleguerten eens, dass déi Leit, déi sech annoncieren mat engem Rollstull oder engem Rollator, kréien vum Personal gehollef, sou dass een erofgeet mat hinnen, de Lift mat enger Puce a Betrib setzt an da mat hinnen op déi Stäck fiert.

A wat mech och gestéiert huet ass “schwieriger Zugang zum ersten Stockwerk”. Ech war jo selwer de Mëttwoch dohinner, ech hunn dann e bësse simuliert wéi dat an der Praxis geet, mee do ass näischt schwierig um 1. Stock, et kënnt een direkt an de Kino. Den 2. Stock ass net schwierig, mee deem ass mat engem mei laange Wee vir an de Kino verbonnen,



do kënnt een eraus, et muss een e bëssen duerch de Gang fueren an da kënnt een do 5 Träpen erof mat engem klengen Lift. Et ass e bëssen ustrengend mee et ass awer machbar, an um 2. Stock kënns de och direkt an de Kino eraus. Ech gesinn net wou do d'Schwieregkeet ass um 1. Stock.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Ech muss zwar soen, ech sinn awer e bësse geschockt iwwert déi Aart a Weis wéi Dir do äntwert, well dat heescht, dass et vu vireran net richtig behënnertegerecht gemaach war. Ech mengen, et muss ee jo awer och déi Doleancë vun de Leit unhuelen, dat si Leit, déi gehbehënnert sinn, mee wat mécht dann een dee mam Rollstull fiert, wann Dir sot den Hauptaccess ass iwwert déi Haaptramp, et war och am Ufank kee Gelänner virgesi vir, wann een do d'Trap eropgeet. Do hat ech och schonn eng Fro am Gemengerot gestallt an et ass elo e Gelänner ubruecht ginn. Et muss ee jo awer kënnen esou eng Fro stellen, wa Leit do sinn, déi Problemer domat hunn. Dir sidd natierlech nach fit, Dir kommt do nach gutt erop.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Nee, ech sinn averstanen, dass dat Gebai net frëndlech ass, wat d'Accessibilitéit ubelaangt, mee et ass au départ esou vum Architekt geduecht ginn an et ass och esou gebaut ginn an et ass bis Haut nach net bekannt, menges Wëssens net bekannt, dass ee Schwierigkeiten hat fir an dat Gebai do eranzekommen.

Dofir soen ech jo, eis Leit si kulant a si maachen dee Lift, dee jo net soll accessibel si fir de Public, deen huele mir awer mat an de Fonctionnement vum Gebai, dass wa Leit kommen, dass mir si kënnen iwwert dee Wee op verschidde Stäck transportéieren.

Et ass awer net geduecht vum Architekt a vum Bâtiments publics, dass do kann all Mënsch an dat Haus goen an da ka schellen an dann do en Accès huet. Dat ass net gewënscht. Och well am Ufank Gelünger sech dann do och erëmgetummelt hunn. Dofir ass dat esou mat där Puce gemaach ginn. Mee wéi gesot, nach eng Kéier, Leit déi en Handicap hu kënnen zu all Sekonn uruffen. Souguer de Christophe am Restaurant ass disponibel fir kënnen dee Lift a Betrib ze huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Präzisioenen, da géif ech op déi aner eriwuer goen, déi gestallt gouf vun der Madame Goergen an dem Här Garcia.

Ech hat am Ufank vun der Gemengerotssitzung schonn e puer Äntwerten drop ginn, déi Fro ass den 6. Februar erakomm, den 5. Februar ware mir beim zoustännegen Minister. Dir frot lech, wéi de Biergerbedeelegungsprozess ronderëm d'Zuchstreck Diddeleng-Lëtzebuerg weidergeet, ob schonns Virbereedunge getraff goufe fir de partizipative Prozess ze treffen, ob just eng Variant am Spill steet, dat ass déi vun der Suppressioun vun de Barrière mam urbanisteschen Agrëff an d'Stadtbild, a wéi sollen an där doten Diskussioun fachlech Avice garantéiert ginn, an ob Parteien am Gemengerot, d'Zivilgesellschaft an d'Preparatioun an an d'Duerchféierung mat agebonne ginn.

Wéi mir de 5. Februar bei de Minister waren, hate mir natierlech och déi Resolutioun, déi mir hei unanime ugeholl haten, déi huet eis de Réck gestäipt an deenen Diskussiounen, trotz der Sturheet vu verschidene Leit, déi do souzen. Mir sinn esou verbliewen, dass mir en Aarbechtsgrupp asetze mat Ponts et Chaussées a mat der CFL an och mat Verrieder vum Ministère, wou mir nach eng Kéier déi Variant kucken, Suppression des passages à niveau, respektiv urbanisteschen Agrëff, dass mir dat awer nach e bëssen ausdäitschen éier mir et dem Public presentéieren.

Mir hunn awer och kloer mat Nodrock gesot, dass fir eis wichteg ass, déi 2. Variant wou net Direktzich si mee dann éischer d'Achs Volmerange-Beetebuerg mat Ëmsteigen, dass och déi soll iwwerpréift ginn, well ganz kloer awer schonn déi virgefaasste Meinung war, dass een déi Variant absolut kéint an den Tirang setzen an net bräicht ze beuechten, a mir kloer gesot hunn, dass mir domat net averstane sinn.

Dat hu mir dem Minister wéi och de Responsabele vun der CFL gesot. Mir hunn och gesot, dass mir sécherlech fir en direkten Zuch averstane sinn, mee awer net ënnert där Form vun engem urbanisteschen Agrëff wéi en de Moment virgesinn ass. Deen huet e groussen Impakt op d'Stadtbild, dat net reversibel ass an dat wier keng Satisfaktioun de Moment an dofir muss een dat kucken a kucken, wat ass dat bescht, well dat heiten och e Projet ass, deen och déi nächst 20-30-40 Joer en Impakt wäert hunn an dofir



musse mir vu vir erop déi richtig Decisioun huelen an an deem Kader ass et och wichteg, eng Reunioun ze maache mat den Diddelenger Bierger fir och hiren Echo ze kréie wat deen dote Projet ugeet.

Mir loossen eis och fachlech begleeden, mir hunn eise Bureau Komobile, de Romain Molitor, deen eis an deenen dote Froe begleet an et ass och de Bureau Schroeder, deen eis an deene Froe begleet an d'Idee ass, dass mir nach e puer Ronnen zesummen dréien a virun der Vakanz virun d'Bierger trieden an och déi Varianten da proposéieren. Eis war et op alle Fall vun Ufank u wichteg, déi 2 Varianten ze hu fir déi och kënnen en toute connaissance de cause ze presentéieren an ze diskutéieren an eng Decisioun ze huelen an net an eng eenzeg Richtung ze goen, an dass och hei net eng Approche an de Stee gemeesselt ass. Dat zu deene 4 Froen, déi d'Madame Goergen an den Här Garcia gestallt hunn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech wollt och nach soen, ënnert der Korrespondenz ass de Buergermeeschter och op den Toun agaan, een dee mech kennt, weess, dass ech net allze sensibel sinn, ech muss awer soen, dat virun allem eng Persoun um Dësch de Bou iwwerspaant huet dat, ass den Directeur vun den Infrastrukturen, den Numm kennt Dir noliesen.

Firwat? Mä well en och ëmmer erëm mat deene selwechten Argumenter kënnt, déi mir scho jorelaang ze héiere kréien, dat heescht Sécherheet, de Stroum ass net kompatibel, lauter Saachen déi mir ëmmer an ëmmer erëm gezielt kréien a wou mir elo gären hätten, dass dat uerdentlech gepréift gëtt, well mir wëssen, dass et an anere Länner funktionéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech mengen, et ass un der Politik eng Rei Parameteren ze stelle wat soll ëmgesat ginn, et ass net un der Politik, déi technesch Decisiounen ze huelen, mee op alle Fall ass et un deenen technesche Responsabelen, ze kucken, wat ass technesch méiglech, wat ass technesch net méiglech, wat ass machbar, wat ass net machbar, wat sinn d'Avantagen, wat sinn d'Desavantages an da kann d'Politik tranchéieren.

Et gëtt och ëmmer de Ball vun der Technik un d'Politik gestallt an et ass net un eis, dee Rôle ze huelen, do musse Leit ganz kloer tangibel Argumenter brénge fir dass mir en connaissance de cause eng Diskussioun

kënnen féieren a kënnen eng Léisung fannen. An do ginn oft d'Rolle verwiesselt an dogéint wiere mir eis ganz kloer.

Dat als Stellungnahme zu der Fro, déi vun der Madame Goergen an dem Här Garcia gestallt gouf.

Ufank vum Huis clos.



save the date

